

Et ass awer elo nach net ze spéit, wa mer et fäerdeg bréngen, am Kader vum Conseil de Sécurité eng Resolutioun unzehuelen, déi vun alle 15 Membereën ënnerstëtzt gëtt oder vun der grousser Majoritéit, a besonnesch vun deene fënnef permanente Membereën. Da kënne mer d'Unitéit nees erëmfannen. Hannert "d'insister sur la nécessité que toute action menée en cette matière doit se faire sous l'égide des Nations Unies" steet eis Ennerstëtzung. Wann awer elo dat net géng anrieden, wat ech net hoffen, mee wat awer net eleng an eisen Hänn läit, datt mer eis dann engagéieren direkt hei hinner zrëckzekommen, fir iwwert déi nei Realitéiten ze befannen, wëssend dann, wou d'Responsabilitéite vun engem Non-accord leien.

■ **M. le Président.**- Mme Minister, den Här Ben Fayot géng lech gären eng Fro stellen. Den Här Fayot huet d'Wuert.

■ **M. Ben Fayot (LSAP).**- Mme Burgermeeschter, pardon Mme Minister. **(Hilarité)**

Dir wëllt schreiwen, dass keng Aktioun sech därft maachen, déi net "sous l'égide des Nations Unies" gemaach géif ginn. "Sous l'égide", ass dat e Mandat oder eng Resolutioun vum Conseil de Sécurité? Ass dat domat geduecht?

■ **Mme Lydie Polfer, Ministre des Affaires étrangères et du Commerce extérieur.**- Jo, mee wann Dir e besseeren Ausdrock hutt!

■ **M. Ben Fayot (LSAP).**- Ech wollt lech froen, de Sënn vun deem Wuert "sous l'égide" ass dat e Mandat?

■ **Mme Lydie Polfer, Ministre des Affaires étrangères et du Commerce extérieur.**- Mir ënnerstëtzen, datt gesicht gëtt all Aktioun am Kader vun den Nations Unies...

**(Interruption)**

Här Fayot, elo komme mer dann awer an den Detail. Ech hunn awer kee Problem domat. Ech kréie jo méi wéi 5 Minutten, Här President?

■ **M. le Président.**- Et ass an der Rei, Mme Polfer.

■ **Mme Lydie Polfer, Ministre des Affaires étrangères et du Commerce extérieur.**- Wat kënnt de Problem sinn? Mir schwätze jo hei iwwer eng Situatioun, wou mer de Moment net tous les tenants et aboutissants kennen. De Moment gëtt un enger Resolutioun geschafft, déi besonnesch zwëschent deene fënnef permanente Membere vum Conseil de Sécurité ausgeschafft gëtt. Ech hu virdru kloer gesot, wat déi eng gären hätten, an ech hu kloer gesot - an dat weess jiddfereen, dee sech e bësse mam Sujet ofgëtt -, wat déi aner net wëllen.

Kommen se elo zu enger klorer Resolutioun, jo oder neen? Wann et eng ganz kloer gëtt, dann ass d'Saach méi einfach. Eng kloer wier, wa just d'Konditiounen geëngen opgezielt ginn ouni eng Konsequenz vu Sanktiounen hanendrun. Et kënnt awer sinn - an dat ass heiansdo an der Diplomatie esou, an dat mécht d'Saach net méi einfach, do sinn ech natierlech d'accord -, datt eng Resolutioun erauskeim, wou deen een se géng esou liesen, an deen anere géng se anescht liesen.

An deem Moment kënnten zwou verschidden Aktiounen entstoën opgrond vun enger nämlecher Resolutioun. Wéi nenne mer dat dann? Déi eng soen: "Mir hunn e Mandat.", déi aner net. Ech wier frou, ech biede souguer drëm, dee Moment mat lech nees iwwert déi Situatioun ze schwätzen, wa mer wëssen, wat ass d'Resolutioun, wéi interpretéieren déi eng se, wéi interpretéieren déi aner se. Dat hei sinn alles Diskussiounen, déi mer musse féieren, well mer net genau wëssen, wat et ass. Déi eng kënne e Mandat dra gesinn an déi aner kënne keent dra gesinn. Mir mussen dee Moment awer Stellung huelen.

■ **M. le Président.**- Den Auteur vun der éischter Motioun, den Här Asselborn, huet d'Wuert.

■ **M. Jean Asselborn (LSAP).**- Bon, an der Politik muss een heiansdo d'Saachen net méi komplizéiert maa-

che wéi se sinn. Hei si mer elo an engem Engrenage dran, wou, mengen ech, mer eis op den eegene Schwanz trëppelen.

Dat éischt, dat ass ganz kloer: Mir wëllen allegueren heibannen net - wann ech richtig verstanen hunn -, dass unilateral gehandelt gëtt. Dat huet den Här Rippinger, hunn d'Mme Minister an déi aner Kollege gesot. Sou, mir wëssen, dass d'Charta vun den Nations Unies, den Artikel 51, kee Preventivkrich autoriséiert. De Conseil de Sécurité kann also kee Preventivkrich decidéieren, well deen net an der Charta dra steet.

Elo ass d'Fro un d'Lëtzebuurger Regierung ganz kloer déi heiten: Ass d'Lëtzebuurger Regierung domadder d'accord alles ze ënnerloossen, an där Saach do, bis en Optrag do ass vun den Nations Unies? Dat ass d'Fro. Jo oder Neen? Dat hu mer versicht an eis Motioun dran ze schreiwen.

Ech widderhuelen d'Fro nach eng kéier: Ir eng Décisioun geholl ginn ass vun den Nations Unies, ass d'Lëtzebuurger Regierung bereet alles ze ënnerloossen bis eng Décisioun vu de Nations Unies do ass? Jo oder Neen? Dat steet an eiser Motioun. Ech mengen, mir sollten elo probéieren doriwwer ofzestëmmen.

■ **M. Lucien Weiler (CSV).**- D'Mme Polfer huet während enger Véirelstonn iwwert déi Fro geschwat, déi den Här Asselborn elo just gestallt huet. Eng Véirelstonn laang huet se erklärt, wéi d'Positioun wär.

■ **M. Jean Asselborn (LSAP).**- Ech mengen Dir waart net heibannen.

**(Interruption et coups de cloche de la Présidence)**

■ **M. le Président.**- D'Wuert huet elo den Här Bausch.

■ **M. François Bausch (DÉI GRÉNG).**- Ech wëllt no deene leschten Erklärungen vun der Mme Minister e puer Prezisiounen hunn, fir datt et kloer ass, wat mer herno hei wäerten ofstëmme, well dat ass eis wichteg.

Wann ech dat richtig verstanen hunn, dann ass déi Motioun, déi vun de Majoritéitsparteien erabruucht ginn ass, esou ze verstoen, datt, wann ënne steet déi Aktioun, déi hei zitéiert gëtt, datt dat sech op de diplomateschen Aspekt am Moment berëfft an net op de militäreschen. Ass dat richtig? Hunn ech richtig verstanen, datt d'Regierung am Moment déi do Motioun an deem Sënn géng unhuelen an op den diplomatesche Volet limitéiert, an datt, wann dee soll échouéieren, datt se da frësch virun d'Parlament wëllt kommen, fir eng Debatt ze féieren, wat da soll geschéien?

■ **Mme Lydie Polfer, Ministre des Affaires étrangères et du Commerce extérieur.**- Genau.

■ **M. François Bausch (DÉI GRÉNG).**- Da kënne mir d'Motioun stëmme, Här President.

■ **Une voix.**- Genau esou ass et.

**(Interruptions)**

■ **M. François Bausch (DÉI GRÉNG).**- Neen, "toute action", dat kann och schonn eng militäresch sinn.

■ **Une voix.**- Dat steet jo am Tiret virdrun: "en cette matière".

■ **M. le Président.**- Da wëlle mir elo zur Ofstëmmung kommen. Mir hunn zwou Motiounen. Mir komme fir d'éischt un d'Motioun vum Här Asselborn.

**(Interruptions)**

**Motion 1**

Mir stëmme of iwwert d'Motioun 1, déi vum Här Asselborn abruucht ginn ass.

**Vote**

Wie fir déi Motioun ass, ass gebieden d'Hand an d'Luucht ze hiewen.

Wien ass dergéint?

Wien enthält sech?

Et besteet keen Zweifel, d'Motioun 1 ass ofgelehnt.

Da komme mir zur Motioun 2 modifié. Den neie Wuertlaut ass dee Folgenden:

**Motion 2 modifiée**

*La Chambre des Députés,*

*- rappelant les résolutions pertinentes du Conseil de Sécurité et notamment les résolutions 1154 et 1284 et insistant sur la nécessité que l'Irak se conforme entièrement et immédiatement aux termes de la résolution 1284 (1999) du Conseil de Sécurité,*

*- notant que le retour des inspecteurs du désarmement en Irak est la première étape pour donner l'assurance que l'Irak n'est plus en possession d'armes de destruction massive,*

*- prenant acte que l'Irak a accepté le retour sans condition des inspecteurs du désarmement de l'ONU et que les autorités irakiennes sont prêtes à examiner les arrangements pratiques indispensables à la reprise immédiate des inspections,*

*- estimant que la communauté internationale doit se montrer unie pour maintenir la pression sur l'Irak afin que les inspecteurs du désarmement de l'ONU puissent effectuer la mission qui leur est dévolue dans les meilleures conditions possibles et selon les termes des résolutions pertinentes,*

*- considérant que la nature instable de l'équilibre géopolitique régnant actuellement au Proche-Orient demande à ce que toute décision pouvant affecter davantage cet équilibre soit prise en tenant compte de cet arrière-fond,*

*- se félicitant du soutien des pays arabes qui ont fait pression sur les autorités irakiennes afin qu'elles acceptent les conditions des Nations Unies,*

*invite le Gouvernement,*

à œuvrer au sein des organisations internationales dont il est membre:

*- de continuer à exiger que l'Irak s'engage sans condition à appliquer strictement les résolutions de l'ONU dont celles relatives à l'interdiction des programmes irakiens de fabrication des armes de destruction massive,*

*- d'intensifier leurs efforts diplomatiques et d'explorer toutes les voies de règlement pacifique pour éviter une guerre en Irak,*

*- de soutenir les efforts entrepris au Proche-Orient et notamment par le Quartet tendant à apporter une solution pacifique durable à cette région dans son ensemble,*

*- d'insister sur la nécessité que toute action menée en cette matière doit se faire sous l'égide des Nations Unies,*

*- de revenir immédiatement devant cette Chambre et ses commissions en cas d'échec des négociations au sein des Nations Unies.*

**Vote**

Wie fir d'Motion 2 modifiée ass, ass gebieden d'Hand an d'Luucht ze hiewen.

Wien ass dergéint?

Wien enthält sech?

Et ass keen Zweifel, dass d'Motion 2 modifiée ass mehrheetlech ugeholl.

**(Interruptions)**

■ **M. Jeannot Krecké (LSAP).**- Et gëtt och Enthaltungen, an dat si mir.

■ **M. le Président.**- Et ass an der Rei. Ech huelen dat zur Kenntnis.

Mir fuere weider mat eisem Ordre du jour a kommen zur Diskussioun vum Projet de loi 4977 zesumme mat der Proposition de loi 4908 iwwert d'Aide au Logement.

**(Coups de cloche de la Présidence)**

Dir Hären, d'Sitzung geet weider. Si ass nach net fäerdeg. Ech géng lech bidden nach e Moment opzepassen. Mir schwätzen iwwert d'Aide au Logement. Et sinn ageschriwwen d'Häre Clement, Di Bartolomeo, d'Mme Beisel, d'Hären Henckes, Garcia an Urbany. D'Wuert huet de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Norbert Hauptert.

**5. 4977 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 25 février 1979 concernant l'aide au logement**

**4908 - Proposition de loi portant modification de la loi modifiée du 25 février 1979 concernant l'aide au logement**

Rapport de la Commission des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement

■ **M. Norbert Hauptert (CSV), rapporteur.**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, no deem laangen Ausfluch elo an den Irak, wëll ech erëm op eist Land zrëckkommen, op e Sujet, deen e weéneq méi terre à terre ass, datt heescht de Projet de loi iwwert d'Hëllef vum Wunnengsbau.

■ **M. Camille Gira (DÉI GRÉNG).**- Den Zoustand vum Immobiliemaart.

■ **M. Norbert Hauptert (CSV), rapporteur.**- Nee, vum Wunnengsbau, net vum Immobiliemaart, Här Gira.

Ech mengen, de Problem vum Wunnengsbau, ass e Problem, deen an der leschter Zäit vill diskutéiert ginn ass. Ech ginn elo net op all déi Interventiounen, Interpellatiounen an Hearingen, déi mir an der Kommissioun haten, an. Ech wëll just soen, dass den honorable Mars Di Bartolomeo am Januar 2002 eng Proposition de loi, fir d'Gesetz vun 1979 iwwert d'Hëllef vum Wunnengsbau ze amendéieren, deposéiert huet,...

**(Coups de cloche de la Présidence)**

...dass am Juni de Logementsminister Fernand Boden e Projet de loi iwwer en ähnlechen Amendement deposéiert huet, dass mir dee Projet an d'Proposition an der Chamberskommissioun a sechs Sitzungen diskutéiert hunn, dass mir d'Avise vun deenen eenzele Chamberen a vum Conseil d'Etat analyséiert hunn, an datt d'Kommissioun d'lescht Woch de Rapport, deen Der hei virleien hutt, an der Majoritéit ofge-seent huet.

D'Problemer vum Wunnengsbau - ech wëll se eng kéier kuerz rappeléieren - leien op dräi verschidden Niveauen. Den éischten Niveau ass dee vun dem Uschaffe vum Eegenheem. De Problem ass deen, datt d'Leit, a besonnesch déi jonk Leit, sech et haut praktesch net méi kënne leeschten, fir sech en Eegenheem unzeschafen, dat besonnesch well d'Präisser vun de Bauplätze vill ze deier gi sinn. Dat läit besonnesch dorun, dass vill Leit awer, duerch de Wuelstand, dee mir an eisem Land kennen, egal welleche Präis kënne akzeptéieren, an op där anerer Säit, well mir net genuch Terrainen hunn, déi op dem Maart offréiert ginn.

Firwat ginn net genuch Terrainen offréiert? Engersäits, well engersäits Leit op d'Hausse vun de Präisser spekuléieren an op där anerer Säit awer och, well verschidde Leit hir Terrainen net wëlle verkafen, well d'Besteuerung vun de Plus-Value bis elo ze héich war. Do hu mir jo am Juli hei e Gesetz votéiert, wat während enger Period vun dräi Joer d'Besteuerung vun de Plus-value géng reduzéieren, wou verschidde Leit bis zu 70% vun de Steieren, déi se misste bezuelen, kënne aspueren, wann se an deem Délai vun dräi Joer hir Terrainen verkafen.

Den zweete Problem ass dee vun de Mietwunnengen. Där hu mir net genuch bei eis um Maart. Firwat? Well et einfach net interessant genuch ass, fir an eng Mietwunneng, a besonnesch net an de Logement social, ze investéieren. Well einfach de Rendement, deen ee bei deem Investissement huet, net esou grouss ass wéi den Investissement an iergendwéi e Finanzprodukt. Zweetens, well besonnesch d'Gestioun vun engem "Investissement immobilier" vill méi zäitopwenneg ass mat de Problemer, déi de Propriétaire mam Locataire huet. Duerfir fanne mir net allze vill Intérêt um Maart. An deem Gesetz, wat mir am Juli gestëmmt hunn, ass virgesinn, fir déi Besteuerung vun dem Loyer e weéneq ze reduzéieren, andeem datt besonnesch den "Taux d'amortissement accéléré", deen ee während deenen éischte Jore kann op enger Mietwunnenge applizéieren, vu 4 op 6% an d'Luucht gesat ginn ass.

En drëtten Problem läit méi um Niveau vun de Gemenge selwer, well d'Gemenge retizent si fir grouss "Projets

d'ensemble" ze autoriséieren, well dat fir si herno Nofolgekosten mat sech zitt. Si mussen herno, well dat grouss Projete sinn, kucken, dass se Schoulen a Crèche bauen, an dat si Finanzementer, déi verschidde Gemengen sech einfach net leeschte kënne.

An deene leschte Jore si vill Moossnamen op dem Plang vum Wunnengsbau geholl ginn, besonnesch zënter dem Gesetz vun 1979, wat d'Hëllef am Wunnengsbau festleet; e Gesetz, wat schonn eng etlech Mol hei amendéiert ginn ass; a besonnesch, mengen ech, zënter 1989, säit deem mir en eegestännege Wunnensministère hunn.

Ech wëll elo net am Detail op déi eenzel Mesuren agoen. Da kënne mir maachen am Kader vum "Débat d'orientation", dee mir nach féieren. Ech wëll hei just ernimmen, datt an deene leschten zéng Joer trotzdeem 1,2 Milliarden Hëllef u Privatleit bezuelt gi sinn, wat ongeféier 50 Milliarden aler Frang ausmécht, datt besonnesch - ech fannen d'Zuel vun de Stéit muss een nach méi ervirsträchen - 29.000 Stéit vun der Kapitalsubventioun profitéiert hunn, 38.000 Stéit vun de Zenssubventiounen an 31.000 Stéit hu vu verbëllegten Taux de TVA profitéiert.

Déi kann een net alleguer zesumme rechnen, well verschidde Leit ebe vun zwou Moossname profitéiert hunn, mee et kann een awer soen, datt méi wéi 50.000 Stéit vun deene Mesur profitéiert hunn, datt praktesch bei eis am Land ee Stot vun dräi vun deene Mesur profitéiert.

Haut hu mir e Projet virleien, deen am Fong geholl Moossname proposéiert am Kader vun deem Gesetz. Moossnamen, fir éischtsen Problemer vun haut ze léisen, do denken ech besonnesch un déi Moossnamen um Plang vun der Kreatioun vun neie Wunnengen, an zweetens u Moossnamen, déi Problemer, déi mar op eis duerkomme kënnen, versichen ze évitéieren. Do denken ech besonnesch un déi Mesuren, déi geholl ginn zugonschte vun der "Mixité sociale" an d'Mesuren zugonschte vun der Wunnengsqualitéit an der Qualitéit vun den urbanisteschen Strukturen.

Wat sinn d'Schwéierpunkte vun deem Gesetz? D'Schwéierpunkte vun deem Gesetz leien op dräi verschidden Niveauen: éischtsen, um Niveau vum Accès zu enger Wunneng; zweetens, um Niveau vun der sozialer Mixitéit; drëttsen, um Niveau vun der Realisatioun vu gutt konzipéierte Wunnengen an engem flotten an angenehmen urbanisteschen Umfeld.

Wat deen éischte Schwéierpunkt ubelaangt, do gesäit de Projet eng Rëtsch vu Moossname vir. Déi kann een e weéneq ënnerdeelen an déi Moossnamen, déi geholl gi sinn am Intérêt vun der Uschafung vun engem Eegenheem; zweetens, déi Moossnamen, déi virgesi si fir d'Förderung vun dem Bau vu Mietwunnengen; drëttsen d'Moossnamen zugonschte vun de Leit, déi sech keen Eegenheem kënne leeschten an déi, wéi mir op Lëtzebuergesch soen, nach musse wunne goen; a véiertens, déi Moossnamen zugonschte vun de Gemengen.

Éischtsen, déi Moossnamen, fir den Accès zum Eegenheem ze fördern. Do gëtt et zwou direkt Mesuren, déi am Gesetz virgesi sinn. Éischtsen, d'Statsgarantie, déi de Stat ka gi fir Leit, déi musse Sue léine goen an net genuch Eegegarantien hunn, fir dass eng Bank hinne Sue léint. Déi Statsgarantie gëtt wesentlech an d'Luucht gesat. Si gëtt vun 12.500 Euro Index 100, wat de Bauindex ubelaangt, op 18.750 Euro an d'Luucht gesat, wat ëmmerhin haut e Betrag vun iwwer 100.000 Euro ausmécht.

Déi zweet Measure ass déi, datt eng allgemeng Aféierung vun enger Hëllef fir d'Wunnengsauspueren agefuert gëtt. Firwat déi allgemeng Hëllef fir d'Wunnengsauspueren? D'Spueren ass eng vun de Konditiounen, fir dass een iwwerhaupt vun der Statsgarantie ka profitéieren, well fir vun der Statsgarantie ze profitéieren muss ee virweisen, dass ee während enger gewësser Zäit e gewëssene Betrag gespuert huet. An deene leschte Jore gouf et am Duerchschnëtt ongeféier 20 Stéit, déi vun där Garantie profitéiert hunn. Firwat? Well Leit, déi eng Demande gemaach hunn, am Fong geholl net konnten noweisen, dass se genuch gespuert hunn. Fir also d'Méiglechkeet ze ginn,



dass Leit sech erëm e wéineg méi un d'Spuere winnen, gesäit de Projet hei vir, dass all neigebuere Kand 100 Euro op e Spuerbuch gesat kritt, an der Hoffnung, datt se, bis datt se an den Alter kommen, wou si sech en Eegenheem wëllten uschaffen, genuch Sue gespuert hunn, fir kënnen an de Genoss vun der Statsgarantie ze kommen.

Eng drëtt Measure, déi awer net am Gesetz virgesinn ass, mee déi mer besonnesch herno an de Reglementer wäerten erëmfannen, ass déi vun der Erhéijung vun de Plaffongen. De Wunnengsbauminister huet duerchblécke gelooss, datt d'Plaffonge vun den Aiden an d'Plaffonge vun dem Akommes, deen een net däerf iwwerschreiden, fir vun den Aidë vum Stat ze profitéieren, kënnen an d'Luucht gesat ginn.

Deen zweete Wagon vu Mesuren ass dee vun der Forderung vum Bau vu Mietwunnengen. Do muss ee festhalen, datt de Projet virgesäit, fir den Taux vun der Aide, deen en öffentlechen oder e private Promoteur ka kréie fir de soziale Wunnengsbau, vu 40 op 70% an d'Luucht ze setzen. Déi kënnen souguer 75% ausmaachen, wann den öffentleche Promoteur eng Gemeng ass.

Da gesäit de Projet vir, dass de Stat beim öffentleche Promoteur, deen an de Wunnengsbau fir Studenten, Stagiairen, Léierjongen a Léiermeedercher zum Beispill investéiert, ka bis zu 100% vun de Käschte mat subventionéieren. Bis elo war dat nëmme fir d'Friemaarbechter a fir d'Asylbewerber de Fall.

Här Henckes, à propos Friemaarbechter - an ech wëll vläicht do op Är Fro agoen -, ech mengen, mir hu jo laang an der Kommissioun iwwert dëse Projet diskutéiert, an et ass do kengem agefall, dass do e Problem soll si bei deem Wuert Friemaarbechter. Aus der einfacher Ursach, well deen Ausdrock deemools agefouert gouf well en den Usage vum Ministère gerecht gouf: Am Fong geholl gouf déi Measure getraff fir déi Leit, déi vu baussen eran an d'Land koumen an eng Wunneng gesicht hunn. Fir datt déi net vu profitsüchtige Propriétaires exploitéiert kënnen ginn, déi se eventuell a Wunnenge gefercht hätten, ass déi Measure geholl gi fir datt hire Patron hinne kann eng Wunneng bauen an se do dezent logéiere kann. Duerfir war dat Wuert "Etrangers" bis elo ëmmer am Gebrauch an et stung och ëmmer esou an de Gesetz. An der Kommissioun huet kee sech bis elo doru gestéiert. Duerfir sinn ech iwwerrascht, datt mir elo hei eng Diskussioun doriwwer solle féieren.

Eng drëtt Measure läit doran, datt déi legal Basis geschafe gëtt, datt d'A.s.b.l.en an d'Employeuren, déi Mietwunnenge baue fir hir Aarbechter, Hëllef bis zu 40% kréien, mat engem Plaffong vu 6.200 Euro pro Aarbechter. Déi véiert Measure ass déi, datt d'Fondatiounen, d'Kierchefabriken, d'Hospices civils an den Office social, déi eng Konventioun mam Stat hunn, an déi Wunnengsbau am Kader vum Gesetz vun 1979 schafen, eng Hëllef bis zu 75% vum Stat kënnen kréien. Dat alles also fir de Mietwunnengsbau an der Zukunft nach weider ze fördern.

Da kommen déi drëtt Moosnamen. Dat sinn déi zugonschte vun de Leit, déi am Fong geholl keng Méiglechkeet hunn, fir sech eng eege Wunneng unzeshafen. Dat gëtt et leider nach bei eis am Land. Dat si Leit, déi musse wunne goen an déi musse ganz oft eng héich "Garantie de location" bezuelen. Si mussen emol éischstens e Mount Loyer "d'avance" bezuelen. Zweetens, mussen si nach der Agence eng Kommissioun bezuelen, déi meeschtens ee Loyer ausmécht. Drëttens, mussen se praktesch dräi Méint Garantie virstrecken. Dat ass en Investisement, dee besonnesch fir Leit mat engem klengen Akommes schwéier ze droen ass. Do gesäit de Projet vir, datt de Stat an Zukunft kann eng finanziell Hëllef ginn, fir déi "Garantie locative" hëllefen ze droen.

Eng véiert Moosnam ass déi, déi besonnesch am Intérêt vun de Gemenge läit. Ech hat gesot, dass verschidde Gemengen e wéineg zrëckhalend sinn, wat d'Autorisatioun fir gréisser "Projets de construction" ubelaangt, aus deenen Ursachen, déi mir gesinn hunn. Duerfir ass hei am Projet virge-

sinn, datt, wann am Kader vun esou engem "Projet de construction d'ensemble" d'Gemeng muss nei Crëchen oder Schoule bauen, de Stat bis zu 50% un deem Finanzement kann deelhuelen.

Dann, wa Grénganlagen a Spillplaze gebaut ginn, erëm am Kader vun esou engem "Projet de construction d'ensemble", huet bis elo de Stat kënnen 50% Hëllef fir déi Ausgabe bäisteieren. Déi Hëllef soll vu 50 op 70% an d'Luucht gesat ginn. An de Kader vun deenen Infrastrukturenkäschten, déi op d'Gemenge bei esou engem Projet zoukommen, wéi d'Kanalisation an esou weider, datt mat 50% subventionéiert ginn, ginn an Zukunft d'Infrastrukturkäschte fir d'Telekommunikatiounen a fir stätesch Heizungsanlagen mat erageholl.

En zweete Schwéierpunkt vum Projet ass deen, Moosnamen ze huelen, déi fir eng sozial Mixitéit an eise Wunngebiddern an an eisen Uertschaften ze suergen. Dat sinn Aktiounen oder Moosnamen, déi dozou solle bäidroen, datt mir nach Quartieren hunn an Dierfer, wou Leit vun alle soziale Schichten aus eise Land zesumme kënnen liewen, wat jo e wesentleche Bäitrag zum soziale Fridden duerstellt. Se solle besonnesch verhéieren, datt mir Leit aus därselwechter sozialer Schicht a Ghettoen oder an Héichhaiser pferchen, mat deene Problemer, déi mir aus anere Länner kennen.

Wellech sinn déi Mesuren, déi am Projet virgesi sinn, fir dee soziale Mix ze favoriséieren? Eng éischt Measure ass déi, dass de Projet virgesäit déi Konditioun, déi bis elo bestanen huet, wann e Promoteur e "Projet d'ensemble" wollt realiséieren a vun enger Hëllef vum Stat profitéiere wollt, dann huet e misse weinstens an deem Projet 25 Unitéiten dran hunn, sief dat Wunnengen, wann et sech ëm Wunnengsbau gehandelt huet, sief dat Bauplazen, wann et sech ëm de Verkaf vu Bauplaze gehandelt huet, falen ze loosse. Aus der Ursach, fir eben Hëllef kënnen ze gi bei Unitéiten, déi am Fong geholl e wéineg méi kleng sinn a fir déi grouss Ghettoen, déi grouss Wunnkasären, déi mir aus dem Ausland kennen, ze verhéieren.

Dann ass awer eng zweet Measure am Projet virgesinn, an zwar déi, fir kënnen vun de staatlechen Hëlfelefen ze profitéieren, muss de Projet weinstens 10% Mietwunnengen enthalen, fir datt mir an esou engem "Projet d'ensemble" nieft Propriétaires och nach Leit hunn, déi loune ginn.

Déi drëtt Measure ass eng Measure, déi awer elo schonn am Gesetz dran ass. Dat ass d'Konditioun, datt weinstens 60% vun de Keefer vun esou engem Logement mussen ënnert d'Gesetz vun den Hëlfelefen fir de Logement falen. Déi Konditioun ass also bäibehale ginn, fir datt dee Mix, deen dës Measure bezweckt, och an Zukunft ka garantéiert ginn.

Eng aner Konditioun, fir dee soziale Mix e wéineg ze favoriséieren ass déi, datt de Stat, d'Gemengen an d'Syndikater, déi an hirem Parc locatif eng Rei vu Wunnengen hunn, déi besonnesch vu méi héijer Qualitéit sinn oder duerch hir Situatioun e besonneschen Attrait duerstellen, bis zu 25% vun hire Wunnengen, déi ënnert déi Konditiounen falen, kënnen zu den normale Konditiounen vum "Bail à loyer", an net zu de Konditiounen vum Gesetz vun 1979 iwwert de soziale Wunnengsbau, verlounen. Dat, fir de Gemengen d'Méiglechkeet ze gi Wunnengen aus hirem Parc immobilier u Leit kënnen ze verlounen, déi méi en héije Loyer kënnen bezuelen. Och doduerch soll de soziale Mix nach méi gefördert ginn.

En drëtte Schwéierpunkt läit an der Realisatioun vu gutt konzipéierte Wunnengen an engem flotten an angenehmen urbanisteschen Ëmfeld. Dat besonnesch mam Zil, fir d'Liewensqualitéit vun de Leit vun haut ze verbessere, a besonnesch d'Liewensqualitéit vun de Leit vu mar weider ze garantéieren. Dës Moosnam huet zum Zweck, ze verhéieren, datt mir net op där enger Säit Schlofgemeinschaften bauen an op där anerer Säit "Zones d'activité", mat Grousskafhaiser oder Industriezonen. Duerfir soll ee kucken, datt een an enger Uertschaft e gesonde Mix téschent den Haiser, de Geschäfte, den Administratiounen an de Gréngfläche ka garantéieren a besonnesch, datt een eng Uertschaft oder e

Quartier baut, dee kannerfrëndlech, alters- a behënnertegerecht orientéiert ass. Dat ass deen drëtte Schwéierpunkt, deen an dësem Projet de loi virläit.

Wat sinn do déi Moosnamen, déi virgesi sinn? Éischstens emol ass do de "Carnet de l'habitat", deen als eng vun de Mesuren an d'Gesetz ageschriwwen ginn ass. Zweetens, d'Méiglechkeet, datt een d'Hëllef vum Stat kann differenzéieren nom Verbrauch vum Terrain. Bis elo war et esou, datt d'Hëllef vum Stat am Fong geholl nëmme konnten differenzéiert ginn nom Kritär vum Revenu vun deem, deen d'Demande gestallt huet, oder nom Kritär vu senger Familijsituatioun. An der Zukunft soll nach de Kritär vum Verbrauch vum Terrain mat erageholl ginn.

Eng drëtt Measure oder Moosnam, déi de Projet hei virgesäit, ass net geduecht fir dem Fonds de logement seng Pouvoirs ze erweiden. Et handelt sech ëm Aufgaben, déi de Fonds de logement bis elo realiséiert huet, dat heescht, wou e gesuergt huet, datt a "Projets d'ensemble", déi hie gemaach huet, sief et an der Sauerwiss oder zu Eech, e gesonde Mix vu Wunnengen, Geschäftshaiser an Administratiounen erakéim, fir dem Projet deen urbanistesche Charakter ze ginn, deen en am Fong geholl misst kréien. Duerfir ass an dësem Gesetz och virgesinn, fir d'Attributioun vum Fonds de logement anescht ze definéieren.

Déi eenzel Berufschamberen, dat sinn d'Chambre de Travail, d'Chambre de Commerce, d'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics an d'Chambre des Métiers, hunn en Avis zu dësem Projet ofginn: Avisen, déi heiansdo ganz kritesch sinn, Avisen, déi awer am grouse Ganzen hiren Accord zu dësem Projet ginn. D'Hëlfelefen, déi déi öffentlech Promoteure weider kréien, si besonnesch begréisst ginn, well d'Chambere mengen, datt dat haaptsächlech déi Mesurë sinn, déi op d'Offer vu Logementer op dem Maart kënnen spillen. De Carnet de l'habitat ass begréisst ginn. D'Moosname zugonschte vun der Wunnengsqualitéit a vun der Liewensqualitéit an eisen Uertschaften, an d'Extenssioun vun de Missiounen vum Fonds de logement si positiv bëuecht ginn. Déi eenzeg skeptesch Note, déi besonnesch a verschidden Avisen ze fannen ass, berout op der Aféierung vun enger "Aide d'épargne-logement généralisée". Dat heescht déi 4.000 Frang fir all neigebuere Kand.

De Conseil d'Etat huet sech och mat dem Projet ausernee gesat. Hien huet fonnt, datt et e gudden Projet ass. Hien huet awer gesot, andeems datt hie sech op d'Proposition vum Här Mars Di Bartolomeo deelweis referéiert huet, et hätt een nach kënnen aner Moosnamen an dee Projet eraflësse loosse, ënner anerem d'Förderung vun der Location-vente, déi am Fong geholl am Gesetz haut schonn dra steet. Dann och nach d'Stimulatioun vun de privaten Investissementer an de Wunnengsbau. An drëttens, d'Liberalisatioun vun de Baulandreserven, déi dem Stat gehéieren.

De Kolleeg Mars Di Bartolomeo huet a senger "Proposition de loi" verschidde Moosnamen proposéiert, déi deelweis an dësem Projet dra sinn. Anerer sinn net mat iwwerholl ginn. Ech wollt ganz kuerz déi Moosname vläicht resüméieren. Déi Moosnamen betreffen éischstens d'Kreatioun vun engem "Observatoire du marché du logement". Esou en Observatoire war iwwregens och - an duerfir sinn ech frou, Här Di Bartolomeo, datt Dir dat hei dra geschriwwen hutt, dat gëtt mir d'Méiglechkeet ze soen, datt de Projet de loi esou en Observatoire och virgesinn hat, mee de Statsrot gesot huet, mir sollen deen eraushuelen. Dat wier eng Missioun, déi ganz wichteg wier, mee déi soll am Kader vum Ministère kënnen gemaach ginn.

Da kommen ech op Är aner Mesuren ze schwätzen, déi an der Proposition de loi stinn, do geet et besonnesch ëm d'Augmentatioun vun der Offer vu Bauterrainen a vu Wunnengen zu erschwingleche Präisser; ëm eng Augmentatioun vun de Statshëlfelefen un d'Gemengen, déi jo am Projet de loi

mat dran ass; da besonnesch d'Förderung vun der Formule location-vente, wou de Statsrot drop agaangen ass; eng Augmentatioun vun de Hëlfelefen un d'Stéit, déi jo net direkt hei am Projet de loi steet, mee den Här Di Bartolomeo hat déi a senger Proposition direkt am Gesetz virgesinn, déi awer an engem "Règlement grand-ducal" geholl soll ginn, a wou de Wunnengsbau-minister jo gesot huet, datt en déi géing an d'Luucht setzen.

Da gëtt et nach eng Erhéijung vun der Statsgarantie, déi jo och am Projet dran ass. Dann d'Allocation de loyer, wou awer d'Regierung, déi jo eng "Prise de position" zu dëser "Proposition de loi" gemaach huet, der Meenung ass, dass mer déi net solle berücksichtigen, well déi herno sech erëm géing an dem Loyer, dee gefrot géif ginn, erëmspigelten. Dat heescht dee géing dann automatesch an d'Luucht goen. Dann hat den Här Di Bartolomeo nach eng Extenssioun vun der Missioun vum Fonds de Logement virgesinn.

#### (Interruption)

Dat ass e ganz flotten Numm. Mir hunn ëmmer Schwieregkeeten, fir dat richteg auszedrécken. Jo, dat ass einfach, mee et geet net ëmmer.

Voilà, ech géing soen, dass awer e groussen Deel vun deene Mesuren, déi an der Proposition enthalen sinn, hei am Gesetzesprojet och erëmfonnt ginn. D'Kommissioun huet sech och an hirer Majoritéit der Stellungnahm vun der Regierung ugeschloss. Si huet och de Rapport, deen zu deem Projet gemaach ginn ass, majoritär ugehall. Si proposéiert der Chamber den Text, esou wéi en hei virläit, ze stëmmen.

Ech soen lech merci.

**M. le Président.**- Als éischten Diskussionsriedner ass den Här Mars Di Bartolomeo agedroen. Den Här Di Bartolomeo huet d'Wuert.

#### Discussion générale

**M. Mars Di Bartolomeo (LSAP), auteur.**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Et ass vläicht well et relativ ongewinnt ass, datt en Auteur vun enger Proposition de loi direkt därn nom Rapporteur zu engem Projet de loi schwätzen, obwuel dann et e bësse méi schwierig ass, fir d'Suite mat erliwwer ze huelen. Mee ech soe merci der Kommissioun, datt mer op deen do Wee konnte goen, an datt och déi parlamentaresch Initiativ, déi am Rahme vun den Diskussiounen iwwert de Wunnengsbau abruecht ginn ass, hei an dëser Chamber ka presentéiert ginn an den Deputéierten d'Méiglechkeet gëtt, fir hir Meenung dozou ze soen an herno beim Vote dozou Faarf ze bekennen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, well datt et zu Lëtzebuerg eng regelrecht Präisexplosioun am Bausektor gëtt, well d'Bauplazen an deene leschten zéng Joer zwee- bis dräimol esou deier gi sinn, well de Präis vum Wunne sech verduebelt huet, well d'Wunnen hei zu Lëtzebuerg amgaang ass zum Luxusartikel ze ginn, well et net genuch Wunnenge gëtt, a well déi Wunnengen, déi et gëtt, ze deier sinn, well hir Leit, dat vill beschwuerent Recht op eng dezent Wunneng zum Dram oder zum Alpdram gëtt, well d'Regierung dës Evolutioun, an ech soen dat nach eng Kéier, ouni datt dat falsch verstane soll ginn, dës Entwécklung regelrecht verschlof huet, hat ech am Numm vun der LSAP-Fraktioun viru bal annerhalwem Joer d'Regierung zu der Problematik am Wunnengsbau interpelléiert.

Eis Virschléi, an dat ass och ongewinnt, goufen net ofgelehnt, mee si sollten eis als Basis déngen vun där Orientéierungsdebat, déi d'Chamber decidéiert huet an déi an der Logementskommissioun an der Zwëschenzäit säit enger Rei vu Méint leeft, iwwer eng Rei vu ganz interessanten Hearingen.

Eis Debatten an der Chamber hunn also dozou bäigedroen, datt Bewegung an de Wunnengsbaudossier komm ass. Mir hunn aus dësem Thema hei an der Chamber en Thema schlechthi gemaach, an dat ass och gutt esou.

D'Regierung huet hiren Aktiounsprogramm virgeluegt. Mir hunn eng Proposition de loi ausgeschafft, iwwert déi mer haut och diskutéieren. D'Logementskommissioun huet vill a gutt geschafft, Här President, an d'Regierung

huet ënnert deem Drock eng Rei vun Drénglechkeetsmoosnamen beschloss. Am Juli hu mer iwwer eng Rei steierlech Moosnamen diskutéiert. Haut si mir mat weideren Deelmoosnamen befaasst, déi d'Wunnengsbau-gesetz vun 1979 betreffen.

D'Chamber huet e Gesetzprojet vun der Regierung virleien, deen den Här Haupt elo am Detail a gutt virgestallt huet. An d'Chamber huet déi Proposition de loi virleien, déi ech därn presentéieren. Ier ech dat maachen, wëll ech nach eng Kéier drun erënneren, datt den Ausmooss vun de Problemer am Wunnengsbau esou grouss ass, datt hei eng kohärent, ressortiwwergräifend a partnerschaftlech Approche noutwendeg ass. Mat isoléierte Moosnamen, esou gutt gemengt an esou positiv se och sinn, geet et net duer. Et muss gläichzäiteg fir d'Vergrësserung vun der Offer un erschwingleche Wunnengen a fir d'Verbesserung vun de staatlechen Hëlfelefen gesuergt ginn. Mir mussen eis wierksam Instrumenter ginn, a mir mussen esouwuel bei der Forderung vum Eegenheem, dat ass eng Traditioun, wéi bei den Hëlfelefen fir Leit, déi loune mussen, nei Akzenter setzen, a virun allem vergläichbar vill Hëlfelefen, wat hei zu Land net esou eng Traditioun huet.

An anere Wieder, mir däerfe bei aller Prioritéit fir d'Eegenheem net vergiesse, datt et vill Leit gëtt, déi sech ni en Eegenheem kënnen leeschten. Haut ass et paradoxerweis esou, datt déi ënnert hinnen, déi net d'Chance hunn eng Sozialwunneng ze kréien, guer näischt kréien. Wat ass dat fir eng Logik, déi wëllt, datt déi, déi am Allerschlechtesten dru sinn, guer keng Hëllef kréien, ausser datt se op enger Waardelëscht waarden a vläicht ni drukommen?

All dës Iwwerleeunge sinn am Laf vun de Preparatiounen fir eis Orientéierungsdebat zur Sprooch komm. Ech bedauern dofir, datt duerch déi Hektik, déi verständlecherweis bei der Regierung ausgebrach ass, keng ganz Aarbecht geleescht ginn ass, mee datt mer eng, an ech soen dat erëm eng Kéier esou wéi ech et denken, datt mer amgaang sinn eng Fléckaarbecht ze maachen, wou gutt Elementer derbäi sinn, mee déi awer u sech un dem Ausmooss vum Problem net vill oder net Entscheedendes wäerten hëllefen an änneren.

An da kommen ech zu der mangelnder Koordinatioun, déi mer festgestallt hunn. Deen ee vun de Regierungsmembere bréngt Steiermoosnamen, deen anere verbessert säi Wunnengsbau-gesetz an deen Drëtten huet sech och elo ageschalt, de Minister vum Aménagement du Territoire. Hie këmmert sech an Zukunft ëm urbanistesche Visiounen. Ech hu mat Erstaunen gelies - dat wat mer an der Chamberskommissioun kontrovers diskutéiert hunn -, de Minister vum Aménagement du Territoire wëllt sech an Zukunft ëm d'Uleeë vu Baulandreserve këmmere. Hie wëllt en extrae Fong schafen, dee Baulandreserven uleeet. Här Minister, Dir kënn lech un déi doten Diskussioun erënneren. Et wär vläicht net schlecht, wann de Wunnengsbauminister eng Kéier géing mam Innenminister schwätzen, an den Innenminister eng Kéier mam Wunnengsbauminister. A mir kënnen vläicht dozou bäidroen, well mer den Innenminister och invitéiert hunn, an et vläicht mat eise bescheidene Mëttel fäerdeg bréngen, datt déi zwee, dräi oder véier Regierungsmembere hir Efforte bündelen, a mer dann eppes méi Effikassess kënnen maachen.

Déi heiten Approche ass awer symptomatesch, well se doduerch ënnermauert gëtt, datt mer fir d'éischt eng Rei vu Gesetzter stëmmen. Mir hunn dat am Juli gemaach. Mir maachen et elo, an dann, oh Winner, eng Orientéierungsdebat féieren, nodeem mer d'Gesetz gestëmmt hunn. Dat ass eng Logik, déi net meng ass. Ech hunn ëmmer gemengt, datt een eng Orientéierungsdebat féiert, dann d'Konklusiounen zitt an dann e gebündelte Moosnamepak mécht. Ech kann déi doten Approche nëmmen akzeptéieren, wann et esou bei der Regierung verstanen ass, datt dat hei Mesures d'urgence sinn, déi ganz dréngend noutwendeg sinn, fir iwwerhaupt eppes um Terrain ze bewierken, an datt déi zweet an déi drëtt Serie vu Moosnamen, op Grond och vun deenen Debatten, déi mer am Parlament hei wäerte féieren -



ech hoffe jo, datt mer se nach wäerte féieren, net datt se d'Schicksal vun aneren Orientéierungsdebatten erlëiden -, déi richteg Konklusiounen doraus gezu ginn, an datt mir da selwer, wa mer eis eescht huelen als Parlament, déi Konklusiounen doraus zéien, déi mer aus deenen excellenten Diskussiounen gezunn hunn a wou mer de Wunnengsbauproblem an all senge Facettë matkritt hunn, wat soss net ëmmer sou evident hei war.

Hei gouf en excellenten Iwwerbléck ginn iwwert dat, wat sech um Terrain ofspillt an et goufe virun allem vun deene verschiddenste Säiten, och aus deenen eenzelnen Approchen eraus, gangbar Solutiounen op den Dësch vun der Chamber geluegt, déi den Avantage hunn, datt se nei Pied an nei Perspektiven opmaachen, déi mir vläicht net esou gesinn hunn, mee déi awer zum Deel och vun enger praktescher Approche gekennzeechent wäeren.

An dofir nach eng Kéier, géif ech mir wënschen am Numm vun deene Kolleegen, déi an der Logementskommisioun vill geschafft hunn, sech vill Méi ginn hunn, Här President, ech mengen, Dir kënnt dat bestätegen, datt dat an engem gudden Klima an an engem konstruktive Geescht geschitt ass, datt mer do och herno, op gutt Lëtzeburgergesch, de Sak zoumaachen an dann eise Pefferkär zu där doten Debatt bäidroen.

Dann zum Inhalt vun der Proposition de loi. Den Norbert Hauptert huet op eng Rei vu Punkten higewisen, wou eigentlech de Projet de loi an d'Proposition de loi an déiselwecht Richtung ginn. Mir hunn dat ni gemaach, datt mer an der Chamberskommissioun Urheberrechter op dat eent oder op dat anert geluegt hunn. Et geet eis hei ëm d'Saach an et ass de Leit eigentlech onwichtig, wien dann elo déi dote Mesure als éischt erfionnt huet. D'Hauptsach ass, si gëtt an d'Praxis ëmgesat.

Ech fannen et begrëssenswäert, datt mer eis endlech déi Instrumenter ginn, fir de Wunnengsmaat an all senge Facettë richteg ze erkennen, well dat war e bëssen de Problem an der Vergaangenheet, well mer den Ausmooss vum Phänomeen net erkannt hu wéinst falsche Statistiken. An do si mer eis eens, déi Statistiken, déi mer virleien haten, waren archifalsch, well zum Deel mat Parametere geschafft gouf, déi der Realitéit net entsprach hunn. Et ass gesot ginn, datt de Gemenge beim Bau vu soziale Mietwunnenge vill méi staark gehollef gëtt, bis zu 70 oder esouguer 75 %. Dat ass ee gudden Akzent, wann ee gesäit, datt mir bis elo vun 40% ausgaange sinn.

Et ass richteg datt de Fonds de Logement an déi, déi Sozialwunnenge bauen, oder erschwénglech Wunnengen, wat ech léiwer hunn, sech matbedeelegen un de Folgekäschte bei de sozio-familiären Infrastrukturen an och bei de Schoulen. Ech muss allerdéngs soen, datt dat, wat hei fir de soziale Wunnengsbau géllt, och géllt fir de Wunnengsbau insgesamt, an datt eng ganz Rei vu Gemengen iwwerfuert si mat de Folgekäschte vum Wunnengsbau insgesamt oder vum Wuestem insgesamt, an datt et héich Zäit gëtt, datt déi Versprieche, déi elo zënter annerhalvem Joer vun der Regierung op den Dësch geluegt gi sinn, fir de Gemengen insgesamt méi effikass ze hëllefe bei deenen doten Infrastrukturen, ageleist ginn.

Et ass elo annerhalleft Joer hier, zënter datt de Premier fir d'eischte Kéier dat ugekënnegt huet. Ech hoffen, datt et net nach eng Kéier annerhalleft Joer dauert, well soss muss déi nächst Regierung dat doten a Musek ëmsetzen.

Ech muss och soen, datt déi Hëllef beim Schoulbau, an ech insitéieren op deen dote Beräich, déi am Rahme vu soziale Wunnengsbauprojekten ugekënnegt gi sinn, zu engem Zäitpunkt ugekënnegt gi sinn, wou d'Regierung en anere Projet nach net op den Dësch geluegt hat, an dofir si se an dësem Projet och op 50% limitéiert. An der Tëschenzäit huet d'Regierung awer e Projet op den Dësch geluegt, wou et ëm de Subventionement vu Privatschoule geet, ëm Infrastrukture vu Privatschoulen, am Postprimaire, am Primaire an am Préscolaire, an do, oh Wonner, geet et net ëm eng 50%eg Participatioun, mee ëm eng 80%eg Participatioun vum Stat un den Infrastrukturekäschten.

Ech wëll hei keng Privatschouldiskussion an dësem Moment vum Zonk brieche, mengen awer, datt wa Privatschoulen zu 80% ënnerstëtzt gi vum Stat, datt et nëmme logesch wier, datt d'Kommunalschoulen zu deemselwechten Taux géifen ënnerstëtzt ginn. Ech wëll just soen, den Här Minister lauert drop, fir mer eppes kënnen dozou ze soen, datt d'Primärschoulen an de Südgemengen ënnert dem Stréch am Moment mat netto 5% subventionéiert gi vum Stat. 5%, dat soll ee sech op der Zong zergoe loosse, 5% fir öffentlech kommunal Primär- a Préscolaireschoulen, 80% fir Privatschoule vun allen Typen an Zukunft.

#### (Interruption)

Et ass am Projet dran, Här Minister.

■ **M. Fernand Boden, *Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement*.**- Wéivill méngt Dir dann, datt iwwerhaupt privat Primärschoule géinge gebaut ginn?

■ **M. Mars Di Bartolomeo (LSAP), *auteur*.**- Här Minister, hei geet et net ëm d'Zuel, mee hei geet et ëm de Prinzip!

■ **M. Fernand Boden, *Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement*.**- Dir méngt wuel d'Kongregatiounen, fir emol déi ze nennen. Déi hätten déi nämlechte Aufgabe wéi d'-Gemengen hei am Land. Dann ënnerschätzt Der d'Roll vun de Gemengen, Här Di Bartolomeo. Ech muss lech dat awer soen.

■ **M. Mars Di Bartolomeo (LSAP), *auteur*.**- Ech sinn zu dësem Zäitpunkt enorm fein. Ech hu jo emol nach net verlaangt, datt d'Privatschoule keng 80% solle kréien. Ech hu just verlaangt, datt d'Gemengen och 80% solle kréien. Do dierft Der jo sécher näischt dergéint hunn. Dir waart jo och eng Kéier Kommunalpolitiker. Dir hutt domadder Avantage vis-à-vis vun anere Regierungsmemberen, déi net d'Chance haten, fir och d'Gemengesäit, also den direkte Kontakt mat de Leit kennen ze léieren. Also, Här Minister, zu dësem Zäitpunkt moosse mer d'Regierung dorun, wéi se déi eng Säit a wéi se déi aner Säit behandelt. Ech mengen, dat wär eng kohärent Approche. A fir der Regierung dann och d'Méiglechkeet ze ginn, fir dat doten ze realiséieren, hu mir eis erlaabt, vu datt d'Regierung déi Donnéeën net hat, wéi se de Gemenge 50% ugebueden huet beim Projet d'ensemble, een Amendement auseschaffen, dee mer herno wäerte virléien.

Ech wollt dann nach e puer Wuert soen zu deene Punkte wou de Gesetzesprojet an d'Proposition de loi fundamental differéieren. Mir hate méi Wäert op d'Uleeë vu Baulandreserve geluegt. De Minister huet eis gesot, dat géif parfaitement iwwert de Fonds de Logement goen. Mir mengen awer, datt d'Baulandreserven net eleng d'Affär solle vum Fonds de Logement sinn, mee datt Stat a Gemengen zesumme mam Fonds de Logement, mat anere Promoteurs publics solle Baulandreserven uleeën an datt een..

■ **M. Fernand Boden, *Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement*.**- Dat ass jo am Gesetz virgesinn.

■ **M. Mars Di Bartolomeo (LSAP), *auteur*.**- Dir huet net Onrecht, mee ech hu gesot, datt mer an eiser Proposition de loi méi Gewiicht dorop geluegt hunn, an datt mer mat budgetären Akzenten gerecht haten, fir dann déi dote politesch Volontéit och no bausse ze weisen. An datt mer net eleng do stinn, gesäit een aus der rezenter Pressekonferenz vum Innenminister, deen eigentlech datselwecht gefuerdert huet wéi mir a Saache Baulandreserven.

Dann zu der Ausdehnung vun der Statsgarantie. Dat ass ee vun deene Punkten, déi eis enorm wichteg waren, well wat ass d'Statsgarantie am Moment? D'Statsgarantie, dat heescht d'Biergschaft vum Stat bei engem Prêt vu Leit, déi net genuch ugespuert hunn, an déi net d'Chance hunn en anere Bierg ze hunn. Wat stellt dat am Moment duer? Mee ganz einfach, ech sinn der Meinung, datt déi Statsgarantie, wéi se am Moment praktizéiert

gëtt, e Geheimtipp ass oder eng virtuell Leeschtung, déi kaum vun engem beusprocht ka ginn, well Der vill et net wëssen, a well d'Konditiounen relativ restriktiv sinn.

Ech muss lech awer soen, datt ech net verstinn, firwat datt déi Konditiounen esou restriktiv sinn, well an deene leschten 23 Joer, an Här Minister, Dir kënnt mer dat wahrscheinlech bestätegen, nach net eng Kéier de Stat fir seng Garantie, déi hie gewäert huet, huet misse berappen. Dat heescht, déi Garantie, déi hie ginn huet, war eng virtuell Garantie an déi Leit, déi se kritt hunn, si ganz suergfalteg a ganz disziplinéiert mat där Garantie ëmgangen.

Dofir si mir der Meinung, datt ganz oft feelend Spueraktivitéit, feelend Biergschaft en Hemmschong sinn, fir e Prêt ze kréien, an datt et och bedauerlech ass, an Här Minister, Dir wësst dat och, datt et heiansdo Banke sinn, déi esou oder esou maachen, wann et drëm geet iwwert d'Uschafung vun engem Eegenheem ze decidéieren an doriwwer ze decidéieren, ob ee staatlech Hëllef kritt oder net, well wann zum Beispill d'Spuerkeess den sozialen Tarif net accordéiert aus deem engen oder anere Grond, da kréien déi potentiell Ayants droit déi sozial Hëllef vum Stat net. Ech fäerte ganz, datt déi doten Approche an deen dote Pouvoir vun der Spuerkeess nach aus enger Zäit stammen, wou se regelrecht Statsbank war. Haut gëtt et eigentlech kee Grond méi, fir datt een déi Décisioun an den Hänn vun enger Privatbank léisst, mee dat soll schonn dem Stat iwwerlooss sinn.

Ech mengen, Här Minister, mat enger Ausdehnung vun der Statsgarantie, net eng total ouni Konditiounen, mee Statsgarantie bei Leit, déi kënnen noweisen, datt se während Jore brav a fein hire Loyer konnte bezuelen, do verbrécht een näischt, well déi Leit hunn hir Finanzkapassitéiten nogewisen, an een deen e Loyer kann iwwert Jore bezuelen, Här Minister, dee kann och ee Prêt rembourséieren, dee meeschtens méi niddreg ass wéi dee Loyer, deen hien um fräie Maart muss bezuelen. Dofir war eis Fuerderung an eis Proposition, datt een d'Statsgarantie méi couragéiert wéi am Regierungsprojet soll ausdehnen, datt ee kann op de Wee goe vun enger 100%teger Statsgarantie an datt een op jidde Fall net soll do Barrieren schafen, wou een net méi kann driwer kommen, nëmme well een eventuell keng Méiglechkeet hat, fir unzespieren.

Et ass heiansdo just ee ganz klenge Schritt, ob ee kann zum Eegenheembesëtzer ginn, oder ob ee muss säi Liewe laang engem anere Loyer bezuelen an dann ni zu engem Eegenheem kënnt.

De Käschtepunkt vun där doter Mesure - et gëtt jo ëmmer gesot, mir géife vläicht de Käschtepunkt an d'Luucht driewen - ass minim, an ech hunn dat virduen erwähnt. Wann een als Garantie d'Capacité financière vun de Leit hält an d'Regelméissegkeet vum Zréckbezuelen, geet ee kee Risiko an. An ech mengen, an dat ass positiv, dat muss en och soen, dass déi Diskussiounen, déi mer an der Kommissioun gefouert hunn, och zu enger Unnähierung vun de Standpunkte gefouert hunn. A wa mer haut dat dote Gesetz géife schreiwen, da wäre mer vläicht bereet a méi engem opene Geescht op déi Statsgarantie hinzugeen. Wann ech gelift, e bësse méi Courage op deem dote Gebitt.

Do wou mer och méi Akzent drop gesat hu wéi d'Regierung, dat ass an enger anerer Approche, déi e bëssen ähnlech gelagert ass, fir de Leit, déi kënnen Loyer bezuelen, en Eegenheem ze erlaben. Dat ass d'Formule vun der Location-vente. Jo, ech ginn zou, am 1979er Gesetz ass de Mietkaf scho méiglech. Mee dat gëtt kaum gehandhaabt. Et gëtt isoléiert Fäll wou een, wann ee laang Locataire war, d'Wunneng ugebuede kritt huet, fir se ze kafen, wou en Deel da vum Loyer ugerechent ginn ass. Mee et gëtt net systematesch gemaach. Mir identifizéiere keng Wunnengen, wou een de Leit vun Ufank u seet, déi dote kënnt der nom Leasing-Verfahre kafen. An dat ass déi

Approche, déi mir hunn. Wann ech gelift, wa mer staalech ënnerstëtzen oder gemengenënnerstëtzte Wunnengen bauen, kommt mir identifizéieren en Deel vun deene Wunnengen, déi nom Mietkafsystem kaaft kënnen ginn. D'Leit stelle sech dorop an, a si hunn eng aner Facilitéit, fir zum Eegenheembesëtzer ze ginn.

De Conseil d'Etat fënnt déi dote Piste ganz interessant. D'Chambre de Travail ënnerstëtzt se. Kommt, wann ech gelift, mir ginn op deen dote Wee!

De Minister huet an deem Sënn Recht, dass mer et laut dem 1979er Gesetz scho kënnle maachen. Ma da kommt, a mir sinn och op deem dote Gebitt e bësse méi couragéiert a mir maachen et net nëmme potentiell oder virtuell, mee mir maachen et och an der Praxis.

«Dann eppes wat mir ganz staark um Häerz läit. Dat ass d'Gläichstellung vun den Hëlfe fir Leit, déi op de Wee vum Eegenheem kënnen goen an de Leit, fir déi d'Eegenheem en Dram bleift. Mir, an dat wëll ech och unerkennen, stelle fest, dass mer eng ganz Rei vun neie Projeten op d'Schinn ginn, 9.000 oder 10.000 Wunnenge an deenen nächste Joren. Mee dat ännert awer näischt drun, Här Minister, dass, bis dass mer déi Wunnengen do hunn, nach vill Jore verginn, an en attendant bleiwen déi Waardelëschte beim Fong, bleiwen déi Waardelëschte bei de Gemengen. An dofir hu mir eng Alternativ proposéiert, déi zwar net 100% perfekt ass, mee engersäits, wa mer net genuch Mietwunnengen hunn, déi erschwénglech sinn, solle mer eis akafen am private Marché, a mir sollen déi Wunnengen, déi mer ulounen, zu engem indirekt ënnerstëtzte gënschtege Loyer weiderginn.

A wann all Strécker räissen, da solle mer op de Wee goen, fir e Mietzuschuss ze schafen, dee bis elo tabu war, a wou d'Regierung ëmmer gesot huet, deen ass tabu, well wa mer e Mietzuschuss schafen, da reperkutéiert dee sech automatesch op d'Loyeren. Dat hunn ech och ee Moment gegleeft. Dat kléngt gutt. Dunn hunn ech dat awer e bëssen dréie gelooss an ech hun dat kritesch hannerfrot. An ech hu gefrot, ob d'Regierung dann net un d'Effikassitéit vun hirem Mietgesetz gleeft. Mir hunn e Mietgesetz a laut deem Mietgesetz sinn d'Plafonge festgeluegt. Wann déi Plafonge respektéiert ginn, kann ee jiddefalls net iwwert déi Plafongen goen. A wa Plafongen do sinn, wann déi Wunnengen an der Rei sinn, vertraut de Propriétaires, dass se se net bradéieren. Also, déi Plafonge si realistesch. Firwat da mengen, dass wann een Ennerstëtzung kritt fir säi Loyer, dass dann d'Mietgesetz net méi respektéiert gëtt? Dat ass déi éischt Iwwerleeung, déi ech mer gemaach hunn, an Dir musst zouginn, dass se net onlogesch ass.

An dann déi zweet Iwwerleeung, déi ass vläicht nach méi allichtend. Well déiselwecht Iwwerleeung, déi ee beim Mietzuschuss féiert, kann ee bei sämtlechen direkten Hëlfe beim Wunnengsbau féieren. Well och déi direkt Hëllef beim Wunnengsbau d reperkutéiere sech op d'Präisser vun de Wunnengen. Här Minister, ech hunn lech awer richteg verstanen, dass Dir op d'Fuerderung vun eis, dass déi Hëllef sollen adaptéiert ginn, net Nee gesot hutt? Dir hutt gesot, Dir géift déi Hëlfe adaptéieren. Also, kommt, bmir bleiwen eis logesch. Wa mer bei där enger Säit net den Awand gëlle loosse, dass déi sech op de Maart reperkutéieren, da maache mer et och net beim Wunnengsmaat. Et ass kee gutt Argument, wann een deene Leit seet, déi sech um fräie Maart keng Wunneng kënnen leeschten, mir kënnen lech net hëlfele, well soss geet de Loyer an d'Luucht. Mat esou engem Argument ass deene Leit jiddefalls net gehollef, well si mussen nach ëmmer deen héije Loyer bezuelen, an dee kënnen se sech leider net leeschten.

Fënnefte Punkt, wou et eng Differenz gëtt zwëschen der Proposition de loi an dem Gesetzestext, ass, dass mer aus der Nout eng Tugend gemaach hunn. Well mer keng Règlements grand-ducaux kënnen schreiwen als Deputéierten, hu mer et an d'Gesetz ageschriwwen: d'Erhéijung vun de Hëlfele an d'Erhéijung vun den Akomesplafongen. Akomesplafongen ass sécher dat, wat am direkteste berechtigt ass, well ech mengen, mat

deenen Akommessen, déi mer am Moment als Limiten hunn, ass et heiansdo scho schwéier, fir sech nach kënnen en Haus ze leeschten. An déi Evolutioun, déi mer bei der Baulandpräisser haten, berechtigt, dass mir d'Plafongen no uewen upassen.

Mir hate proposéiert, fir d'Plafonds de revenus - ech muss dat soen - substantiell no uewen ze setzen, ëm 50%. A mir hu proposéiert an eiser Proposition de loi, fir d'Hëlfele ëm 25% ze héijen. Dat ass substantiell, mee et entsprécht net emol annähernd der Präisexplosioun um Wunnengsmaat. Et géing awer verschiddene Leit d'Dieren opmaachen.

Och do seet den Här Minister, mir kënnen dat doten ouni Gesetz maachen. Mir kënnen dat iwwer Règlement grand-ducal maachen. Well mir awer wëllen, dass dat no bei deene Montanten ass, déi mir proposéiert hunn, erlaube mer eis herno eng Motioun an déi dote Richtung anzebréngen.

Dann, do si mir eis eens, méi eng schnell Liquidéierung vun de Hëlfele, an do wou Nout um Mann ass, méi Personal. Well beim Wunnengsbau géllt de Prinzip, wie schnell hëlleft, hëlleft duebel.

Aus den Ausféierunge vum Här Rapporteur, vum Haupesche Norbert, a mengen eegenen Ausféierungen hutt Dir eraushéieren, dass déi Proposition de loi an de Gesetzprojet sech eigentlech net ausschléissen, mee éischter komplementar sinn, dass d'Proposition de loi op enger Rei vu Gebitter méi wäit geet an dobäi och zum Deel op d'Ennerstëtzung vun de berodenen Instanze getraff ass. An och, ouni dass et elo e formelle Vote ginn ass an der Kommissioun, Versteesdemech fir déi eng oder déi aner Moossnam war. Ech mengen, domat avancéieren ech mech net zevill wäit an ech engagéieren och kee vun de Memberen aus der zoustänneger Kommissioun zevill.

Dofir froen ech, dass d'Proposition de loi ganz oder an deenen Elementer, déi komplementar zum Projet sinn, zum Vote gestallt gëtt. Ech hoffen, dass d'Attitud vun der Chamber vis-à-vis vun der Proposition de loi déi wäert sinn, déi mer ëmmer an der Kommissioun begéint hunn, dass een d'Iddi op hire Wäert jugéiert an net dorop, ob se vun engem Majoritéitspolitiker oder vun engem Oppositionspolitiker kënnt. Ech soen lech merci.

■ **M. le Président.**- D'Wuert huet elo den Här Lucien Clement.

■ **M. Lucien Clement (CSV).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'éischt wëll ech dem Här Norbert Hauptert als Rapporteur vum Gesetzesprojet merci soen, fir säin ausféierleche mëndlechen an och schrëftleche Rapport. Hien huet dat gemaach, wéi mer dat gewinnt sinn, op eng ganz verständlech Aart a Weis.

#### (Interruption)

Här Di Bartolomeo, Dir sidd ëmmer ze fréi. Kuckt, elo wollt ech lech och luewen. Ech wëll lech awer nëmme merci soe fir deen Deel, wou Der vun Ärem Rapport geschwat hutt. Dee war och ganz gutt. Gesitt Der, ech hat och un lech geduecht.

#### (Interruption)

Also, d'Wunnengsproblematik ass hei zu Lëtzebuerg zënter engem Joer ee vun den zentralen Theme vun eiser Politik. Jiddereen heibannen ernënnert sech drun, datt mer eis an der rezenter Vergaangenheet heibannen, an awer och an der Logementsskommissioun ganz intensiv an heiansdo och kontrovers mat dësem Sujet ausenaner gesat hunn. Ech denken, Här President, et wäert och net déi leschte Kéier gewiescht sinn, wou mer dat gemaach hunn.

Wat sinn elo d'Enjeuë vun enger Wunnengsbaupolitik? Eng aktiv Wunnengsbaupolitik konditionéiert d'Effikassitéit vum sozio-ekonomesche System vun engem Land. De Logement ass och e wesentleche Facteur vun der Integratioun. Als wichtegst Instrument am Kampf géint déi sozial Exklusivitéit dréit de Logement mat Sécherheet och säin Deel zum soziale Fridde bäi. Weiderhi géif ech soen, dass eng sécher, propere an agréabel Wunneng e wesentleche Kritikär vun all Eenzelen a senger Liewensqualitéit ass. An deem Kontext wëll ech un dat internationaalt Recht



erënneren, dat am Kader vun den Nations Unies élaboréiert ginn ass. Elei steet geschriwwen, datt de Logement ee fundamentaalt Mënscherecht ass. Ech mengen, datt dat eng wichteg Ligne directrice fir eis Iwwerleeunge muss sinn.

Wéi gesäit elo d'Situatioun um Lëtzeburger Wunnengsmaat aus? Schematesch gesot besteet en Décalage tëschent der Offer an der Demande vun de Wunnengen. An anere Wieder, d'Demande ass méi héich wéi d'Offer. Dat provoziert no der Loi du marché normalerweis och méi héich Präisser. Hei sinn awer ganz besonnesch d'-Bauplazzenterrainen dovunner beträff. Et gëtt vill Grënn fir esou eng Situatioun. E wesentleche Grond ass d'Wuesse vun eiser Gesamtbevölkerung. De wirtschaftleche Succès huet, wéi kann et anescht sinn, vill Leit aus dem Ausland op Lëtzebuerg gezunn, fir bei eis ze schaffen, fir bei eis ze liewen, a selbstverständlech dann och bei eis ze wunnen. Dobäi kënn och nach, datt d'Gréisst vun de Famillje progressiv ëmmer méi kleng ginn ass. Fréier hunn zwou bis dräi Generatiounen an engem Haus gewunnt. Dat ware ganz séier sechs bis aacht Persounen. Haut leeft an der Regel nach eng Generatioun an engem Haus oder an engem Quartier, wat dräi bis maximal véier Leit ausmécht.

En plus ass d'Bevölkerung geographesch och net gläichméisseg iwwert d'Land verdeelt, wat de Präisenerscheed vun Bauland tëschent deenen eenzelne Regiounen sécherlech zum Deel erkläert.

Schlussendlech gëtt net genuch gebaut a gëtt och wahrscheinlech ze lues gebaut. Dorop wëll ech zum Schluss vu menger Ried nach kuerz agoen. Am Laf vun de Joren ass de Logement bei eis zu Lëtzebuerg den Haaptausgabeposte vun de Ménagé ginn. Vill Stéit hunn ëmmer méi Schwieregkeeten, fir an eisem Land eng adequat Wunneng zu engem, fir hire Revenu, rasonnable Präis ze fannen. Ganz oft, héiert een a leschter Zäit, gi se dofir an déi no Grenzregioun entweder wunnen, lounen oder si baue sech och nach do en Haus.

Weiderhi wunne vill Stéit zu Lëtzebuerg ënner onzefriddstellende Bedéngungen. Dat ass eng Behauptung, déi einfach, soen ech emol, esou am Raum steet. Ob et och genee esou ass, weess ech net, ech weess och net, ob et heiriwwer fiabel Donnéeë gëtt.

Schlussendlech sinn och nach vill Stéit iwwerschält, well se ze héich Kreditter gemaach hunn, fir de Kaf vun enger Wunneng ze finanzéieren. An ech mengen, hei sinn d'Banke gefuerdert an droen och en Deel u Responsabilitéit. Et ass nach ëmmer méiglech niewent dem Kredit - dee soll ee kréien, dat ënnerstëtzen ech ganz -, deen ee fir en Haus opgeholl huet bei enger anerer Bank oder bei enger Konkurrenzbank, e Prêt fir Autoen oder aner Konsumgidder ze maachen. Stellt sech esou eng Situatioun an, da kënn een emol ganz séier den Hick kréien, wann et ëm d'Zréckbezuue vun där zousätzlecher, duebeler oder dräifacher Belaaschtung geet.

D'Regierung huet mat Sécherheet dës Problemer net an och ni op déi liicht Schëller geholl. Dat beweist hire finanziellen Engagement iwwert déi lescht zéng Joer ewech. An deene leschten zéng Joer huet de Stat ongeféier 1,2 Milliarden Euro an de Logement investéiert. Dat maachen zirka 120 Milliounen Euro pro Joer. D'Unzuel vun de Stéit, déi an de Genoss vun de staatleche Bähëlfele kommen, ass grad esou impressionnant. 29.000 Stéit hu vun den Aides au capital profitéiert, 38.000 vun den Aides aux intérêts, an 31.000 vum Remboursement vun der TVA.

Déi öffentlech Promoteure kruten um Niveau vun den Aides à la pierre bal 183 Milliounen Euro zur Verfügung gestallt. Mä trotz all deenen Efforte konnt d'Offer u Wunnengen d'Nofro net befriddegen. Dat ass eng Tatsaach, déi keen heibanne kontestéiert, géif ech soen, an och d'Regierung wäert dat net kontestéieren.

Aus all dësé Grënn huet dunn de Ressortminister Fernand Boden um Enn vum leschte Joer de Programme d'action logement ausgeschafft. Dësé Programm gesäit zirka 30 Moosssname vir, déi progressiv ëmgemat ginn. Déi

meescht vun hinne mussen dann och an e Gesetzestext gekleet ginn.

Ech erënneren drun, datt d'Chamber deen éischte Volet, dat heescht, de steierlechen Aspekt virun der Summer-vakanz scho gestëmmt huet. Mat enger Rëtsch vu fiskaleschen Ureegunge soll d'Offer u Wunnengen an u Bautorain vergréssert ginn. D'Plus-valuë gi manner héich besteeit, d'Taxe beim Droit d'enregistrement, déi beim Kaf vun engem Eegenheem geschëllt sinn, sinn, wat d'Praxis ubelaangt, praktesch ganz ofgeschafft ginn. De Remboursement vun der Logements-TVA kann duerch déi direkt Applikatioun vum Taux supérieur réduit, denke mer emol, deemno vill méi séier ofgewéckelt ginn.

Den zweete Volet betrëfft d'Reform vum 1979er Gesetz iwwert déi staatlech Bähëlfele am Beräich vum Logement. Dës Reform läit eis haut zur Ofstëmmung vir. Dir gesitt also, dass d'Regierung an d'Logementskommission, déi am Programme d'action logement ugekënnegt Reforme gewëllt ass séier a konsequent ëmzesetzen.

Här President, ech wëll elo nach zu e puer Punkte vum Gesetzesprojet Stellung bezéien. Fir d'éischt wëll ech eng allgemeng Remarque, oder et kann een och soe Kritik, iwwert d'Form vum Gesetzesprojet maachen. Iwwregens hunn ech déi Remarque, déi ech elo maachen, och scho bei anere Gesetzer gemaach, an et fënnt ee se och ëmmer an deene verschiddenen Avisen erëm.

Ech fannen et net gutt, datt dat Dokument, dat déposéiert ginn ass, keen Text coordonné begräift. Dat erschwéiert engem d'Leecture an d'Verständnis vun esou engem Projet. Net jiddereen heibannen ass Jurist, an ech mengen, wann e Jurist wier, da misst en nach all déi Texter a Gesetzer bei Hand hunn, op déi sech dat heite Gesetz berëfft, fir wierklech kënnen eppes domat unzefänken. Dofir riichten ech en Appel un d'Regierung, wéi ech dat schonn e puermol gemaach hu bei anere Gesetzer, datt se ëmmer, wann esou ee Gesetz ofgeännert gëtt, en Text coordonné soll bäileen. Ech géif soen, datt dat am Zäitalter vum Computer net méi der Däiwe vill Aarbecht misst sinn, wéi dat vläicht fréier war, wou nach bal alles op der Schreifmaschinn geschriwwen ginn ass.

#### (*Interruption*)

Oh, Här Mehlen, elo hätt Der kënnen roueg sinn, well ech mengen, Dir sidd jo menger Meinung.

#### (*Interruptions diverses*)

■ **M. le Président.**- Fuert weider, Här Clement.

■ **M. Lucien Clement (CSV).**- Här President, den Här Clement firt virun, wann den Här Mehlen roueg ass.

■ **M. le Président.**- Den Här Clement huet eleng d'Wuert, an déi aner sollen nolauschten.

■ **M. Lucien Clement (CSV).**- E wesentlecht Element vum Projet sinn d'Parcs locaux publics. Am Moment ginn et 4.058 öffentlech Mietwunnengen. Dës Zuel representéiert nëmmen 3,4% vum Gesamttotal vun de Wunnengen, an 11,43% vun der Zuel vun de Mietwunnengen. De Parc locatif, deen ënnert de Regime vum 1979er Gesetz fält, zielt am Ganzen 2.966 Unitéiten, wat 2,5% vum Gesamttotal vun de Wunnengen ausmécht. Ech erënneren drun, datt ënner anerem Stéit mat niddregem Akommes, Famillje mat méi Kanner, al Leit a physisch handicapéiert Leit ënnert dësé Regime falen.

D'Zuel vun den öffentleche Mietwunnengen ass souzesoen net héich. Si geet op jidde Fall net duer, fir déi grouss Nofro zefridden ze stellen. Wat sinn elo d'Grënn fir déi onbefriddend Situatioun?

Vill Gemenge reagéiere retizent, wann et ëm d'Schafe vun öffentleche Mietwunnengen op hirem Territoire geet. Et gëtt Grënn dofir, firwat se esou reagéieren. Si fäerte ganz oft bei grousser Lotissementer een ze schnelle oder e vill ze schnelle Wuesstem vun der Bevökerung op hirem Territoire, wat en zousätzleche Besoin un neien Infrastrukture mat sech bréngt. Nei Infrastrukture bedeuten e weidert

zousätzlecht finanziellt Engagement, dat oft ganz substantiell ass. Aner Gemenge fäerten eng Diminutioun vun hire Liewensqualitéit, sief et an engem spezielle Quartier, sief et vläicht vun hirem ganzer Lokalitéit.

Doniewent ass och dat finanziellt Engagement vun enger Gemeng beim Bau vu Sozialwunnengen sécherlech net ze négligéieren, oder ze ënnerschätzen.

De Gesetzprojet gesäit elo eng massiv Erhéijung vun de finanzielle Mëttele vir, déi de Stat den öffentleche Promoteuren, an dorënner fale selbstverständlich och d'Gemengen, zur Verfügung stelle kann. D'Objektiv ass, fir d'Gemengen ze encouragéieren méi Mietwunnengen ze bauen. De Stat hëlleft elei de Gemenge substantiell, datt se hire Responsabilitéiten am Beräich vun der Wunnengspolitik kënnen gerecht ginn.

Wéi gesäit elo dës finanziell Ennerstëtzung konkret aus? Dem Stat seng finanziell Bedeelegung ka bis zu 70%, souguer 75% a verschiddene Fäll vum Baupräis oder vum Acquisitiionspräis bei Mietwunnengen goen. 75% si méiglech bei engem Projet, deen a sech nëmme Mietwunnengen virgesäit. Weiderhi kann de Stat bis zu 50% vun de Käschte bei der Schafung vun Erzéiungs- a Garderieinfrastrukturen droen. Bei der Schafung vu Spillplazen a Gréngflächen huet de Stat d'Méiglechkeet bis zu 70% vun de Käschten ze droen. Déi finanziell Ennerstëtzung vun de Gemengen duerch de Stat am Kader vum soziale Wunnengsbau ass also considérabel augmentéiert ginn. Ech mengen, datt dës Moosssnamen dozou bäidroen wäerten, de soziale Wunnengsbau säitens de Gemengen ze fördern. Och d'Akzeptanz dierft duerch esou Moosssname vläicht méi grouss ginn. Och nei Infrastrukture ginn zu engem ganz groussen Deel matfinanziert. Et ginn och Infrastrukture gefördert, déi d'Liewensqualitéit net nëmmen ënnerhalen, mee déi d'Liewensqualitéit esouguer verbesseren an erhéije kënnen.

Ech riichten hei awer en Appel un d'Regierung, datt dës Subventiounen, déi de Gemengen duerch dës Gesetz zougestane ginn, séier un d'Gemengen ausbezuelt ginn. Et däerf net sinn, datt d'Gemenge jorelaang op dës Sue waarden, well 75% vun engem gréisere Lotissement kënnen de Budget vun enger klenger oder mëttlerer Gemeng ganz zolidd belaaschten. Och wann een an Aussicht gestallt kritt als Gemeng, datt d'Sue rembourséiert ginn, huet esou e Prêt awer negativ Auswirkungen op de Fonctionnement vun enger Gemeng. Dat géllt och fir de Fall, an ech ginn emol dovun aus, datt dat esou ass, wou 100% vun den Zësen iwwerholl ginn. Hei misst een dozou soen, datt méi ee schnell Ofwéckele vum Remboursement d'Gemenge mat Sécherheet befriddegt, an de Stat nach Sue spuert, well en d'Zëse jo net brauch matbezuelen.

Ech wëll elo nach e puer Wuert zum Avis vun der Chambre des Métiers soen. Si ass am Prinzip averstanen, datt d'Schafen an d'Gestioun vu soziale Mietwunnengen an de Ressort vun de Promoteurs publics falen. Si fuerdert awer en Audit approfondi, fir d'Grënn erauszefannen, firwat déi privat Promoteure sech net méi, oder sech net a méi engem grousser Mooss fir de Bau vu soziale Wunnengen interesséieren. Ech ënnerstëtze voll a ganz d'Fuerderung no esou engem Audit. Ech mengen, et kéim, wann een d'Grënn emol herausfonnt hätt, eng zousätzlech Dynamik an dësé Marché eran, wa sech och privat Promoteuren dofir interesséieren géifen. Et kënn ee sech vorstellen, vu datt d'Konditiounen fir déi Privat déiselwecht si wéi fir de Promoteur public, d'Flexibilitéit an d'Offer méi grouss an den administrativen Opwand mat Sécherheet méi kleng géife ginn. Dofir wär et wichteg, dass een dës Ursaache wierklech analyséiere géif.

Wat déi privat Mietwunnengen betrëfft, fuerdert d'Chambre des Métiers, datt dës Beräich éischter am Ressort vun de Privatpromoteure soll bleiwen an och weiderhi soll mat deene Moosssnamen ënnerstëtzt ginn. Si dréckt hire

Wonsch aus, datt d'Gesetzgebung iwwer de Bail à loyer séier reforméiert gëtt. An dësem Kontext verlaangt se haaptsächlech, datt d'Differenziatioun tëschent de Wunnengen, déi vum zweete Weltkrich, an deenen, déi nom zweete Weltkrich gebaut gi sinn, soll opgehewe ginn.

En anere wichtige Punkt vum Gesetzprojet ass d'Méiglechkeet, déi de Stat, d'Gemengesyndikater an de Fonds de Logement hunn, fir verschidde Wunnengen aus hirem Parc locatif ënnert dem Régime vum Bail à loyer-Gesetz vun 1955 verlounen ze kënnen. D'Konditioun heifir ass, datt dës Wunnengen vun enger aussergewöhnlecher Qualität, an oder Lokalisatioun sinn. Weiderhin däreften net méi wéi 25% vum concernéierte Parc locatif ënnert d'Bail à loyer-Gesetz falen. Den Objektiv vun dëser Dispositioun ass, fir eng sozial Mëschung an déi verschidde Quartieren eranzekréien. An anere Wieder, et geet drëm, fir d'Ghettoen an d'sozial Spannungen ze vermeiden.

D'Chambre des Métiers ass kategoriesch géint dës Moosssnam. Si ass der Meinung, datt déi öffentlech Promoteuren, déi subventionéiert ginn, de private Promoteuren, déi keng direkt Subventiounen kréien, eng direkt Konkurrenz géife maachen. Ech mengen, datt dës Suerg awer nëmmen zum Deel berechtigt ass. Et muss ee just oppassen, datt et net zu engem onlautere Wettbewerb an dësem Domän kënn.

E leschte Punkt vum Projet de loi betrëfft d'Extensioun vun de Missiounen vum Fonds de Logement a seng Embenennung an de Fonds pour le Développement du Logement et de l'Habitat. Dem Fong seng Missiounen beschränke sech net nëmme méi op d'Schafe vu Sozialwunnengen, mee si gi wäit doriwwer eraus.

D'Chambre des Métiers gesäit d'Ausweitung vun dësen Aufgabe mat kriteschen Aen. Si fäert, datt de Fong den Entreprises aus dem Privatsecteur eng deloyal Konkurrenz mécht. Weiderhi gëtt gefuerdert, datt de Fong all de Regelen vum Marché public ënnerworft gëtt. Mee souwuel d'Regierung huet hei hir Argumenter, fir net doran anzewëlegen, wéi d'Chambre des Métiers, oder d'Fédération des Artisans, déi hir Fuerderungen stellen, déi Argumenter hunn. Gëtt de Fong dësé méi strikte Regeln ënnerworft, hält dat dem Fong vill vu senger Flexibilitéit. En plus, ginn d'Prozeduren, déi souwisou scho laang sinn, menger Meinung no, nach onnëtz verlängert. Dësweidere sinn ech perséinlech der Meinung, datt bei deene strikten Ausschreiwungen, deene méi klenge Lëtzeburger Handwerksbetrieber munch Optrag da géif laanscht d'Nues goen.

Ech hoffen, datt ee sech an dësem Fall op e Kompromëss eenegen kann, wou de Fong eventuell no de Regelen vum CRTIB ausschreift, an iwwert dës Manéier wäert vläicht den Doléancé vun der Chambre des Métiers Rechnung gedroen, wéi och de Vuë vun der Regierung an dësem Projet.

Als Ofschloss wëll ech nach e puer méi generell Remarque maachen. Et gi Stëmmen aus der Oppositioun, an dat hu mer an der Kommissioun héieren, déi soen - elo ass den Här Bartolomeo net méi hei - ,...

■ **M. le Président.**- En héiert dobaussen!

■ **M. Lucien Clement (CSV).**- ...datt d'Orientéierungsdebatte elo sans objet ginn ass. Ech deelen dës Meinung awer ganz a guer net. Och nom Vote vun dësem Projet ginn et nach e ganze Koup Saachen an der Wunnengspolitik, déi kënnen, oder souguer mussen reforméiert ginn. Dat ass den Objet vun der Orientéierungsdebatte, déi am Prinzip, géif ech soen, Enn 2002 oder am Januar 2003 stattfanne misst.

Ech wëll dat un Hand vun e puer Beispiller, ouni wëllen der Orientéierungsdebatte virzepräifen, bewisen.

Éischtens mussen d'Prozeduren am Urbanismus, dat heescht, d'Gesetz vum 12. Juli 1937 iwwert den Aménagement des villes grëndlech iwwerschaft ginn. Déi administrativ Prozeduren um Niveau vun de Bebauungspläng an de Baugenehmungesinn ze schwéierfällg an daueren och ze laang. Hei gëtt déi duebel Kompetenz

vum Innenministère an de Gemenge gefuerdert. D'Handwierkerkummer berëfft sech op eng Etüd vun der Association luxembourgeoise des Organisateurs de la Construction, ALOC, déi weise soll, datt d'Problemer um Wunnengsmarché och zum Deel an der Schwéierfällgkeet vun den administrativen Prozeduren leien. Wann een dës Etüd gleewe kann, da wär am Moment eng Bausurface vun ongeféier enger Millioun m² um Instanzewee, fir autoriséiert ze ginn.

Dat entsprécht genee 5.000 Appartements an 800 Einzelwunnengen. Ech kann dës Zuelen net iwwerpräifen, mä wann dës Zuele richtig wieren oder sinn, géif dat awer vill Froen opwerfen, an da misst eng Reform esou séier wéi nëmme méiglech ëmgemat ginn.

Zweetens muss d'Bail à loyers-Gesetz nach reforméiert ginn. Den Investissement a Mietwunnengen muss erëm méi interessant ginn. Dat ass am Programme d'action logement virgesinn. Interessant gesinn ech net onbedengt eleng de finanzielle Plang. Ech sinn der Meinung, dass d'Rechter an d'Flichten op déi zwee Partner, dat heescht, de Propriétaire an de Locataire, à part égale mussen verdeelt ginn. Geschitt dat net, bleiwen och an Zukunft mat Sécherheet finanziell fir all Mënsch erschwinglech Wunnengen, ech soe just déi, fir déi vläicht net esou een héije Loyer gefrot gëtt, eidel stoen.

Et ass esou an der Praxis, dass wa bei Wunnengen, déi nach ëm déi 10.000, 12.000 oder 15.000 Frang léien, wat eeler Wunnengen sinn, wierklech déi Rechter a Flichten net vu béide Partner kënnen agehale ginn, oder mussen agehale ginn, an dann ass deen ee Partner éischter gewëllt, fir se eidel stoen ze loossen, an dat ass am Prinzip eigentlech Schued, well dat si just déi Wunnengen, déi an déi Kategorie falen, wou mer soen, wou mer der net genuch hunn.

Drëttens muss ee sech Froen stellen, ob een um fiskaleschem Plang nach nobessere kann. Fir d'Bauspuere méi interessant ze maachen, muss ee sech Gedanken iwwer eng Erhéijung vum Abatement fiscal maachen. Am Moment läit den Abatement beim Bauspuere bei 670 Euro fir e Jonggesell. Dat ass am Prinzip e bësse weeneg. Firwat kann een net dësé Betrag erhéien? D'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics huet hei konkret Propositionen gemaach. Si proposéiert 1.500 Euro fir e Jonggesell, 3.000 Euro fir eng Koppel, plus nach eng Keier 1.500 Euro Fräibetrag fir e Kand.

Eng weider Méiglechkeet wier e gesetzleche Kader, fir e Fonds d'investissement immobilier ze schafen, wou den Investisseur e gewëssene Betrag vun der Steuer ofsetze kënn. Laut mengen Informatiounen sollen esou Immobiliéifongen an Däitschland relativ gut fonctionnéieren.

Et kann een nach aner vill Beispiller opzielen, déi zur Verbesserung vun der Logementspolitik bäidroen kënnen. Ech wëll awer hei net der Orientéierungsdebatte virgräifen, eng Debatte, vun där ech mer perséinlech nach ganz vill Impulser erwaarden. Impulser awer och, déi aner Ministère betreffe wéi dee vum Logement. Dat beweist nach eng Keier, datt et richtig war, fir dës Gesetz séier ëmzesetzen.

En Débat iwwert de Logement verléiert dofir mat Sécherheet net u Wichtigkeet an och net u Wierksamkeet. Ech fannen d'Virgehensweis vum Minister Boden, fir dat Gesetz hei elo op den Instanzewee bruecht ze hunn an och ofstëmmen ze loossen, richtig. Ech kann dat nëmmen ënnerstëtzen. Ech kann do mäi Frënd, de Mars Di Bartolomeo, net ënnerstëtzen, wann hie seet, dat wier Fléckaarbecht.

#### (*Interruption*)

Et ass guer net onorthodox, well et sinn e ganze Koup Moosssnamen getraff ginn an deem heite Gesetz, wou och den Här Di Bartolomeo der Meinung ass, datt se gutt getraff gi sinn, an datt se och séier sollen ëmgemat ginn. Et kommen nach e ganze Koup Suggestiounen, mengen ech, déi mat dem heite Gesetz herno en fin de compte guer näischt ze dinn hunn, oder wäerten ze dinn hunn. Dofir war et wichteg, datt mer dat hei gemaach hunn, a mir sollen eisen Débat féieren. Den Här Minister Boden huet eis an der Kommissioun gesot, datt en och doraus nach kënn Konklusiounen zéi-



en, wat déi eenzel Reglementer géif betreffen, wann en déi hëlt.

Schlussendlech hoffen ech dann awer, datt de Gesetzesprojet, dee mer haut virleien hunn, eng breet Zoustëmmung an der Chamber fanne wäert. Et ass a mengen Aen e modernen Text, e sozial gerechten Text. E wäert mat Sécherheet säin Deel dozou bäidroen, fir de Wunnengsbau an de soziale Wunnengsbau hei zu Lëtzebuerg nei ze dynamiséieren.

Am Numm vun der CSV-Fraktioun ginn ech selbstverständlech och den Accord zu deemem Projet, an ech soen lech alleguerten, déi heibanne waart, merci fir d'Nolauschteren.

**M. Ie Président.-** Als nächst Riednerin ass d'Mme Simone Beissel agedroen. D'Mme Beissel huet d'Wuert.

**Mme Simone Beissel (DP)-** Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'éischt wëll ech och dem Rapporteur Norbert Hauptert merci soen, fir säin excellente Rapport, an doniewent awer och dem Mars Di Bartolomeo, fir seng engagéiert Presentatioun.

Ier ech op déi eenzel Dispositiounen vum Projet de loi iwwert d'Aides au logement aginn, well ech drun erkennen, datt de Sënn an den Zweck vun der Debatt vun haut e Gesetzesvorschlag vun der Regierung ass, mä do virdrun och deelweis fousst op d'Proposition de loi vum Mars Di Bartolomeo. Dat ass awer och de Grond, an ech well dat esou ëmräissen, firwat ech haut net de Gesamtëmschlag vun der Logementsproblematik wäert maachen, mee just e puer wesentlech Realitéite wäert ervirhiewen.

Här President, mir hunn hei e Projet virleie mat enger Rei vun neien Dispositiounen, déi d'Gesetz vun 1979 modifizéieren, an déi esou ze soen an enger Linn leie mam Koalitionsaccord vun 1999. Ech zitéieren: "Le Gouvernement mènera, en étroite collaboration avec les communes et les promoteurs publics, une politique active du logement. Une attention particulière sera accordée dans ce contexte à la gestion du sol et à la spéculation foncière, afin de promouvoir un développement du logement à l'intérieur des agglomérations et d'éviter la rétention, à des fins spéculatives, de places à bâtir immédiates constructibles." An nach eng lescht Zitatioun: „ En vue de constituer à moyen terme un parc de logement locatif répondant aux besoins de la population, le Gouvernement procèdera à une majoration sensible du taux de subvention, accordé aux divers promoteurs publics, lors de la création de logements sociaux locatifs."

Dës an aner Initiative fanne mir zum Deel an deenen dräi Gesetzer iwwert d'Steieren, d'TVA an den Enregistrementsstaxen an och am Projet de loi, dee mir haut diskutéieren, erëm. Et versteet sech natierlech vun eleng, dass, vu d'Situatioun vum Logementsmarché dëse Grapp vu Mesuren net duergeet, fir eng substantiell Verbesserung op d'laang Dauer erbaizeféieren. Well d'Regierung sech fir eng global a regional Strategie am Beräich vum Logement entscheet huet, dierf een domat rechnen, datt op kuerz oder laang zousätzlech Mesure proposéiert ginn. Ech hunn dat jo och an der Kommissioun gesot, an ech wëll dat nach eng Kéier hei ervirhiewen. Mir sinn um richtige Wee, mä mir sinn amgaang e grouse Puzzle ze bauen. Mir sinn elo bei deenen éischte Stécker eréischt amgaang, déi dëse Puzzle sollen zesummesetzen an et mussen nach e Koup aner Mesuren onbedéngt kommen.

An deem Kontext huet d'Chamber mat der kommender Orientéierungsdebat iwwert de Logement, déi jo a Virbereedung ass, d'Méiglechkeet hir Verbesserungsvorschläi virzedroen. Meng Fraktioun wäert am Kader vun dëser Orientéierungsdebat op déi eenzel Volete vun der Wunnengsproblematik agoen, an dofir wäert ech mech haut méi punktuell op de Projet de loi a seng Objektiv limitéieren. Ech géif et nämlech Schued fannen der Orientéierungsdebat, déi verspricht ganz interessant a breetgefächert ze ginn, zevill virzepräifen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, eis ganz Gesellschaft huet sech an de leschte Jore bedeitend verännert. Selbstverständlech muss dës wirtschaftlech a sozial Evaluatioun berücksichtegt ginn, wann ee laangfristeg d'Evolutioun vun der Offer a vun de Präisser um Wunnengsmaat wëllt duerch wuel iwwerluegte Léisungsvorschläi beaflossen. Mir wëssen alleguerten, datt d'Problematik um Wunnengsmaat zu Lëtzebuerg relativ komplex ass. Engersäits sinn d'Präisser vun den Terrainen an de Logements en propriété extrem héich, wat mat sech bréngt, datt vill Leit finanziell net d'Méiglechkeet hu sech en Eegeheem unzeschaffen, anerersäits gëtt et net genuch Wunnengen um Lokationsmarché.

Dësen Déséquilibre tëschent der Demande an der Offer vu Wunnengen ass - an dat wësse mer, et ass haut ënnerstrach gi vun alle Säiten - haaptsächlech op sozio-ekonomesch an demographesch Realitéiten zrëckzeféieren D'Resultat awer ass déi sougenannte Pénurie vum Logement. Mä ech soen déi sougenannten, well ech hunn d'Impressioun, datt den Term vu Pénurie net 100%teg richtig ass. Et geet éischter ëm Inéquatioun oder Distorsiounen tëschent der Offer an der Demande.

Schonn 1993 huet d'Mme Brasseur am Kader vun den Debatten ze enger Modifikatioun vum Gesetz vun 1979 iwwert d'Aides au Logement d'Facteurs opgezielt, déi vill zu där sougenannter Pénurie bäidroen, Facteurs, déi haut och nach ëmmer richtig sinn.

Eishtens de stännege Wuesstem vun eiser Populatioun.

Mer wëssen, datt zënter 1991 an 2001 57.000 Leit méi an eisem Land wunnen, Leit, déi all oder vill vun hinnen eng Wunneng musse fannen.

Zweetens, dat ass och schonn ugeklommen, d'Zesummesetzung vun de Familljen huet sech am Laf vun der Zäit verännert. Ufanks dem 20. Joerhonnert huet en Haushalt an der Moyenne aus fënnf Persounen bestanen, 2001 sinn et nach just 2,56 Persounen. Déi jonk Leit zéien ëmmer méi fréi vun doheem aus, an ëmmer méi eeler Leit bleiwen hautdësdaags doheem. Oft eleng, mee esou laang wéi se et packen, versiche se an hirem Haus ze bleiwen. Schonn eleng dës Entwécklung géing bei gläichbleiwender Zuel vun Awunner verlaangen, datt parallel dozou awer d'Zuel un disponibel Logementer géing wuessen. Dobäi kënnt dann d'Zuel vun de Baugenehmegungen déi, op dräi Joer gekuckt, réckleefeg ass, och wann d'éischt Semester 2002 erëm eng aner Tendenz opweist, mat engem Plus vun 11,3% par rapport zu 2001. D'Grënn, déi fir dës Entwécklung oft genannt ginn, betreffen deelweis d'Gemengen, déi sech ëm d'Liewensqualitéit vun hire Stiet, respektiv Dierfer Suerge maachen, wa se ze séier an ze vill nei Leit bäikréien.

Zousätzlech erfuerdert d'Wuesse vun enger Gemeng eng ganz Rei vun noutwendegen Infrastrukturen, déi mat héije Käschte verbonne sinn, an oft net genuch vum Stat subventionéiert gi sinn. D'Bedenke vun de Gemenge sinn an deem Sënn duerchaus ze verstoen an och gerechtfäerdigt.

Den zweete Punkt - dat ass och ugeklommen - ass déi Schwéierfällgkeet vun de Prozedure bei den Autorisatiounen, mee ech mengen, dat ass ee vun de Punkten, dee mer an der Orientéierungsdebat onbedéngt mussen op de Métier huelen, fir ze kucke, awéiwäit mer dat kënne méi effikass gestalten.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Stat huet am Laf vun de vergaangene Joren eng Serie vun Dispositiounen ergraff, fir dëser déséquilibreierter Situatioun um Wunnengsmaat Meeschter ze ginn. Am Rapport vum Norbert Hauptert steet eng global Lëscht, hien huet se och ugedeit, an där all dës Instrumenter opgezielt sinn. An dem Sënn wëllt ech just e puer Wierder zu all deenen Aiden, Primen, Subventiounen a Bonifikatiounen soen, déi de Stat ubitt, fir engem Maximum u Leit den Accès zu engem Eegeheem ze erméiglechen.

Öfters gouf awer just dës Subventiounspolitik kritiséiert, well se eischtens extrem deier ass, an zweetens ausschliesslech un d'Demande um Wunnengsmaat gerichtet ass. D'Chambre

de Commerce seet zum Beispill an deem Kontext: „Ces mesures peuvent être efficaces et opportunes lorsque l'offre de logement peut suivre la demande croissante de logement. A défaut, la politique de subventions au logement s'avère inefficace à maint égard et surtout du point de vue budgétaire."

Tatsächlech ass et net vun der Hand ze weisen, wann d'Chambre de Commerce an d'Chambre des Métiers awer drop hiweisen an unerkennen, datt all déi Subventiounen ganz ville Leit zu engem Eegeheem verholfen hunn. Gläichzäitig awer huet sech d'Demande kontinuierlech vergréssert. An, wa mer éierlech sinn, an et ass schonn ugeklungen, et ass zwar net 100%eg ze beweisen, mee ech menge mer dierfen eis net der Illusioun higin, datt op d'mannst verschidde vun de Propriétaires vun Terrainen oder Wunnengen all dës staatlech Hëllef net an hire Verkaufspräis verrechent hätten. Dës Fakte ginn och am CGFP-Avis, dee mer jo elo zougestallt kruten, zitéiert. D'CGFP seet, dass déi Fakten "dévorent rapidement les aides que l'Etat accorde, et qui sont détournées de leur destination."

Dobäi kënnt, datt d'Situatioun um Lokationsmarché bei wäitem net optimal ass, an dat virun allem well mer e Mietgesetz hunn, an ech mengen, dat ass hei vun alle Bänken ugeklungen, dat anakronesch a kontraproduktiv ass, well et net méi der Realitéit um Terrain ugepasst ass. Mir hunn dat Gesetz wuel op e puer Punkten adaptéiert, mee dat bréngt leider nach kee Propriétaire dozou, fir eeler Wunnengen ze verlounen, well do den Héichsaz, deen ee pro Zëmmer ka froen, esou niddreg ass, datt vill Propriétaires et virzéien, hir Wunnraum eidel stoen ze loossen. Allerdéngs ass dat just dee Wunnraum, dee virun allem fir déi Leit accessibel ass, déi net esou gutt do stinn, esou datt, fir déi sougenannte Pénurie ze behiwen, eng Reform vum Loyersgesetz eng absolut Prioritéit ginn ass.

Natierlech ass déi nei Mesure, fir den accélérierten Amortissementssaz vu 4 op 6% ze héijen, e wichtege Schrëtt, fir d'Locatioun vun Immobilien interessant ze gestalten. Et gëtt awer nach eng Rei aner Problemer, déi misste geléist ginn.

Fir ons als DP gëtt et mindestens zwee Punkten, déi séier sollen op de Métier geholl ginn. Éischtens muss d'Differenz tëschent de Wunnengen, déi virum 1. September 1944 gebaut goufen, respektiv déi duerno gebaut goufen, definitiv opgehuewe ginn. Dat Gesetz vun 1955 ass geholl gi mat deene Moosnamen zu enger Situatioun op de Marché, deen awer trotzdem net mat dem heite vergläichbar ass, an et misst wierklech schnellstens gemaach ginn.

Zweetens soll niewent den Interesse vum Locataire awer trotzdem net déi vum Propriétaire op der Streck bleiwen. Et geet net drëms fir einfach de Propriétaire d'office ze verdäiwelen. Mir wëssen och, datt et e Koup Locataire gëtt, déi schlecht Bezueler sinn, et gëtt Locataires, déi heiansdo hir Logementer an engem katastrophalen Zoustand un de Propriétaire zrëckginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech hu virdrun drop higewisen, datt oft d'Demande um Wunnengsmaat vill stimuléiert ginn ass am Géigesaz zu der Offer. Well d'DP grondsätzlech der Meenung ass, datt e Rapprochement vun der Demande an der Offer nëmmen iwwert de Wee vun enger aktiver Wunnengspolitik ka geschéien, déi sech intensiv mat der Offer beschäftigt, an do nei Massstäb setzt, begréisst meng Fraktioun natierlech, datt de Projet de loi iwwert d'Aides au logement nei Dispositiounen virgesäit, déi sech engersäits un d'Offer rüchten, an anerersäits d'Locationsmarché ukuerbele sollen.

Ee vun den Haaptobjektiver vum Projet de loi, dee mer haut virleien hunn, betrëfft jo de Parc locatif public, deen insgesamt 11,43% vun dem Logement locatif ausmécht. Fir de Parc locatif public auszeweiden, gesäit dëse Projet vir, d'finanziell Mëttelen vun de Promoteurs publics vun de viregte 40%

op 70, respektiv 75% ze héijen. D'Demokratesch Partei begréisst dat, hätt awer net ongär nach e Schrëtt weider gesinn, an zwar d'Virschloe fir de private Promoteuren, déi an de subventionéierte Logement investéieren, och an Zukunft ënnert d'Aerm ze gräifen, fir dat Potential, dat de Lëtzeburger Wunnengsmarché grad am Beräich vun de Mietwunnenge besetzt, besser ze fördern. Doriwwer eraus sollen de Stat oder d'Gemengen net déi eenzeg sinn, déi sech um Investissement an dem soziale Wunnengsbau bedeelege kënnen.

D'Aféierung vun laang erwaarte Car-net de l'habitat soll viraussichtlech och zur Erweiterung vun der Wunnfläch bäidroen. D'Kritäre fir Renovatioun, Salubritéit an esou weider Hëllef den déi bestehend Wunnfläch nei ze gestalten. Et muss jo net ëmmer nei gebaut ginn, dat bestehend dierf roueg genotzt ginn.

Weider fënnt déi staatlech Garantie d'lokativ Zoustëmmung vun der DP. Mir dierfen nämlech net vergiessen, datt et niewent deene Leit, déi sech en Eefamilljenhaus oder eng subventionéiert Mietwunneng leeschte kënnen, och nach ganz vill Familljen a Persounen gëtt, déi sech net grad, just net, et geet grad net duer, eng eege Wunneng leeschte kënnen, mee op där anerer Säit fir eng subventionéiert Wunneng sinn awer hir Revenuë vläicht ze héich. Déi leie just tëschent de Maillone vum Filet. Mat der staatlecher Garantie locative wäerten och dës Leit méi einfach Accès zu enger Mietwunneng kréien, déi hire perséinlechen oder duerch de Beruff begrënnete Virstellungen entsprechen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Regierung plangt jo och fir déi staatlech Garantie nei ze aktivéieren, andeems se vun 12.500 op 18.750 Euro, Indice 100, eropsetzt. Dëst Instrument gëtt also adaptéiert, well et steet jo schonns am Gesetz vun 1979. Allerdéngs muss een hei bemierken, an ech mengen, dat wësse mer alleguerten hei an deem Sall, datt nëmme weineg Ménagen, ze weineg, an de Genoss vun dëser Ennerstëtzung komm sinn, well si, an dat ass jo eng vun de Konditiounen, net genuch oder net laang genuch gespuert hunn. D'Chambre professionnelle an och de Statsrat weise sech kritesch, skeptesch op d'mannst, net ganz positiv, a kritiséieren och d'Initiativ, fir all neigebuee Kand ron 100 Euro ze iwwerweisen, als Ufankszomm vun engem Compte-épargne logement. Dat as sécherlech eng Mesure, iwwer déi ee kann diskutéieren, wéi wäit se cibléiert ass, ob se eppes bréngt. Jiddefalls a mengen Ae setzt se e positiven Akzent an ech wëllt se ennerstëtzen.

Erzielt ass, dass sech déi Interesséiert a Responsabel eigentlech alleguerten eens sinn, dass d'Wunnengspolitik sech haut an enger éischer Phas konsequent op d'Offer vum Marché soll konzentréieren.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'Wunnengsbauproblematik lues awer sécher an de Grëff ze kréien, ass d'Demokratesch Partei der Meenung, an d'Regierung huet sech dat jo virgeho, dass nëmmen eng global Strategie, e Package-deal, e Bündel vu Mesuren, deen all eenzel Kritäre berücksichtegt, de richtige Wee ka sinn. Dës Politik limitéiert sech net nëmmen op Subventiounen oder steuerlech Moosnamen. Si betrëfft och den Aménagement du Territoire, eng gesond Notzung vun der Wunnfläch, déi eis d'Land huet, ob dat al Gebaier oder ongenotzten Terrainen sinn, d'Zesummenaarbecht vun de Gemenge mam Stat, d'Realisatioun vun den néidegen Infrastrukturen, Schoulen, Kanalisatioun an esou weider.

Mir als DP begrëissen et dofir, dass de Projet de loi virgesäit de Promoteur public ze chargéieren, fir déi néideg schoulesch Infrastrukturen oder Garderien an hire Wunnengsprojete virzegesinn. De Stat selwer soll tëschent 50 bis 70% zu den Infrastrukturkäschten engersäits beim Aménagement vu Bauplazen, da Spillplazen, Gréngzone bäidroen, eng Mesure déi sécher fir d'Familljen, well finalement ass Logementspolitik ganz no bei der Familjepolitik, mee och ons Gemengen alleguerte bestëmmt wäert freeën. Et geet jo drëm, fir d'Liewensqualitéit zu Lëtzebuerg nach ze verbesseren. Mee och am private Milieu sollen dës oder

ähnlech Investissementer interessant gemaach ginn. An Zukunft musse mir all dës an nach weider Kritäre spille loossen, wat de Wunnengsbau ubelaangt. Vill ze oft sinn d'Wunnengen zum Beispill net esou affektiert, wéi et u sech am PRG virgesinn ass. Kucke mer emol als Beispill d'Stad Lëtzebuerg, wou jo Metercarréen a Metercarréen am PRG als Wunnungsfläch ausgewise sinn, mä déi dann awer, leider, nach ongestrooft als Bürosraum genotzt ginn, ouni dass d'Gemeng ka mat hirem heitegen Handlungsrecht direkt an drastesch sanktionéieren. Vläch wier et jo eng Iwwerleegung wäert, wann ee sech emol géing Gedanke maachen, ob een net awer soll, wann näischt méi notzt, eng spezial Tax aféieren, wann d'Wunnfläch zweckentfremt genotzt gëtt.

**(Interruption)**

Här Henckes, liberal huet näischt mat Laxismus a mat Ondisziplin ze doen.

**M. Ben Fayot (LSAP)-** Mir musse kucken, dass mer dat an der Stad Lëtzebuerg duerchgesat kréien.

**Mme Simone Beissel (DP)-** Dat ass eng Iddi vun eisem Buergermeeschter.

**M. Ben Fayot (LSAP)-** Da muss hien et maachen.

**Mme Simone Beissel (DP)-** Här President, mee och eng gesond Mëschung vun all den Awunner muss als Prioritéit beim Plange vun neie Wunnungsgebäidder considéréiert ginn. Lëtzebuerg huet nach keng Slummen, keng Ghettoen, mee Lëtzebuerg wëllt och keng an nimmools där kréien. Dofir approuvéiert d'DP d'Déci-sioun, fir bei de Constructions d'ensemble 10% Mietwunnenge virzegesinn, anstatt déi viregt, relativ rigid Regel vun de 25 Logementsunitéiten.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dëse Projet setzt ouni Zweifel e wichtegt Signal am Wunnengsbau. Dofir wäert meng Fraktioun dëse Projet als weidere Schrëtt an déi Richtung am Wunnengsbau puzzle selbstverständlech droen. Et bleiwen zwar nach eng helle Wull u weidere Problemer, déi mussen analyséiert a geléist ginn. D'Gemengen, de Stat, d'Promoteuren an d'politesch Responsabel op allen Niveaue si gefuerdert an opgefuerdert, e kommunikativen an zum Deel vläch innovativen Dialog an deem Sënn weiderhin intensiv ze féieren.

Ech soen lech merci!

**M. Ie Président.-** Merci, Madame Beissel. Den nächste Riedner ass den Här Mars Di Bartolomeo.

**(Interruption)**

**M. Mars Di Bartolomeo (LSAP) auteur.-** Här President, Dir Dammen an Dir Hären, och wann et dem Här Ripinger net gefällt, wäert ech probéieren als mandatéierte Spriecher vu menger Fraktioun esou kuerz wéi méiglech ze sinn.

Fir d'éischt emol eng Virbemierkung. Ech si frou, dass déi Meldungen, déi de Moien an der Press waren iwwert de Rapport vun der Cour des Comptes, iwwer méiglech Irregularitéiten am Zesammenhang mat dem Bilan vum Fonds de Logement vun 2000, hei net op dëser Tribün vun den eigentleche Problemer vum Wunnengsbau bis elo ofgelenkt hunn, an dass, wann eng Diskussioun noutwendeg ass, déi an där Enceinte stattfanne wäert, déi dofir do ass, nämlech an der Kommissioun vum Contrôle budgétaire, haaptsächlech wat d'Noutwendegkeet vu Budgeten oder Netbudgeten bei dem Fong ueegt.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären ech hunn a menger Interventio-n zu der Proposition de loi eng Rei vu Vergläicher scho gezunn tëschent der Proposition de loi an dem Gesetzprojet, an ech brauch dofir op eng ganz Rei vun Elementer net méi anzegoen, bedauern awer och als mandatéierte Spriecher, dass déi Projeten, déi bis elo vun der Regierung a Saache Wunnengsbau komm sinn, hallefhaerzeg sinn an nëmmen allenns eng Etapp kënnen duerstellen. Mir maachen hei héchstens hallef Aarbecht an hunn déi aner Halschent vun der Aarbecht jiddefalls nach virun eis.



Ech wëll un e puer Beispiller dat dokumentéieren. Eischstens emol un Hand vun engem Usaz, deem ech am ursprüngeleche Gesetzestext excellent fonnt hunn, an zwar direkt an de Preambelen, wou et geheescht huet, dass mer den Droit au logement wëllte promovéieren, wat a mengen Aen eng vun deene kruziale Froen ass, déi mer mussen klären an och eng vun deenen Haaptzilsetzungen, déi mer eis mussen ginn. An dem ursprünglechen Text war also den Droit au logement festgehalten. Op Grond vum Avis vom Conseil d'Etat ass dat emgeännert ginn an d'Promotioun vun der Accession au logement.

Ech sinn der Meinung, datt mer am ursprüngleche Projet um richtege Wee waren, an dass d'Recht op eng dezent Wunneng en elementaart Mënscherecht ass. Ech stinn net eleng do, den Här Garcia wäert herno nach dorop zrëckkommen, an dass, wa mer der Meinung sinn, dass et sech ëm e fundamentaalt Recht vu jidderengem handelt, grad ewéi d'Recht op Aarbecht, en dat soll och fest verankeren, an dass ee sech virun allem soll d'Mëttele gi fir dat Recht ze realiséieren.

Dofir kënn eis Proposition un eis selwer, net un d'Regierung, dass mer d'Recht op Wunnen an eis Verfassung ophuelen. Här President, ech wëll mer erlaben am Numm vun eiser Fraktioun eng Resolution, e Projet de résolution ze deponéieren, fir als Chamber dru matzewierken, dass mer e regelrecht Recht op d'Wunneng kréien, verankert an eiser Verfassung.

#### Résolution 1

*La Chambre des Députés,*

*- considérant que le droit au logement devrait être garanti à chacun au même titre que le droit au travail;*

*- considérant les objectifs de la loi du 25 février 1979 concernant l'aide au logement, à savoir "promouvoir l'accès à la propriété immobilière des personnes à revenu modeste, la viabilisation régulière de terrains à bâtir, la construction d'ensembles de logements à coût modéré, l'assainissement de logements anciens, la création de logements locatifs publics";*

*- considérant que malgré les progrès réalisés par la susdite loi, la situation du marché immobilier de par ses multiples facettes devient de plus en plus complexe et inaccessible pour un nombre important de personnes;*

*- considérant que l'envergure de la problématique en matière de logement est devenue de plus en plus critique depuis la dernière décennie;*

*- considérant que la "Commission Spéciale Logement" de la Chambre des Députés a déjà en date du 15 novembre 1990 souligné la gravité de la situation:*

*"Wunnen as e Mënscherecht" est un slogan qui ne cesse de retentir l'attention depuis des mois au Luxembourg.*

*En effet, un des droits de l'homme fondamentaux est bafoué dans notre société qui se caractérise par un certain bien-être et un boom économique indéniable; ainsi notre pays se trouve à la pointe du progrès économique et social dans la Communauté Economique Européenne.*

*Pareille situation (...) est en contradiction flagrante avec la situation dans le domaine du logement où de graves problèmes existent et où la situation ne cesse de s'aggraver."*

*- considérant que le Pacte international relatif aux droits économiques, sociaux et culturels, adopté par l'Assemblée générale des Nations Unies en 1966, définit le droit au logement "comme le droit à un lieu où l'on puisse vivre en sécurité, dans la paix et la dignité, et cela sans distinction de revenus ou de toutes autres ressources économiques";*

*- estimant que l'absence d'un logement est un facteur d'exclusion sociale;*

*décide*

*- d'intégrer le droit à un logement pour chacun dans la Constitution au même titre que le droit au travail (Art. 11, alinéa (4)).*

(s.) Mars Di Bartolomeo, Alex Bodry, Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jos Scheuer.

Wa mer dann driwwer diskutéiere wat fir eng Mëttele mer dofir brauchen, fir dat Recht kënnen ze realiséieren, da muss ee soen, dass et sech ëm e ganz Arsenal vu Mëttelen handelt. Eischstens mussen mer eis eens ginn, wat mer an deem Beräich wëllen, wat mer brauchen, eng seriö Bedarfsplanung maachen. Dofir mussen mer d'Situatioun genee kennen, an déi hu mer bis elo net kannt.

Da brauche mer, fir e seriösen Acteur um Gebitt vum Wunnengsmaat ze ginn, seriö Baulandreserven a mir müssen eis eens ginn, wéi mer mam allgemenge Gutt Buedem wëllen ëmgoen, ob mer et zouloossen, dass mam allgemenge Gutt Buedem spekuléiert gëtt, oder dass mer Spillregele mussen festleeën.

Mir müssen eis eens ginn iwwer nei urbanistesche Konzepte, wou mer méi spuersam mat eisem klengen Territoire müssen ëmgoen. Mir müssen eis eens ginn iwwer eng partnerschaftlech Approche, wou mer eis Äntwerten op Froe ginn, wie ka wat am beschten, a wéi kann een deem aneren an deem dote Beräich am beschten zur Säit stoën. Mir müssen d'Ursaache kenne fir dee Baustau, mat deem mer konfrontéiert sinn, a mir müssen eis Mëttele ginn, fir deem entgéint ze wierken. Mir müssen eis en Instrumentarium ginn, deem aus engem Zesummewierke vu steierleche Moosnamen, Hëllef, urbanistesche Regeln, an d'Diskussioun mat allen Acteuren besteet, a mir müssen et virun allem fäerdeg bréngen an Zukunft Eegenheem a Locatif mat därselwechter Opmierksamkeet ze behandelen, wat mer an der Vergaangenheet, an ech hunn dat viru gesot, net gemaach hunn. Ech zitëiere just e gudden Avis vun der SN-HBM, wou festgestallt gëtt, dass deen, deem d'Chance huet, staatlech Hëllef ze kréien, deen deen d'Chance huet, fir eng staatlech ënnerstëtzt Wunneng ze kréien, den Avantage iwwer eng ganz Period vun zwou, respektiv dräi Milliounen huet vis-à-vis vun engem, deen iwwerhaupt net gehollef kritt, an dobäi handelt et sech ëm déi Kategorie, déi heiansdo am schlechteste bestallt ass.

Zum Projet de loi wëll ech dat widderhuelen, wat vun e puer Virriedner gesot ginn ass, dass eng Rei vun Akzenten, eng Rei vu gudden Akzenten dra sinn, dass eng Rei vun Déclarations d'intention dra sinn, déi iwwert dee Stadium am Moment net ewech kommen, well d'Ausféierungsbestëmmunge feelen. Et feelen eng ganz Rei vu wichtege Règlements grand-ducaux. Mir hunn an der Chamberkommissioun dorop higewisen, mir hun en Deel vu deene Règlements grand-ducaux am Virentwurf kritt, mee mir hu se net alleguer kritt. D'Regierung schéngt awer an eenzelne Punkten, déi am Flou artistique nach leien, scho méi ze wëssen, well an der Fiche financière sinn e puer Elementer dran, déi mir bis elo net bekannt waren, an déi och an der Diskussioun net esou eriwuer komm sinn. Dat heescht, mir bedauern, datt d'Règlements grand-ducaux net virleien. Mir konstatéieren och, dass et beim Projet un deem noutwendege Courage feelt, fir an enger Rei vu Beräicher méi wäit ze goen. Ech brauch net dorop zrëckzekommen, well ech dat virdu schonn erwähnt hunn, an ech brauch och net dorop zrëckzekommen, dass d'Regierung Angscht virum eegene Courage a Saache Statsgarantie huet, an dat ëmsou méi, well se mat Risiko Zéro verbonnen ass.

Dann zu engem vun deene Punkten, deem awer als fundamental an deem Projet duergestallt gëtt, d'Prime d'encouragement fir Bauspueren. Si gëtt festgehalten als Alternativ zu enger méi wäitgoender Statsgarantie, a gëtt als Gadget duergestallt, fir d'Leit oder d'Kanner dozou unzereizen, fir an Zukunft sech dat Kapital unzespueren, dat se brauchen, fir e Prêt ze kréien.

Mir sinn eis alleguer eens, dass déi 100 € an deem Moment, wou d'Kanner se kréien, héchstens duergi, fir e gréisstert Legohaus, héchstens duergi fir e Poppenhaus, jiddefalls awer net dozou ugedoe sinn, fir d'Problemer um Wunnengsmaat vun haut ze léisen, an déi Problemer hu mer haut. Déi 100 €, déi d'Neigebuer solle kréien, an ech wunnere mech e bëssen driwwer, dass ech esou an de Wandelgänger vun der Commissioun héieren hunn, dass mer eng nei Definitioun wëllen hu vun den Neigebuerenen. Den Neigebuerene

soll an Zukunft bis zum Alter vu sechs Joer gëllen. Wann dat de Fall ass, da mengen ech, dass ech mat mengem Alter just an d'Pubertéit erakomm sinn, an dass den Här Fayot e mëttlere Véierzegjähregen ass, wa mer an där doter Definitioun bliewen. Mee Spaass bei Säit, deen dote Gadget, deen d'Regierung sech ausgeduecht huet, ass zwar e Geste, wou eigentlech keen esou richtege dergéint ka sinn, well et jo awer eppes gëtt. Et gëtt eng Prime fir ze spueren. Dat ass och eppes, wat een u sech kann akzeptéieren, mee wéi gesot, ech bedauern, dass et net zu enger Direkthëllef kënn, fir d'Logementsproblemer vun deene Familljen ze léisen, déi vläicht muer Puppelcher kréien, oder déi kleng Kanner hunn, mee et gëtt eréischt envisagéiert d'Problemer vun deene Kanner, déi vläicht haut mat enger schwiereger Wunnsituatioun konfrontéiert sinn, an 20 Joer ze léisen. A wann ee schonn op deen dote Wee geet, Här Minister, wann een Neigebuerenen dat do wëllt zoukomme loossen, awer eng Klausel sech ausdenkt, dass dat bis zu sechs Joer ka gräifen, da proposéieren ech der Regierung, an ech wëll och an deem Sënn eng Motioun abréngen, dass een déi Prime d'épargne Logement jiddfer Kand hei zu Lëtzebuerg zoukomme léisst, wëll et gëtt eigentlech kee Grond, dass een dat limitéiert op Neigebueren. Ech mengen, d'Spuere fir Kanner ass grad esou wichteg wéi d'Spuere bei Neigebuerener, a wa mer eppes maachen, Här Minister, da solle mer et ganz maachen, an net nëmmen usazweis. Da kënnen mer vläicht och op dat Argument reagéieren, dat d'CGPF bruecht huet, déi gemengt huet, dass déi Moosnamen, déi an deem Projet virgesi sinn, net courageiert genuch sinn, an dass d'Regierung zimlech spuersam an deem dote Beräich ass.

#### Motion 1

*La Chambre des Députés,*

*- considérant la pénurie de logements à prix abordables;*

*- sachant que bon nombre de personnes ne sont plus en mesure d'acquérir un logement en propriété;*

*- constatant que depuis l'année 1991, ni le cercle des bénéficiaires des primes d'acquisition, de construction ou de rénovation, ni le montant des primes n'ont pu suivre l'évolution des prix du marché, ce que le Gouvernement a confirmé dans le "Programme d'action Logement";*

*- constatant que le cercle des bénéficiaires de ces primes devrait être étendu en direction des personnes à revenu moyen;*

*- considérant ainsi la nécessité d'augmenter le montant des primes étatiques, ainsi que les revenus-plafonds pour l'octroi;*

*- considérant la proposition de loi 4908 portant modification de la loi modifiée du 25 février 1979 concernant l'aide au logement, qui entend procéder à une amélioration des aides au logement en faveur des ménages pour la construction, l'acquisition et la rénovation;*

*- considérant que l'augmentation des plafonds de revenu pour l'octroi des aides devrait être de 50% et celle des montants des aides en capital de 25%;*

*- considérant la prise de position du Gouvernement estimant que "L'introduction de ces mesures ne demande aucune intervention du législateur, sauf en ce qui concerne la prise en compte du degré d'utilisation du sol, étant donné que la loi de 1979 a réservé cette faculté au seul pouvoir exécutif (...);"*

*invite le Gouvernement*

*- à déposer jusqu'au mois de décembre 2002 un projet de règlement grand-ducal, retenant les augmentations prévues dans la proposition de loi 4908 développées ci-dessus.*

(s.) Mars Di Bartolomeo, Alex Bodry, Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jos Scheuer.

Ech hu virdrun drop higewisen, dass mer bedauern, dass keng zousätzlech Akzenten komm si beim Mietwunnengsbau, oder haaptsächlech bei der Ennerstëtzung vu Leit, déi

Loyer mussen bezuelen.

Da just nach zum Schluss e puer méi praktesch Iwwerleeungen zu de Missiounen vum Fonds de Logement. Ech begreissen, dass d'Missiounen vum Fonds de Logement ausgedehnt ginn op d'Ennerstëtzung vun de Gemenge bei sozio-familiären an och schouleschen Infrastrukturen, wou ech awer nach eng Kéier ennersträichen, dass dat héchstens en éischte Jet ass, an dass mer seriö sollen eis zesummesetzen, wéi mer am Problem vum Wunnengsbau de Gemenge méi seriö kënnen entgéint kommen. An ech hunn lech et virdrun ugekënnegt, mir wäerten eng Motioun deposéieren, fir der Regierung hire klengen Iertum beim Subventionéierungstaux fir öffentlech, also Gemengeschoolen ze ennerstëtzen, vu 50 op 80%. Här Rippinger, et wäert lech net wonneren, well wann déi hei Regierung esou mëtschgieweg ass bei den Infrastrukturen, fir d'Privatschoolen, da mengen ech, fanne ech bei lech e ganz fruchtbaren, dass d'Kommunalschoule mindestens grad esou staark ennerstëtzt misste gi wéi Privatschoolen aus dem Primär. Also, mir freeën eis als Gemengepäpp op deen Taux de subventionnement vun 80% fir d'Gemengeschoolen.

Dann e lescht Wuert zu der Komposition vum Fonds de Logement. Mir hatten eng Diskussioun an der Chamberkommissioun, wou mer bedauert hunn - eng Minoritéit ginn ech zou -, dass dat heite Gesetz Ulass war, fir den Aménagement du Territoire als Département aus dem Conseil d'Administration vum Fonds de Logement verschwannen ze loossen, mam Argument, dass haut de Ministère de l'Intérieur jo zwee Verrieder hätt. Dat ass e falsch Argument. Et ass zwar richtege an der Verdeelung vun de Ressorte vun haut, mee ass awer falsch an der Logik vum 79er Wunnengsbaugesetz, wou ganz kloer war, dass éischten den Intérieur vertruede sollt sinn, an zweetens den Aménagement du Territoire sollt vertruede sinn. Dofir hu mer en Amendement ze proposéieren, wou mer de Verrieder vum Aménagement du Territoire am Fonds de Logement bäibehalen, a vun der Geleeënheet profitéieren, fir e weideren Acteur an de Conseil d'Administration vum Fonds de Logement eranzekréien, an zwar d'Gemengen iwwert de SYVICOL. D'Gemenge si jo ee vun den Haaptacturen op deem dote Gebitt, an dofir erlabe mer eis an déi Direktioun en Amendement eranzebréngen. Här President, ech hat virdrun ugekënnegt, dass mer eng Motioun wëllte bréngen, fir eng substantiell Erhéijung vun den Hëllef a vun de Plafonds de revenu. Ech iwwerrechen lech heimat déi Motioun an ech iwwerrechen lech d'Amendementen, déi éischten de Subventionnement vun de Schoulinfrastrukturen betreffen, zweetens d'Komposition vum Fonds de Logement.

#### Amendement 5

*L'article 5 du projet de loi est modifié et s'écrit comme suit:*

*"Art. 14ter.- L'Etat verse en faveur de chaque enfant de moins de 18 ans un montant de 100 euros sur un compte épargne-logement en vue de le faire bénéficier des avantages prévus aux articles 3 à 10.*

*Un règlement grand-ducal fixera les modalités d'exécution du présent article."*

(s.) Mars Di Bartolomeo, Alex Bodry, Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jos Scheuer.

#### Amendement 6

*L'article 12 du projet gouvernemental est modifié comme suit:*

*"Un article 26bis, libellé comme suit, est inséré dans la loi:*

*Art. 26bis.- Dans le cadre de la réalisation de constructions d'ensembles de logements, l'Etat pourra participer à raison de cinquante pour cent aux coûts engendrés par ces constructions au niveau des infrastructures familiales et sociales, sans préjudice des autres dispositions légales en vigueur prévoyant des participations plus avantageuses.*

*Cette participation sera de quatre-vingt pour-cent pour la construction d'infrastructures scolaires."*

(s.) Mars Di Bartolomeo, Alex Bodry, Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jos Scheuer.

#### Amendement 7

*L'article 21 du projet de loi est modifié et prend la teneur suivante:*

*"Les alinéas 1er à 3 de l'article 61 de la loi sont remplacés par les alinéas suivants:*

*Le fonds est administré par un comité-directeur composé de quinze membres, nommés et révoqués par le Grand-Duc, dont trois sur proposition des organisations syndicales les plus représentatives, deux sur proposition respectivement de la Chambre de commerce et de la Chambre des métiers et du Syndicat des villes et communes luxembourgeoises. Six membres du comité-directeur sont proposés par les membres du gouvernement ayant dans leurs attributions les Finances, les Classes Moyennes, les Travaux Publics, l'Intérieur, la Famille et l'Aménagement du Territoire."*

(s.) Mars Di Bartolomeo, Alex Bodry, Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jos Scheuer.

Dat gesot, Här President, wäert eis Fraktioun de Projet de loi iwwert d'Verbesserung vum Wunnengsbaugesetz vun 79 als een Element an der Diskussioun, dat awer net d'Problemer vun eisem Wunnengsbau léist. Mir proposéieren dofir nach wie vor, an dofir hu mir eis an der Zuel vun den Amendementen limitéiert, fir der Chamber d'Geleeënheet ze ginn och op déi Complémenten, déi an der Proposition de loi enthalen sinn, mat ofzestëmme, a mir wënschen eis, dass eis Orientéierungsdebat eise Geleeënheet gëtt, fir weider couragéis Schrëtt an d'Richtung Léisung vun de Problemer vum Wunnengsbau ze maachen. Domat sinn ech um Enn a ech soen lech merci fir Är Opmierksamkeet.

M. le Président.- Här Di Bartolomeo, wann ech gelift, ech hunn e kleng Problem hei mat der Resolution, wou Der mir gesot hutt, et wier e Projet an e wär och net fäerdeg. Hei hutt Der fënnef Ennerschrëften an esou sidd Der komplett. Merci.

Den nächsten Orateur ass den Här Jacques-Yves Henckes.

M. Jacques-Yves Henckes (ADR).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wéi d'Chamber am Juli d'lescht Joer decidéiert huet, fir eng Debat iwwert d'Wunnengsbaupolitik am Land ze féieren, a wéi mer decidéiert hunn, fir eng Spezialkommissioun anzesetzen, fir dës Debat virzebeereeden a fir e Bericht mat zähräiche Virschléi eranzeginn, huet et op eng Kéier am Ministère du Logement geheescht, elo muss séier e Projet de loi ausgeschafft ginn, wou mer verschidden nei a verschidde besser Subventionen ënnert d'Leit verdeelen. An der Hetz gouf dunn e Gesetzesprojet ausgeschafft, dee mer haut virleien hunn an dee mer diskutéieren.

Mir sinn net déi Eenzeg déi soen, dës Projet wier bacléiert ginn. D'Handwerkerkummer seet wuertwärtlech an hirem Avis: "Il semble que les auteurs du projet de loi dans leur hâte de bâcler le texte n'ont pas eu le temps pour effectuer un travail législatif correct". An esou ass et och gaangen.

Der zoustänneger Commissioun vun der Chamber ass et net besser gaangen. Am Hauruck huet alles missen duerchgoen, an dofir erkläert et sech och, firwat mir eréischt haut e puer wesentlech, e puer prinzipiell Kritike géint de virleiede Projet virbréngen. Dat zur Form.

#### (Interruption)

Den Här Koepp an ech hunn awer an deenen zwou Commissiounen geschwat. Ech wor e puermol dobäi. Mir schwätzen an der Fraktioun, mee et ass kloer, dass et relativ séier iwwer d'Bühn gaangen ass. Ech kann lech just nëmme soen, datt mir an der Fraktioun iwwert déi Problemer geschwat hunn. Ech wäert lech elo soen, wou am Text d'Manktume sinn.

#### (Interruption et coups de cloche de la Présidence)



Lauschtert elo wann ech gelift no. Et geet hei ëm de Fong an et ass dat, wat mer sollen diskutéieren.

Déi zweet Kritik, déi mer virbréngen, huet domat ze dinn, datt nees eng Kéier nuren op der Demande vu Wunnengen agéiert gëtt, an net op der Offer. Eng fundamental Iwwerleung muss een awer maachen. Et muss ee froen: Hunn déi Milliarde vun öffentleche Gelder, déi mer bis elo ausginn hunn iwwert de Wee vum Fonds de Logement, mat sech gezunn, dass de Wunningsbau méi bëlleg ginn ass? Et ass kloer, datt d'Antwort do neen ass. Si huet verschiddenen a ganz ville Leit erlaabt, fir eng Wunneng ze kréien. D'accord, mee de Wunningsbau ass awer net méi bëlleg ginn.

Dat Zweet, dat mir musse feststellen, dat ass, datt et eng ganz Panoplie vu Mesuré gëtt, mee wou een net weess, ob déi eng et bréngen oder net, wat d'Effizienz vun deenen enge Mesuren ass oder net. Dofir ass et jo och gutt, datt an der Kommissioun déi generell Debatt iwwert de Wunningsbau gefouert ginn ass, datt mer och ons do Froe stellen a kucke fir nach weider Solutiounen virzegesinn.

Mir wieren als Chamber gutt berode gewiescht, fir d'Debatt iwwert déi zukünfteg Wunningsbaupolitik ofzewaarden an de Projet de loi an déi Debatt ze integréieren, an eventuell och deen Ablack direkt verschidde Propositionen, déi vun der Kommissioun kommen, mat anzebauen.

Jidderee weess, dass d'Präisser um Wunningsmaart permanent an d'Luucht ginn. Et muss ee soen, datt dat fir ganz vill Stéit Problemer mat sech bréngt. Et ass bedauerlech, datt den Här Juncker als Statsminister, wéi en déi Debatt lancéiert huet iwwert de 700.000-Awunnerstat, massgeblech dozou bäigedroen huet, datt d'Bau-landpräisser, datt d'Appartementspräisser an d'Haiser du spontan a rapid an d'Luucht gaange sinn. Déi nächst Statistiken, déi mer wäerte kréien iwwert d'Evolution vun de Präisser um Wunningsmaart, wäerten dat ausweisen. Woufir? Well op eng Kéier jiddfer Propriétaire vun Terrain, jiddereen, dee wollt en Appartement verkafen, gesot huet, wann d'Wuer esou rar ass, wann ech net e Kristall do hu mee en Diamant, da kann ech och direkt elo de Präis vun Diamant froen. Ech mengen, et ass onverantwortlech, wann e Statsminister esou Aussoe mécht, déi e besser gehat hätt sech gutt ze iwwerleeën, ier e se gemaach hätt.

Mee elo zum Projet selwer. Här Minister, et sinn e puer gutt Saachen an Ärem Projet. Mir begrëssen zum Beispill d'Iddi vun der Mixité sociale bei Wunnbauprojeten, d'Introduktion vun enger Garantie locative, d'Erhéijung vun de Subside fir d'Gemengen, déi am Wunningsbau wëllen aktiv ginn. Mir begrëssen d'Mesure fir Studentenheemer ze bauen. Här Minister, mengt net, datt mir systematesch géint alles sinn, wat hei vun der Regierung kënnt. Mir kënnen och positiv Saachen ervirsträchen, mä et sinn och Saachen, wou mir ons Froe stellen a wou mir net domat d'accord sinn.

Et sinn e puer Saachen an deem Gesetz, mat deene mir prinzipiell net kënnen d'accord sinn. An et stinn och Saachen an deem Gesetz, wou ee sech wonnere kann, dass si esou am Gesetz stinn, a wou ee sech froe kann, wat d'Regierung, wat d'Partei sech denken, déi dëst Gesetz elo solle stëmmen, wéi dat soll an der Praxis exekutiert ginn?

Mee loosst mech der Rei no fueren. An deem neien Artikel 30bis, dee geschafegëtt, steet folgenden Text: "L'Etat peut participer jusqu'à concurrence de 40% du prix de construction ou d'acquisition de logements pour travailleurs étrangers, réalisés par un employeur en faveur de ses employés, sans que cette participation puisse excéder 6.200 Euros par personne logée." 6.200 Euro, dat sinn ongeféier 250.000 Frang fir eng Persoun, déi an deem Logement ass. Wann et der zwou sinn, 500.000, eng Millioun, wann ee bestuet ass mat zwee Kanner. Et si keng Conditions de revenu do gestallt.

Et steet eng eenzeg Konditioun am Gesetz. Dat ass, datt de Patron, de Betrib, dee Wunnenge baut fir seng Leit, dat ka maache fir all Travailleur étranger, mee en däerf et net maache fir déi

Employéen, déi d'lëtzebuergesch Nationalitéit hunn. Dat steet Wuert fir Wuert am Text.

Ech denken zum Beispill un eng grouss Lëtzeburger Bank, déi elo wëllt op den Industriebrooche Wunnheemer baue fir d'Personal. Deen Ablack, wou se déi Wunnenge baut, kritt se, esou wéi et virgesinn ass, 40% vum Baupräis subventionéiert, mat där Limit vu 6.200 Euro par personne logée. D'Konditioun fir dat auszebezeelen ass, datt de Patron, ier en déi Prime do kritt, nëmmen däerf Wunnenge baue fir sai Personal wat Net-Lëtzeburger ass, wat e Salarié étranger ass. Deen Ablack wou en d'lëtzebuergesch Nationalitéit huet kann en déi Bauprime vu 6.200 par personne logée net méi fuerderen. Dat steet tel quel an deem Gesetz, dat mir hei virleien hunn.

Virdun huet den Här Rapporteur mer gesot, dat wier fir d'Friemaarbechter. Ech liesen den Text, do steet dran "travailleurs étrangers". "Etranger", wat ass dat? Jiddferene, deen net d'lëtzebuergesch Nationalitéit huet. Ech mengen, dat ass awer kloer. An ech gesi jo net, Här Minister, dass Dir elo op eng Kéier géngt higoen, à la tête du client, dem engen et ginn an deem aneren net, esou wéi Dir et géngt fir richteg fannen. Ech mengen, hei si mir an engem Rechtsstat, an deem Ablack wou iergendeng Entreprise, ob et fir sai Bankdirekter ass oder fir klengt Personal, eppes wëllt bauen, et si jo och keng Conditions de revenu dran, musst Dir dat doten ausbezeelen, à moins dass Dir ganz arbiträr wëllt Décisiounen huelen. Esou steet et elo hei am Text. Et si keng Limiten, d'aucune sorte, dran. Mee wat nach méi schlëm ass, dat ass, datt, wann de Patron, wann de Betrib fir seng Leit Wunnenge baut an e wëllt op eng Kéier dat engem Lëtzeburger ginn, da muss en d'Prime zrëckbezeelen, well den Artikel 30 vum Gesetz gesäit vir, datt deen Ablack en Abus wier an deem Ablack muss en dem Stat déi Suen zrëckginn.

Verschidde Leit wäerte sech froen, a verschidde Betriber wäerte sech froen, firwat déi Diskriminéierung vun de Lëtzeburger? Musse se dann elo, wa se wëllen ënnert deeneselwechte Konditiounen fir lëtzebuergesch Personal Wunnenge bauen, bei d'Verfassungsgericht goe fir Recht ze kréien, oder bei den europäesche Gerichtshaff? Mir wësse jo, datt all Kéiers, Här Minister, wa mir Avantagé fir d'Lëtzeburger haten oder fir d'Résidenten, a mir hu verschidde Leit excluëiert, da geet den europäesche Gerichtshaff hin an e condemnéiert Lëtzebuerg, well mer hei Ségrégation gemaach hunn. An hei op eng Kéier kënnt jiddereen an de Genoss vun deem Gesetz, mat Ausnahm vun deem, deen d'lëtzebuergesch Nationalitéit huet.

An ech froe mech, wat fir eng Wunningspolitik eis Regierung wëll maachen, déi dee Lëtzeburger, deen d'lëtzebuergesch Nationalitéit huet, deen eenzeg an eleng benodeelegt. Dofir, Här Minister, erlaabt mer, datt mer en Amendement eraginn...

**M. Fernand Boden, *Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement*.** - Här Henckes, et geet net nëmmen duer fir een Artikel ze kucken, et muss een d'Artikelen alleguerte kucken.

**M. Jacques-Yves Henckes (ADR).** - Jo, mee ech hu se alleguerte gekuckt. Ech hunn dofir och, well ech mer geduecht hunn, datt Dir domatter géngt kommen, de ganzen Text hei matenaner gekuckt, an do ass keng Konditioun dran. Ech hunn och nach virdru mam Conseiller geschwat, deen huet mer gesot, et ass sans restriction.

Dofir géinge mer en Amendement erabrénge, datt, wann e Betrib eppes wëll maache fir seng Leit, da soll en dat maache fir se alleguerten - Lëtzeburger oder Net-Lëtzeburger. Et däerfe keng Differenz gemaach ginn. Ech mengen, mir sollen, au contraire, Patronen ënnerstëtzen, déi esou Initiativen huelen, an dat ouni Diskriminéierung.

#### Amendement 8

*L'article 18 du projet de loi modifiant la loi modifiée du 25 février 1979 concernant l'aide au logement est modifié comme suit:*

*Le mot "étrangers" est rayé.*

*L'article se lira donc comme suit:*

*Art. 18.- Sont insérés dans la loi les articles 30bis et 30ter libellés comme suit:*

*"Art. 30bis.- L'Etat peut participer jusqu'à concurrence de quarante pour cent du prix de construction ou d'acquisition de logements pour travailleurs réalisés par un employeur en faveur de ses employés, sans que la participation puisse excéder six mille deux cents euros par personne logée. (...)"*

*(s.) Jacques-Yves Henckes, Jean Colombera, Gast Gibéryen, Jean-Pierre Koepp, Robert Mehlen.*

Prinzipiell hu mer en zweete Problem, dee mer wollten ugoen, dat ass de Problem vum Fonds de Logement, dem mer erlaben, als normale Promoteur ze agéiere mat öffentleche Gelder, mee ouni sech dem Marché-publics-Gesetz missten ze ënnerwerfen.

Här Minister, ech hu mech laang gefrot gehat, ob mer dat bei dëser Kéier diskutéiere sollen. Jo! Woufir? Well déi zwou Saachen, déi zwee Gesetzesprojeten, deen, dee mer haut diskutéieren, an deem iwwert d'Reform vum Marché-publics-Gesetz liiert sinn. Et kann een elo soen, mir gesinn nuren dat eent an net dat anert. Neen, ech mengen dat wier hei an deem Kontext falsch. A wann een en Zesammenhang gesäit, dee ganz evident ass, da muss ee soen, dass de Fonds de Logement sech muss dem Marché-publics-Gesetz ënnerwerfen. Et kann net esou sinn, datt hei Milliarde vu Frangen ouni Marché public duerchgesat ginn. Ech wëll dorop hiweisen, dass - wéi den Här Loes, deen de Rapporteur ass vum Projet de Loi iwwert de Marché public, weess - de Prinzip zrëckbehalen ginn ass, dass iwwerall do, wou de Stat mat 50% oder méi intervenéiert, och am Prinzip ee Marché-publics-Gesetz misst spillen.

Mir hunn och festgehalen, datt de Fonds de Logement soll weider Missiounen kréien, mir hunn och festgehalen, oder konnte constatéieren, dass vum Fonds de Logement an engem Rapport vun der Cour des Comptes, dee mer elo virleien hunn, ganz kloer gesot gëtt, ech zitieren: "...que le Fonds de Logement n'a pas d'approche cohérente lors de la mise en concurrence de ses fournisseurs et de l'attribution de ses marchés et qu'il ne faut pas oublier que des budgets appréciables provenant pour une grande partie des caisses publiques sont gérés et dépensés par cet établissement public. Il apparaît dès lors tout à fait sensé de faire également appliquer à l'égard du Fonds de Logement les règles communes instaurées pour la passation des marchés publics."

Dofir menge mer, Här Minister, dass et gutt wier an deem Kontext an der Chamber, dass mir als Législateur eng Décisioun huelen, an dofir ginn ech am Numm vun eiser Fraktioun eng Resolution eran, wou mir décidéieren, datt de Fonds de Logement ënnert d'Marché-publics-Gesetz soll falen, an datt mer d'Missioun ginn un d'Commission des Travaux fir an deem Sënn de Projet de loi, dee mer diskutéieren, ëmzeänneren.

#### Résolution 2

*La Chambre des Députés,*

*- considérant que tout organisme utilisant pour ses activités des ressources financières provenant à plus de 50% de l'Etat ou des communes doit être soumis à la loi sur les marchés publics;*

*- considérant que le Fonds pour le Développement du Logement et de l'Habitat doit être soumis à la loi sur les marchés publics alors notamment que sa mission se trouve élargie par le projet de loi modifiant la loi modifiée du 25 février 1979 concernant l'aide au logement;*

*- considérant que la Cour des Comptes argumente dans le même sens dans son rapport spécial sur les établissements publics;*

*- considérant que dans son rapport sur les établissements publics pour l'année 2000 la Cours des Comptes note à propos du Fonds "que le FdL*

*n'a pas d'approche cohérente lors de la mise en concurrence de ses fournisseurs et de l'attribution de ses marchés" et qu'"il ne faut pas oublier que des budgets appréciables, provenant pour une grande partie des caisses publiques, sont gérés et dépensés par cet établissement public. Il apparaît dès lors tout à fait sensé de faire également appliquer à l'égard du FdL les règles communes instaurées pour la passation des marchés publics."*

*- considérant que le projet de loi portant réforme de la législation sur les marchés publics est actuellement analysé par la Commission des Travaux publics et qu'il y a lieu d'amender le projet de loi dans le sens indiqué;*

*décide*

*- de soumettre le Fonds pour le Développement du Logement et de l'Habitat à la loi sur les marchés publics et d'amender en ce sens le texte actuel du projet de loi sur les marchés publics.*

*(s.) Jacques-Yves Henckes, Jean Colombera, Gast Gibéryen, Jean-Pierre Koepp, Robert Mehlen.*

Eng zweet Begrënnung, déi een och muss soen, fir de Fonds de Logement nees erëm e bëssen ënnert d'Kontroll ze kréien, dat ass, wann een héiert - an dat ass jo och vu kenger Säit contestéiert ginn -, dass 1,85 Milliarde Frang op de Konte vum Fong sinn, an datt eng eenzeg Signature gëllt, fir déi Fongen do ze bewegen. Ech erënnere mech, wéi mer d'Affaire vun der Santé diskutéiert hunn, mat de Comptes spéciaux, do gouf et zwou Signaturen, et wor also net nëmmen eng méiglech do, et woren der zwou gefrot, an do hat et dozou gefouert, dass de Minister huet missen demissionéieren an datt den zoustännege Beamten op eng Kéier sanktionéiert an an d'europäesch Institutionen transféréiert ginn ass.

Ech mengen, hei musse mir eis och verschidde Froe stellen. Et ass vläicht hei net den Ablack fir dat ze maachen, do wäert déi zoustänneg Kommissioun dat maachen, mee et ass awer e ganz gutt Argument fir ze soen, dass an Zukunft de Fonds de Logement muss ënnert d'Marché-publics-Gesetz falen.

Dat, an dann e puer Froen. Dat ass den Artikel 30ter, do steet dran, ech liesen deen och vir, Här Minister: "L'Etat peut participer jusqu'à 75% du prix de construction ou d'acquisition de logement locatif, réalisées par des associations sans but lucratif, par des fondations, des fabriques d'églises, des communautés religieuses ayant conclu une convention avec le Gouvernement, des hospices civils, ou des offices sociaux."

Dat ass en neien Text. Wéi ech dat hei esou gelies hunn, hunn ech mer e puer Froe gestallt, wéi den Här Minister deen Text do wëllt applizéieren. Ech ginn do en einfacht Beispill. Ech froen lech, Här Minister: "Wa mir als ADR-Fraktioun elo eng ASBL grënnen, ASBL pour le logement locatif, a mir bauen en Immeuble vun 100 Milliounen fir Mietwunnengen, gitt Dir eis dann 75 Milliounen Subsid? Esou steet hei am Gesetz, ouni Restriktioun, ouni Konditioun, an ech gleewe jo net, Här Minister, datt Dir ons et géngt refuséieren an aneren Organisatiounen et géngt accordéieren. Well Dir hutt keng Méiglechkeet fir iergendengem Neen ze soen. Et ass keng Base légale do fir iergendengem Neen ze soen, Dir must jiddferengem et accordéieren. Ech huelen och un, wann een d'Gesetz esou liest, da wäerten d'Promoteuren, déi privat Promoteuren, déi ganz oft, wann se eng Promotion immobilière maachen, datt déi ganz oft eng S.à r.l. gebaut hunn, déi wäerten an Zukunft eng ASBL, eng Association sans but lucratif grënnen, well se deen Ablack zum selwechte Resultat kéimen, sauf dass se 75% Subsid kréien.

Ech weess och net, wéi dat Ganzt soll iwwerwaacht ginn, wéi dat Ganzt soll kontrolléiert ginn. Hei huet een d'Impressioun, datt einfach entweder den Arbiträr gëllt, oder datt mer total vabanque spillen, dat heescht, datt et iwwerhaupt keng Kontroll méi gëtt, wéi dat Ganzt soll lafen.

Ech muss éierlech soen, Här Minister, datt et besser gewiescht wier, mir hätten deen Text do nach eng Kéier seriö amendéiert an der Kommissioun fir ze kucken, wat a wéi sollt alles lafen. Wat versteet d'Regierung, wéi wëllt d'Re-

gierung dësen Text applizéieren? Soll et à la tête du client goen, oder kritt jiddferene et? Ech mengen, et ass kloer, wann et à la tête du client geet, da kritt Der Recours beim Tribunal administratif, an da seet deen lech, dass d'Diskriminéierung op der Basis vum Gesetz net geet.

Et ass onverantwortlech a mengen Aen, Här Minister, wat hei geschitt ass. An ech huelen och un, datt alleguerten déi, déi fir Trennung vu Kierch a Stat plädéieren, an där ginn et der jo anscheinend e puer hei an deem Sall, sech och d'Fro stellen, ob dat heiten elo dee richteg Wee ass.

Dann e puer méi kleng Problemer. De Fong kritt elo en neie Comité directeur, hie geet vun 13 op 12 Memberen erof, et gëtt ee Gewerkschaftler, dee verschwënnt aus dem Conseil d'administration, an et kënnt och elo e Member vum Ministère de la Famille. Wat mer bedauern, Här Minister, dat ass, datt kee Représentant vum Aménagement du Territoire derbäi ass. Ech mengen, et ass e Feeler, an ech wëllt och wëssen, wéi déi gewerkschaftlech Opgliederung elo sollt kommen zwëschent deene Gewerkschaften, déi elo nach sollen dobleiwen. Ech huelen un, datt Dir déi berühmten Notioun vun dem Syndicat le plus représentatif wäert zrëckbehalen, mee ech wär awer frou gewuer ze ginn, wéi Dir déi Interpretatioun do gesitt.

An da komme mer bei eppes, dat muss ech soen, datt hunn hei scho verschidde Virriedner gesot, wat zimlech amusant ass a wat ech emol net als seriös kann ugesinn, dat sinn déi 100 € pro neigebuerent Kand, déi elo sollen op iergend e Kont ausbezueelt ginn, mee dee se awer net däerfe gebrauchen. Wéi mer do gefrot hunn, wéi Dir dat wëllt an der Praxis maachen, do koume keng Antworten. Et ass ons gesot ginn, tout enfant nouveau-né, dat wieren déi Kanner bis zum Alter vu sechs Joer. Ech muss éierlech soen, Här Minister, wéi mer dat héieren hunn, hunn ech mer geduecht, Dir hätt eng nei Definitioun hei an d'Gesetz erabruucht, déi awer ganz originell ass.

Ech froe mech, ob...

**M. Fernand Boden, *Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement*.** - Däerf ech eppes soen? Dir musst richtig lauschteren, wann een eppes seet, da braucht Der keen esou ee Blödsinn hei ze verzapen.

**M. Jacques-Yves Henckes (ADR).** - Et ass kee Blödsinn, wat ech verzapen, well ech hunn nach e puer Zeilen dobäi, datt Der esou gesot huet. Mee ech erlaben lech awer, Här Minister, fir herno och déi Dommheeten, déi Der an der Kommissioun dozu gesot hutt, ze rectificéieren. Déi Erlaabnis gi mer lech ganz gären.

Dat Zweet ass: Wat fir eng Kanner kréien dat? Sinn dat déi Kanner nouveau né, well et ass net gesot, wou se gebuer sinn. Irgendwou nouveau né. Ech huelen un...

#### (Hilarité et interruptions)

Ech liesen den Text. Ech huelen un, datt den Text drop hiweist, datt dat déi Kanner sinn, déi nouveau né sinn, hei am Land. Dat kënnt een och mat novollzéien. Mee ech froe mech, ob déi lëtzebuergesch Kanner, déi am Ausland gebuer sinn, dann och d'Urecht drop hunn oder net? Ech mengen, dat sinn d'Froen, déi ee sech muss stellen, a wou ech einfach d'Regierung an de Rapporteur froen, e soll mer soen, wéi dat dote soll applizéiert ginn.

Wéi mer et gefrot hunn, krute mer keng Antwort. Méi kann ech hei net soen. Dat Zweet ass, datt déi ganz Gestiou vun deenen 100 Euro, déi d'Leit zwar op de Kont kréien, mä net däerfen upaken, déi se net däerfe gebrauchen, a wou een net weess, wa si se iwwerhaupt gebrauchen, wéi et geet, wéi dat soll opgehuewe ginn. Bref, ech hunn esou d'Impressioun, datt mer hei esou en CSV-Gadget hunn, fir de Leit d'Impressioun ze ginn, datt, wann se de Bréif vum Minister kréien, "ech hunn lech 100 Euro iwwerwisen", da mengen d'Leit si hätte se, mee a Wierklechkeet kréie se se net. Et soll am Ganzen 350.000 Euro d'Joer kaschten. Et kann een et alt ugesi wéi eng Gebuertenzulag.



### (*M. Jean Spautz reprend la Présidence*)

Ech mengen, et wier gutt, wann d'Regierung sech géing d'Fro stellen, wéi se dat Ganzt wëllt praktesch duerchzéien, an ob dat dote vill Sënn mécht. Mer géingen hoffen, Här Minister, datt Der no enger gewësser Zäit, an e puer Joer, vläicht hei der Chamber géift soen, wat déi Measure do bruecht huet, wéi se sech ausgewierkt huet, well ech muss soen, datt, sou wéi se do steet, eng etlech Froen awer opbleiwen.

Mee mer gi jiddferengem, och lech, Här Minister, eng Chance, fir esou eppes duerchzebréngen an ons nozeweisen, wat et da konkret bruecht huet. Dann hu mer eis d'Fro ze stellen, firwat d'Promoteuren hei an dësem Gesetz esou vernoléisseg gi sinn. Firwat d'Promoteuren? Et sinn der eng etlech, déi och wëilten hei vun deem Gesetz profitéieren. Dat ass deelweis méiglech, et ass zwar net esou heefeg, et ass net esou bekannt. Wéi mer an der Kommissioun gefrot hunn, wéi vill Fäll et woren, do ass eng Kéier ee Fall par Décision ministérielle geschitt, anscheinend, wou bekannt ginn ass, datt privat Promoteuren och dierfte Wunnengen ënnert deene Konditiounen do bauen. Ech wär frou, wann niewent der öffentlecher Hand och privat Promoteuren, esou wéi d'Handwierkerkummer, esou wéi d'Chambre de Commerce et froen, kéinte vun deem Gesetz profitéieren.

Wat awer scho feststeet, dat ass, datt...

#### (*Interruption*)

Jo, si kënne bien entendu och eng AS-BL grënnen. Mee, wat ob jidde Fall och feststeet, dat ass, datt d'öffentlech Hand participéiert bei de Gemengen a bei den Etablissements publics um Kaf vu Bauterrain, mee privat Promoteure benefisséieren net vun der Participatioun um Kaf vu Bauterrain, esou datt se logescherweis och désavantagéiert sinn, ier et schonn ugeet.

Da bedauere mer ee Punkt, datt ee muss festhalen...

Wann ech glift?

**M. le Président.**- Den Här Gira wëll eng Fro stellen.

**M. Camille Gira (DÉI GRÉNG).**- Wëllt Dir behaupten, datt am Moment d'Promoteuren net genuch Geld verdéngen?

**M. Jacques-Yves Henckes (ADR).**- Ech wëll just nëmme soen, datt eng etlech privat Promoteuren interesséiert wieren, fir och op dem Gebitt Wunnengen ze bauen, am Kader vun soziale Wunnengsbau a vu Mietwunnengen. Ech soen, alles, wat doropper erausgeet, fir méi bëleg ze bauen wéi d'öffentlech Hand - well dat schéngt anscheinend och de Fall ze sinn - a fir méi Mietwunnengen méi bëleg op de Maart ze bréngen, alles dat, wat an déi Richtung geet, ass fir ons positiv. Dofir war eis Fuerderung - an ech hoffen, datt déi duerchgeet -, datt do sou wäit wéi méiglech och vun der Säit vun der Regierung verschidden Initiative gemaach ginn, fir d'privat Promoteuren drop opmierksam ze maachen, datt se hei och eng Verantwortung hunn, an datt se och op dee Wee sollte goen.

Dann eng lescht Affaire, ech bedauern e bëssen, Här Minister, datt déi Id-di vun dem Observatoire de l'habitat fale gelooss ginn ass. Ech mengen, et wier net schlecht gewiescht, wann een niewent engem Observatoire vun de Marchés publics, wat och nawell net schlecht wier, wann een esou een hätt, och en Observatoire vum Habitat hätt. Woufir? Well et wichteg ass, datt d'Chamber permanent informéiert gétt, oder järelech informéiert gétt, iwert dat, wat sech um Wunnengsmaat doet, an datt mer mat objektive Chiffere kënne kucken, wat déi Politik, déi mer décidéieren, déi d'Regierung décidéiert huet, bruecht huet.

Ech wëll net soen, Här Minister, datt Der alles schlecht gemaach hutt. Ech hunn et ufanks gesot. Ech wëll just soen, datt e puer Saachen do sinn, déi eis Approbatioun fannen, mee et sinn der e puer, mat deene mer op kee Fall d'accord kënne sinn, an et sinn e puer anerer, wou mer eis d'Fro stellen, wéi Der dat dote sollt duerchféieren, an op jidde Fall eng Measure, wou mer eis d'Fro stellen, wat dat doten iwwerhaupt soll bréngen.

Dat gesot, Här Minister, wëll ech ofschléissend festhalen, datt, wann eisen Amendement an eis Resolutioun ugeholl ginn, mer zu dësem Gesetz hei positiv stoe kéinten. Wa se net ugeholl ginn, da misste mer en negative Vote zum Gesetz ginn.

**M. le Président.**- Als nächste Riedner ass den Här Robert Garcia agedroen. Den Här Garcia huet d'Wuert.

**M. Ady Jung (CSV).**- Entschëllegt, Här President, dierft ech vläicht just hei eent feststellen?

Den Här Henckes huet hei gesot, ufänglech an der Kommissioun vum Logement, wou ech President sinn, do wier dee Projet hei iwwert de Knéi gebracht ginn. Ech wëll daitlech soen, datt dat net de Fall ass, an dräi Sitzungen ass ausféierlech iwwert de Projet diskutéiert ginn. An all Sitzung war de Minister perséinlech mat senge Maataarbechter present, an en huet op all Fro eng Äntwert geliwwert.

Ech wëll och vun dëser Plaz aus dem Rapporteur, dem Norbert Hauptert félicitéieren, fir den excellente Rapport, deen e gemaach huet, e Rapport, wou en zu all Moment bereet war, och d'-Meenunge vun de Membere vun der Kommissioun afléissen ze loossen. An ech maachen do e ganz daitlechen Appel un den Här Mars Di Bartolomeo, deen ënner anerem deen Eenzegem an der Kommissioun war, dee sech enthalten huet. All déi aner Memberen hu fir de Rapport gestëmmt, ënner anerem och de Verrieder vum ADR. Dofir kann ech nëmme soen, dat wat den Här Henckes hei virbruecht huet, ass näischt anescht wéi eng Schau.

Ech bedauern et.

**M. Jacques-Yves Henckes (ADR).**- Här President, ech froen d'Wuert pour Faits personnels.

**M. le Président.**- Lo geet d'Schau virun.

**M. Jacques-Yves Henckes (ADR).**- Ech hunn aganks gesot, datt dräi Sätzunge fir esou ee Projet de loi fir ons bâcléiert Aarbecht ass.

Dat zweet ass, datt den Här Minister op vill Froe keng Äntwert wosst a keng ginn huet, an och héchstwahrscheinlech hei schéin un d'Ruddere wäert kommen.

Dat drëtt ass, datt ech hei gesot hunn, datt d'Viraarbecht bâcléiert wor, datt mer dunn eng seriö parlamentaresch Aarbecht vun onser Fraktioun deen Ablack an där kuerzer Zäit net méiglech wor, datt mer dat poursuivéiert hunn, an datt den Här Koepf mat mir a mat deenen anere Kollegen aus der Fraktioun elo déi Amendementer an déi seriö Aarbecht hei gemaach hunn.

Ech mengen, et soll iwwert de Fong diskutéiert ginn, Här Jung, an net iwert d'Form.

**M. le Président.**- Esou, an elo huet den Här Garcia d'Wuert. Déi aner sinn elo emol roueg.

**M. Ady Jung (CSV).**- Ech appelléieren un den Témoinage vum Här Di Bartolomeo a stelle fest, datt den Här Henckes praktesch ni do war.

**Des voix.**- Très bien.

**M. Jacques-Yves Henckes (ADR).**- Ech si guer kee Member vun där Kommissioun.

**M. Mars Di Bartolomeo (LSAP), auteur.**- Wann ech hei en Témoinage soll maachen, géif ech mengen, dass d'Aarbechten an der Kommissioun net bâcléiert waren, mee dass et awer eng bâcléiert Regierungsarbecht war.

Merci!

#### (*Interruptions*)

**M. le Président.**- Also, d'Situatioun ass ze eescht, fir de Geck domat ze maachen. Loosse mer d'Saach seriö huelen, an ech menge mer ginn dem Här Garcia d'Wuert an da lauschtert Der. Ech sinn iwwerzeegt, datt den Här Minister scho kloer an daitlech Stellung hält.

**M. Robert Garcia (DÉI GRÉNG).**- Merci, Här President, an déifster Dankbarkeet, datt ech d'Wuert

nach därer haut den Owend ergräifen, wëll ech dann ufänke mat engem kierchleche Verglach. Mer hu jo iwwer Kierchefabrike geschwat virun.

Eng vun deene schéinste spéitgotesche Kathedrale vun Europa befënt sech a Portugal, an engem klengen Nascht, dat heescht Batalha. An déi Cathedral huet eng Charakteristik, déi huet nach zousätzlech eng Kapell, déi heescht Capela imperfeita, déi onfäerdeg Kapell, an dat ass e ganz schéint Gebai, wou alles voller manelineschem Nippes ass. Do ass just ee klengen Detail, deen e bëssen negativ ass, datt ass den Dach, dee feelt säit 500 Joer op dem Gebai. An dat ass e Verglach, dee mech och e bëssen inspiréiert huet fir deen Débat d'orientation, dee mer sollte säit 15 Méint hei maachen. Mer hunn ee grouse Chantier säit 15 Méint, nämlech den Débat d'orientation iwwert d'Politique de logement vun dëser Regierung, a während mer, iwwert dee Chantier gebéckt, schaffen, kënn dann heiansdo de Minister mat enger Schubkar eran a baut do iergendeng wackeleg Mauer. Da kënnt erëm een anerem eran, a baut nach iergendeppes anesches, an dann huet een och schonn d'Impressioun, datt mat dësem Gesetz schonn ugefaange gëtt Tapéiten ze kliewen, awer dee klengen Detail, dee feelt, ass, datt eis den Dach iwwert dem Kapp feelt.

Lo kënn déi reenereg Saison, an ech well awer zumindest eréischt mam Chantier ufänken, wann ech weess, wéi een Daach dass herno ze erwaarden ass, ob een Daach mat Lächer, oder e richtegen, stabilen Daach, oder ewéi bei de Capelas imperfeitas iwwerhaupt keen Daach herno drop kënn. Wéi gesot...

**Une voix.**- Et ass esouguer eng grouss Cathedral zu Barcelona, déi nach net fäerdeg ass.

**M. Robert Garcia (DÉI GRÉNG).**- Jo, dat ass Santa Maria del Mar, mengen ech.

**Une voix.**- D'Sagrada Familia.

**M. Robert Garcia (DÉI GRÉNG).**- Jo, déi och. Vum Gaudi.

Gutt. Ech well nach eng Kéier drop hiweisen, dass mer séit 15 Méint mat dësem Chantier amgaang sinn, mer hunn eng Interpellatioun gehat vum Kolleg Mars Di Bartolomeo, wou ech awer fannen, dass schonn zimlech déiselwecht Saachen, déi haut erëm eng Kéier gesot ginn, scho gesot si ginn. Mir hunn de Mee vun dësem Joer de Premier Minister Juncker héieren, dee Mesuren annoncéiert huet, déi haaptsächlech op fräiwëlleger Basis axéiert sinn, an dee gedrot huet mat méi contraignanté Mesuren, an haaptsächlech no de Wahlen. Mir hunn am Juli e Package vun éischter fiskale Mesurë kritt a kréien elo haut e weidere Package mat Mesuren, déi zum Deel op der Säit vun den Aides au logement, an zu engem anerem Deel um Renforcement vun de Promoteurs publics ugesidelt hunn. Mir hunn des Weideren - dat ass vläicht nach vill méi interessant - ënnert der Fieder vun Här Hauptert eng 30 Froestellungen do leien, wou mer elo mengen ech um Punkt 8 ukomm sinn, wou et wierklech interessant gewiescht wär, déi Froestellungen och hei an dësem Débat ze thematiséieren. An iergendwéi weess een elo de Moment net, ob ee schonn op déi wesentlech Froen iwwert den Daachbau soll agoen, oder ob ee sech do soll mat den Tapéite begnügen. Ech hunn e bëssen den Androck, wéi wann, wéi och schonn an anerem Débats d'orientation - ech wëll nëmmen den Numm Pisa an d'Arena werfen -, hei eng kleng Verzögerungstaktik am Spill ass. Et gétt versicht, déi wierklech brenzelech an déi onangenehm Froe bis no de Wahlen ze verschieben, an elo e bëssen Augenwischerei ze maachen, a mat punktuelle Mesuren, déi net alleguerter schlecht sinn, mä déi awer sécherlech net dozou bäidroen, fir d'Wunnengsproblematik décisiv ze léisen.

Well, ech muss soen, dass d'Situatioun awer um Terrain ëmmer méi dramatesch gétt, an et ass scho bal skan-

daléis, dass mir hei mussen iwwert d'Recht op eng Wunneng diskutéieren ëmmer mat dem Damoklesschwert, dass all Measure, déi mer maachen, fir d'Demande ze verbessern, erëm opgefaang gëtt duerch Erhéijung vun de Präisser. Domat musse mer rechnen. An ech fannen et scho bal an dem räichste Land vun Europa beschämend, dass dat Recht, dat Mënscherecht, d'Recht op Wunneng, iwwerhaupt nach muss diskutéiert ginn. Eigentlech missten d'Leit an esou engem Land genuch verdéngen, fir dass se och ouni ze vill Aïdë kéinte sech eng Wunneng leeschten.

A wann d'Fro hei gestallt ginn ass vum Mëscherecht op Wunneng, da wëll ech hei en Zitat vun engem eminente Politiker rappeléieren, ech zitéieren eng Kéier kuerz: "Mir sinn nämlech der Meinung, dass d'Recht op eng dezent Wunneng e Recht ass, en Droit de l'homme, wat deeselwechte Stellewäert huet wéi eng Rei vun anere Mëscherechter, déi haut bei ons eng Selbstverständlechkeet sinn, wéi zum Beispill d'Recht op fräi Meinungsäusserung, d'Recht fir fräi ze Reesen. Mir kennen eng ganz Rei vu Rechter, déi eng Selbstverständlechkeet sinn, mä et schéngt, wéi wann dat Recht op méi eng dezent Wunneng, och wa mir mengen, et wär e selbstverständlecht Recht wéi déi aner Rechter, déi ech virdu genannt hunn, et dach awer an der Lëtzebuerger Wierklechkeet, an der europäescher Wierklechkeet, an der weltwäiter Wierklechkeet guer net esou selbstverständlech ass. D'Realitéit ass leider zu engem Deel weinstens eng aner. D'Mëscherecht Wunne gétt hei zu Lëtzebuerg, an dat muss mer frank a fräi agestoen, permanent a ganz oft op déi schlemmsten Aart a Weis mat Féiss getréppelt." Dat Zitat ass vum Här Lucien Weiler beim Débat d'orientation vum 21. November 1990.

D'Konklusioun aus dem Zitat: zwou Konklusiounen. Éischstens, mir fannen also mindestens ee Supporter hei an dësem Raum fir ze deklaréieren, dass d'Wunnen e Mëscherecht ass, nämlech den Här Weiler, deen dat scho virun zwielef Joer gesot huet, a mir stellen och fest, dass virun zwielef Joer d'Situatioun ähnlech war ewéi haut, well soss wärend déi Wiederder hei vum Här Weiler jo net zustan komm, mä et huet een den Androck, dass et ähnlech ass wéi an anerem Dossieren, ech nenne Bildung, ech nennen den Transport, ech nennen d'nohalteg Entwécklung, den Tourismus oder d'Landwirtschaft, dass dës Regierung an déi Regierung virdrun zwielef bis fofzéng Joer laang déi decisiv politesch Schrëtter verschlof oder auf Nimmerlein verschoben huet.

Ech komme kuerz zu dem Projet de loi hei, ech brauch net an den Detail ze goen, well meng Virriedner a Virriednerinnen hunn dat scho gemaach. Ech hu scho gesot, dass et bedauerlech ass, dass mer dëse sektoriellen oder punktuelle Projet de loi virun dem Débat d'orientation hei diskutéieren, an et ass och bedauerlech, dass déi Mesuren hei an dem Gesetz haaptsächlech och ëmmer op der Säit vun der Demande sinn, an nëmmen zum Deel op der Säit vun der Offre publique.

Wéi gesot, et sinn eng ganz Rei vu Mesuren, déi mir och ganz positiv fannen, an déi mir och begrëissen. D'Augmentatioun vum Parc locatif public fanne mer eng positiv Initiativ, och déi Aféierung vun der Garantie locative gesi mer ganz positiv, a genau esou positiv fanne mer déi Ausdehnung vun de Kompetenzen, beziehungsweise vun de Missiounen vum Fonds de Logement.

Da sinn awer och, an do muss ech mengem Virriedner och Recht ginn, eng ganz Rei vu wierklech ganz kuriöse Moossnamen an dem heite Gesetz, an ech zitéieren do fir d'eischt déi berühmte Gartenzwergprämie vun 100 Euro, wéi mir se an der Kommissioun genannt hunn. Dat ass natierlech erëm eng Kéier déi üblech Strenz, déi onselektiv op iergendwellech Kanner, déi zwëschen null a sechs Joer gebuer ginn, wou een och net weess, wou se gebuer ginn, an déi dann do an de Genuss vun 100 Euro kommen.

Mir sinn eigentlech grondsätzlech géint esou eng Strenzpolitik, a mir verstinn och net, wéi ee kann als Partei higoen an nach méi eng verstärkt Strenz fuerderen. Mir sinn eigentlech géint esou onselektiv Moossnamen, a

wann een iwwerhaupt esou eppes gemaach hätt, dann hätt ee jo kënne de Bedürfnftegen dat doten zoukomme loossen. Wann ee géif zum Beispill, amplaz jiddfer neigebuerene Kand 100 Euro op e Kont setzen, deenen 10% wierklech aus bedürftege Familien dat ze ginn. Dann hätten déi eenzel Leit 1000 Euro gehat, an déi hätten da mat Minimum 18 Joer oder 21 Joer sech weinegstens méi kënne leeschten domatter wéi ee Quadratmeter Terra cotta, während elo gi mer hei eng onselektiv Moosssnam déi éischter erënnt un déi berühmte Spuerbéchs vun der Spuerkeess, déi een als Kand do krut, an déi eigentlech als dat ze verstoen ass, wat se wahrscheinlech sinn, just eng elektoralistesch Moosssnam, fir d'Leit gleewen ze dinn, et géif eppes an der Förderung vum Eegenheem geschéien.

Eng weider Measure, déi mer zwar och ganz positiv fannen, ass d'Förderung vun der Mixité sociale, an ech froe mech, ob dat net wäit genuch geet. Well fir eis ass d'Mixité sociale net nëmmen aus dem Grond, dass Leit vu verschiddenen Akommes, a vu verschiddene Sozialschichten beienee wunnen extrem wichtig, mä och an dem Beräich vun der Edukatiounspolitik.

Mir haten hei virun zwee Joer en Débat iwwert d'Integratioun, an do ass eng Motioun vun eis ofgeleent ginn, wou mer gesot hunn, datt misste Mesurë geholl gi fir ze verhënnern, dass an den enge Quartieren nëmmen Ausländer wunnen, an deenen anere Quartieren nëmme Lëtzebuerger, wat dozou féiert, datt et Klasse ginn, wou nëmme ee Lëtzebuerger ass, an aner Klasse ginn, wou nëmmen een Ausländer ass, mat deem Resultat, dat mer kennen, dass a verschiddene Quartieren aus de Schoulen no dem sechste Schouljoer net vill Kanner op de Lycée kënne goen, an an anere Schoulen et just ëmgekiert ass.

Wann een net wëllt Mesurë maache fir esou eng Mixité scolaire ze maachen, da muss ee Mesuren huele fir eng Mixité sociale am Wunnengsbau ze maachen, da muss ee méi strikt Mesuren ergräifen, fir datt ee wierklech an den eenzele Quartieren eng richtig Mixitéit zwëschent de Schichten an zwëschent den Originë vun de Leit erbäiféiert.

Mir bedauern och, awer e bëssen halbhäerzeg, dass den Observatoire aus dësem Gesetz erausgeholl ginn ass. Mir bedauern dat, well en Observatoire vun der Logementspolitik méi wéi jee néideg ass, allerdéngs hu mir schonn drop higewisen, dass e rengen Observatoire, sou wéi en an dem ursprénglechen Text vum Gesetz stoung, eis net duergaange wär, well, wat notzt et fir éischstens e Phenomeen ze observéieren, an näischt kënnen domatter ze maachen. An zweetens muss ee jo awer zouginn, datt de Phenomeen vun der Pénurie vun Logement eigentlech just de Moment, oder an der Zukunft nach méi verstärkt, eng Konsequenz vun der ekonomescher a vun der demographescher Entwécklung ass. Wann een also méi e groussen Observatoire mécht, deen déi demographesch an ekonomesch Entwécklung observéiert, dann observéiert een natierlech de Wunnengsmaat direkt mat, an da kann een déi an den Zesammenhang bréngen.

Dat sinn also e puer vun deene wichtigste Grënn, firwat dat mir eis net kënne wéi déi meescht aner Leit heibanne mat deene punktuelle Mesurë vun dem Gesetz hei averstanen erklären, a mir wäerten eis bei deem heite Gesetz, egal wat nach weider passéiert, enthalten.

Ech wëll awer kuerz zum Ofschloss nach e puer Remarquë maachen - och wann een do sech vläicht e bësse Waasser vun der Millen hält fir den Débat d'orientation, mee do gétt et jo esou vill 30 Froen, datt een ëmmer nach kann seng Zäit domatter fëllen - iwwert den Aspekt vun der Augmentatioun vun der Offer vu Wunraum.

Mir ginn dovunner aus, dass Wunnen e Mëscherecht ass. Da muss een natierlech kucken, fir dee Potential vu verbëllegtem Accès zu Logementer och zum Locatif an zur Propriétéit ze erhéien. Am Locatif hu mer natierlech Limiten, well et kann een net indéfiniment d'Offre publique nëmmen eleng erhéien, an et kann een natierlech och net - wéi soll ech soen - Mesurë maachen, wéi hei scho gefuerdert ass,



dass och nach privat Promoteure géife soziale Wunnengsbau zur Verfügung stellen, well herno misst een och nach d'Loyerer da subventionéieren, dat ass da wahrscheinlech eppes wat ekonomesch net grad sënnvoll ass.

Wat elo d'Baue selwer betrëfft, do gëtt et och Limiten, fir dat méi bëlleg ze maachen, well mir wëlle jo éischstens net, dass mer mat schlechter Qualitéit bauen, a mer wëllen awer och net den Dumping social maachen, mir wëlle jo och, dass d'Aarbechtskraaft am Bau dezent soll bezuelt ginn, a mer wëllen net, dass herno soll vun iergendwelche Firmae mat verbëllegter Aarbechtskraaft verbëllegt Haiser gebaut ginn, sou Plattenbausiedlungen, oder Ähnlech, HLMen, wéi dat am Ausland ass. Also sinn do och eis Méiglechkeeten, wat déi reng Bausubstanz ugeet, relativ limitéiert, an et mierkt een och do, wou öffentlech Promoteure bauen, dass d'Baue selwer awer nach ëmmer relativ deier bleift, an et ass haaptsächlech, also op dem drëtte Beräich, wou et gëllt offensiv ze ginn, nämlech op dem Beräich vun den Terrainen.

Déi Incitatuonsmesurë vum Gesetz vum 30. Juli 2002, déi gi jo schonn im Voraus einem gehorsam als wahrscheinlich net ganz durchschlagend considéiert, soss hätt de Premier net scho gesot, wann se net géife gräifen, da géife méi haart Mesurë geholl ginn. An ech hunn op alle Fall nach vu kengem Buergermeeschter heibannen héieren, dass no deem Gesetz elo massiv bei him Propriétaires d'Klensch gedrëckt hunn, fir ze soen, elo sinn ech erleuchtet, an duerch déi Mesurë bréngen ech elo massiv Bauterrain op de Maart. Ech hunn op alle Fall keen esou e Buergermeeschter...

#### (Interruptions)

■ **Une voix.-** D'Präisser si massiv geklommen.

■ **M. Robert Garcia (DÉI GRÉNG).**- Ech mengen awer, dass mir mussen et eis agestoen, och wa verschidde Leit dat léiwer no de Wahle wëlle gesinn, mir kommen net laanscht méi contraignant Mesuren. Ech well awer dofir e puer prinzipiell Saachen aus eiser Siicht soen.

Eischstens, wann et esou ass wéi den Aménagement-du-Territoires-Minister Wolter eng Kéier gesot huet, dass de bestehende Bauperimeter duergeet fir 700.000 voire 1.000.000 Leit ze logéieren, da si mer op kee Fall fir eng Ausdehnung vum Bauperimeter, héchstens an Ausnahmefäll, déi kéinte sachlech begrënn ginn, an et muss een natierlech kucken, dass ee kompensatoresch Moosnamen trefft.

Zweetens, déi Geschicht mat der Baulandreserv. Mer hunn eis an der Kommissioun soe gelooss vum Här Hupert, dass zum Beispill a Frankräich dat jo heefeg gemaach gëtt, mä dass do awer déi Baulandreserven an de meeschte Fäll ausserhalb vun bestehende Bauperimeter ugeluegt ginn, deelweis esouguer a fräier Flur an an de Bëscher. Do si mer natierlech och, well mer déi Konditioun 1 jo dann emol provisoersch festhalen, dass nämlech genuch Bauland am Perimeter ass, kategoresch dergéint, fir Baulandreserven an de Bësch oder an iergendwellech anere Gebidder unzeleeën.

Drëttens, wann een elo Mesuren hält, fir am ausgewisene Bauperimeter Terrainen zu akzeptabele Präisser op de Maart ze bréngen, da kann een dräi Stufe virgesinn. Éischstens, dat sinn déi Mesures d'incitation, wann se gräifen, dann ass dat jo fein - mer mengen dat net. Déi zweet Stuf, dat wäeren dann e bësse méi repressiv fiskalesch Mesuren, zum Beispill eng Tax op der Rérentioun vun den Terrainen. An, wann dat net soll duergoen, da kann een och vläicht e bësse méi stringent Moosnamen ergräifen. Do kann ech mir och net de Virwurf gefale loossen, dat wär elo vläicht Dirigismus, well ech zitëieren hei kuerz eng Kéier aus dem Avis vun der Chambre de Commerce, dat si jo keng Dirigisten, an déi soen: "D'une manière générale des projets de lotissement de nouveaux terrains à bâtir ne doivent pas être bloqués par les intérêts particuliers. Tout en respectant les principes démocratiques de base, il doit être possible de faire avancer rapidement des projets satisfaisant l'intérêt général, même si cela

risque de se faire au détriment d'un intérêt particulier."

Also vun esou enger Stell ass dat jo bessen erstaunlech ze héieren, mee et ass awer dat, wat d'Chambre de Commerce dozou seet. Wann also déi fiskalesch Mesuren och nach net duerginn, da muss ee vläicht aner Mesuren ergräifen. De Moment ass et jo esou, dass theoretesch d'Gemeng eng gewësse Marge de manoeuvre huet, fir a gewëssene Fäll Expropriatioune virzehuelen. Dat gëtt natierlech aus verständleche Grënn net oft gemaach, an dat muss och net onbedéngt sinn.

Et gëtt vläicht aner Elementer, zu deenen ee ka gräifen. De Minister Wolter huet jo selwer dovunner geschwat, zum Beispill an den neie Lotissements-ter méi ee verdicht Baue virzegesinn, fir dass ee méi Leit do ënnerkritt, eng méi kleng Parcelleierung, eng Mise en commun vu gewësse Servicer a Surfaces, an e bësse méi flächendeckend Modellprojeten, wéi et der jo zu Lëtzebuerg awer bei enger Partie Leit ginn.

En anert Element vun esou enger Politik, fir d'Offer ze erhéijen, wär déi vun dem Bodenmanagement, wéi dat an Däitschland heescht. Dat huet elo näischt mat der Persoun vum...

#### (Interruption)

Déi ass onofhängeg vun der Persoun vum Minister. Dat sinn also Institutiounen, déi et de Gemengen erlaben, méi eng aktiv Roll an der Wunnengspolitik ze spillen. De Minister Wolter schwätzt jo dovunner, fir e Stadarchitekt anzestelle fir Gemengen ab, ech mengen, 6.000 Awunner. Dat ass eng Léisung, déi e bësse pauschal ass. Ech kéint mer och virstellen, dass d'Gemenge sech kéinten op regionalem Niveau zesummendoen, an esou e Bodenmanagementsamt op d'Been setzen, déi och kënne quasi e bessen esou fungéieren wéi eng öffentlech Immobiliengesellschaft an och versiche kënnen, den Aménagement du territoire an hirer Gemeng ze kombinéieren mat enger aktiver Wunnengspolitik.

An da si jo och nach aner Instrumenter op kommunalem Niveau, déi ech awer ganz interessant géif fannen, fir eppes ze maachen, dat ass engersäits de Studentwécklungsplang an anersäits d'Bebauungsplang an d'Bautereglementer. Et kéint een zum Beispill kucken, mëttelfristeg, dass et eenheetlech Norme gi fir déi verschidde Stadtentwicklungs- a Bebauungspläng. Et misst ee kucken, fir an den zoustännegge Gesetzter Studentwécklungsplang a Bebauungsplang méi juristesche ofzeséieren, zum Beispill, andeem ee verschidden Zonen definéiert, innerhalb vun deenen ee kéint méi eng geschlosse Bauweis fuerderen, a wou ee kéint Délaie fixéieren, an deenen de Propriétaire vun engem Terrain muss eppes mat dem Terrain maachen, natierlech mat dem berühmten Droit de préemption fir d'öffentlech Promoteuren.

Deenen öffentlechen an och eventuell private Promoteure kéint een dann och Oploe maachen, fir eng definéiert Stad- oder Duerfentwécklung ze berücksichlegen, zum Beispill, dass een d'Surface commerciale an enger Haaptstrooss, wann déi ënnen ass, muss zu engem Tarif préférentiel entweder verlounen u d'Commerçanten oder verkafen. Well mer musse gesinn, dass ee bei enger Wunnengspolitik net därfer vergiessen och eng Studentwécklungspolitik ze maachen, fir déi exzentresch Entwécklung vun eise Stiet a vun eisen Dierfer ze bremsen a fir erm eng Kéier an de Stadskär niewent dem Commerce an niewent de Servicen och erm eng Kéier eng Kombinatioun zwësche Wunnen a lokalem Commerce an aneren Aktivitéiten zouzeloossen.

Dat kéint dann och zum Beispill bedeiten, dass ee géif an dem Stadzentrum net méi Reglementer maachen, dass all Stot muss x Garageflächen hunn, mee dass een zum Beispill virgesäit fir kleng Parkhaiser ze installéieren, fir dass déi Leit, déi an engem geschlossenen Zentrum wunnen, net mussen ënnen hire Rez-de-chaussée, dee kéint fir e Commerce genotzt ginn, fir eng Garage verwennen.

Wéi gesot, et gëtt eng helle Wull vun Ideeën, an all Kéier, wa mer eng Sëtzung hu vun der Kommissioun, a mir schwätzen iwwert den Débat d'orientation, da kommen erm nei interessant Ideeën op den Dësch. An dofir

well ech nach eng Kéier rappeléieren, dass mir am Juli vum leschte Joer eng Motioun presentéiert haten, wou mer gesot hunn, dass d'Regierung soll eng Rei vu Mesuren op den Dësch leeën, wat se da géif maachen, fir am Beräich vun der Offer vu Bauland a vu Wunnenge méi stringent Mesuren do ze envisagéieren.

Ech stelle fest, dass déi Motioun, genau wéi aner Motiounen, elo säit 15 Méint nach ëmmer am Tirang läit. Dofir, mengen ech, solle mir en Débat d'orientation maachen, wou mer sollen d'Regierung guidéieren, a wéi eng Richtung dass se ginn. An da solle mir an deem Débat d'orientation erm eng Kéier déi Motioun vum der Interpellation erabrëngen oder diskutéieren. Dann dauert et erm eng Kéier zwee Joer, wann déi iwwerhaupt ugehall ginn, bis iwwerhaupt iergendwelch Mesurë geholl ginn. An duerfir well ech higoen, an déi Motioun, déi mir deemools déposéiert hunn, nach eng Kéier déposéieren, allerdéngs an enger ofgeschwächter Form.

Ech gesinn nämlech an, dass d'Regierung, aus de Grënn, déi einleuchtend sinn, net wëllt e Plan d'action proposeréieren virun de Wahlen, déi hir eege Clientèle, zumindest en Deel vun hirer Clientèle, géif virun de Kapp stoussen. Dat muss een eben unerkennen. Ech wollt also els déi Motioun nach eng Kéier erabrëngen.

Déi Motioun ass sou wéit ofgeschwächt, dass se net sollen e Plang presentéieren, mee sollen duerch ee Bureau d'étude kucken, studéiere loossen, wéi eng Mesuren et iwwerhaapt am Ausland gëtt, a wéi eng Mesurë fir Lëtzebuerg iwwerhaapt a Fro kéinte kommen, dann hätte se nach ëmmer d'Gesicht bewahrt, well si kéinten nach ëmmer soen, et ass nëmme studéiert, an da brauche se net hirer Clientèle ze soen, dass se déi Mesurë géifen an iergendenger Legislaturperiod duerchzéien.

#### Motion 2

*La Chambre des Députés,*

*- saluant l'intention du Gouvernement d'intervenir activement contre la spéculation foncière et en faveur d'un accès socialement responsable à la propriété foncière;*

*- craignant que les moyens d'influence par le biais de mesures d'incitation ne risquent de s'avérer insuffisants et que des réglementations ne deviennent inéluçables face à un accroissement probable de la demande;*

*- considérant que dans le scénario d'un succès insuffisant des mesures d'incitation proposées dans la loi du 30 juillet 2002 il serait utile que le Gouvernement dispose d'un éventail de mesures plus efficaces, le cas échéant ayant fait leurs preuves à l'étranger, afin de pouvoir choisir, le moment voulu et le plus rapidement possible, celles qui pourraient s'avérer efficaces dans notre pays;*

*- considérant certaines expériences de "management du sol" au niveau communal à l'étranger;*

*invite le Gouvernement*

*- à faire établir, par un bureau d'études spécialisé, un inventaire des principaux moyens envisageables pour permettre aux pouvoirs publics, notamment à l'Etat et aux communes, d'intervenir d'une façon efficace pour mettre à disposition des citoyennes et citoyens des terrains à bâtir à des prix socialement soutenables;*

*- à proposer, sur base de cette étude, un plan d'action visant à doter les pouvoirs publics du dispositif réglementaire et des moyens financiers nécessaires pour mener une politique d'accès à la propriété foncière socialement responsable.*

*(s.) Robert Garcia, François Bausch, Camille Gira, Jean Huss, Renée Wagner.*

Mee ech kann lech lo scho soen - ech sinn do kee Wahrsager -, dass egal wéi eng Regierung an zwee Joer un d'Rudder kënnt - ech hoffen natierlech, dass et eng aner ass, déi wäert jo misen aner Mesuren huele wéi déi heiten, déi mir haut ofstëmmen, fir dass se der Wunnengsproblematik Här ginn.

Ech soen lech merci.

■ **M. le Président.-** Als leschten Diskussionsriedner ass den Här Serge Urbany agedroen. Den Här Urbany huet d'Wuert.

■ **M. Serge Urbany (déi Lénk).**- Här President, ech wëll grad esou wéi verschidde vu menge Virriedner och hei bemängelen, dass et net seriö ass, wann d'Chamber amgaang ass en Débat d'orientation iwwert de Logement virzubereeden, gläichzäitig d'Regierung higeet an ufanks Juli zwee Gesetzesprojete virbréngt, déi se kuerz virun der Sommervakanz an direkt duerno am Eilverfahren durchbaatscht, wat dann zu esou Konsequenze féiert, wéi se hei deelweis kritiséiert gi sinn, dass nach Mängel am Gesetz sinn, deelweis textlech Lacunen a vill Interpretatiounen méiglech sinn.

Ech hätt och léiwer gehat, d'Chamber hätt zwar déi Texter virgeluegt, awer si wieren diskutéiert ginn, zesummen am Débat sur le logement, an hätte kënnen herno separat ofgestëmmt ginn, well esou wéi et elo funktionéiert ass d'Chamber jo just nëmmen eng Chamber d'enregistrement vu verschiddene Projeten, déi d'Regierung lancéiere wëll an duerchbréngen.

Dobäi ass de Logement bekanntlech - dovun geet jo och d'Regierung aus - ee vu deene wichtigste gesellschaftleche Problemer. Den Exposé des motifs stellt fest, datt et ëmmer méi schwéier gëtt, eng passend Wunneng zu engem verstännege Präis ze fannen, besonnesch an de Stiet.

Et gëtt dräi Ursaache fir déi Präisentwécklung. Éischstens, d'Bauen ass méi deier ginn. Zwëschent 1989 an 1999 ass de Präis vun den Haiser ëm durchschnëttlech 58% geklommen, dee vun den Appartementer ëm 19%. Et läit keng ekonomesch Analyse doriwwer fir, firwat dat esou ass. Et läit och keng Analys doriwwer fir, wéi d'Benefisser zum Beispill vun de Baumentreprise sech während der Zäit entwéckelt hunn.

Zweet Ursaach ass de spektakuläre Boom bei den Terrainspräisser, 171% während deem selwechten Zäitraum, dat läit zum Deel, et ass scho gesot ginn, um spekulativen Zréckhale vun den Terrainen. Et ass bis elo net seriö dogéint agéiert ginn, obschonn eng gesetzlech Basis dofir virläit, ech kommen nach dodrop zréck. D'Gesetz vum Juli op jidde Fall bedeit just eng Prime fir déi, déi bis elo nach den Terrain zréckbehalen hunn.

Drëttens, d'Loyere klammen ëmmer méi an onerreechbar Héichten, et ginn net genuch Mietwunnenge gebaut. Déi öffentlech Mietwunnenge maachen nëmmen 11,43 Prozent vun allen Mietwunnengen aus. Vill Gemenge sinn ausserst retizent, obscho Méiglechkeete bestinn, fir staatlech Subventiounen ze kréien. A Leit mat Geld hu bis elo léiwer Aktie kaaft an op der Bourse spekuléiert, wou d'Benefisser bekanntlech méi héich sinn, oder weinstens waren, a keng héich Baupräisser ze bezuale sinn. Och gëtt méi a Borausraim investéiert wéi a Wunnengen, well do d'Demande méi solvent ass. D'Ursaache vun der Kris am Wunnengssektor sinn also bei den Acteuren um Wunnengsmaart ze sichen, net bei der berühmter Demande, bei deenen, déi Wunnenge brauche well et e Mënschenrecht ass, wéi hei betount ginn ass.

Firwat ass dat esou? Ma natierlech, well déi Acteuren alleguerten hire gréisstméigleche Profit sichen. De Stat sengersäits huet déi Entwécklung nach deelweis subventionéiert duerch seng Politik vun Aides au logement, déi ech awer hei net wëll kritiséieren, well si huet déi ganz Entwécklung weinstens nach deelweis sozial verdréiglech gemaach.

Et muss een awer och soen, wat déi Aides au logement ugeet, dass se awer net esou grouss sinn, wéi dat sech ugesäit, well en Drëttel dovun besteet aus dem Remboursement vun der TVA, déi de Stat scho virdu bekanntlech agesäckelt huet.

Et ass also, menge mir och, Zäit, fir grondleeënd an der Fro vum Logement ëmzedenken. Et ass ee grouss Sträit doriwwer entbrannt, dat kann een an den Avice gesinn. D'Patronatskummere verlaangen haaptsächlech, am Géigesaz zu den Ufuerderunge vum Aménagement du territoire a vum Développement durable, dass d'Con-

traité fir nei Lotissementer gelockert ginn, dass déi Retizenze sollen ophéieren, déi et a verschidde Gemenge vis-à-vis vun neie Lotissements gëtt, da géifen d'Präisser schonn automatesch falen. Dobäi freet ee sech, firwat d'Präisser net bis elo gefall sinn, well jo ëmmerhin awer op ganz ville Plaze ganz vill gebaut ginn ass, an d'Präisser ëmmer nach an d'Luucht gaangen sinn.

Mir mengen au contraire, dass d'öffentlich Interesse virun allem sech elo mussen duerchsetzen; an zwar éischstens d'Interesse no abordablen, confortabele Wunnengen an engem convivialem Umfeld vu sozialen Investitiounen, an zweetens d'Interessen no engem Aménagement du territoire, dee kuerz Transportweeër an eng ëmweltschounend Bauweis virgesäit.

Et ass net esou, dass d'Regierung déi Erausforderunge géif grondleeënd iwwersinn. An dem Train vu Mesuren, déi elo virleien, sinn der eng Rei prinzipiell ze begreissen. Éischstens emol, d'Erhéijung vun de Subventiounen un d'Gemengen, déi a Sozialmietwunnengen investéieren. Mä ech froe mech, ob dat duergeet, well d'Retizenzen vun de Gemenge si jo net nëmme finanzieller Natur. Dacks si se prinzipiell géint sozial Mietwunnengen, a wa si der bauen, dann iwwerloosse si dem Fong d'Gestioun dovunner.

D'Fro ass, ob een net méi dissuasiv Moosnamen e gewësse Moment muss huelen, zum Beispill gëtt et a Frankräich e Gesetz, wat Gemenge penaliséiert, déi net e gewësse Prozentsaz u Sozialwunnengen hunn.

Zweetens begrëisse mir och d'Afféierung respektiv d'Erhéijung vu Subventiounen fir de Bau vu Crèche a Schoulen, vu Spillplazen a Gréngflächen.

Drëttens begrëisse mer och d'Bedeelegung un der Konstruktioun fir Studentewunnheemer, wou et e groussen Nohuelbedarf gëtt, elo schonn, a wéi ass et dann eréischt, wann d'Uni Lëtzebuerg soll realiséiert ginn. Iwwerens sinn ech nach ëmmer gespaant op d'Antwort vun der Ministesch op meng Fro, vun där de Caractère urgent net unerkannt ginn ass, wéini endlech dat nei Unisgesetz, wat scho virun der Sommervakanz ugekënnegt ginn ass, soll déposéiert ginn.

Manner zefridde si mir iwwregens awer mat deene Subside fir d'Fabriques d'église, déi hei schonns zurecht, mengen ech, kritiséiert gi sinn.

Véiertens begrëisse mir och d'Moosnam, bei all subventionéierte gréisserie Bauprojet 10% vu Mietwunnenge virzegesinn, woubäi dee Prozentsaz wuel awer vill ze vill niddereg läit.

Schliesslech ass och interessant d'Verloun vu 25% vun den öffentleche Wunnengen no net soziale Kritären, wouduerch de Stat och um normale Wunnengsmaart Ubidder gëtt. Dat muss awer eiser Meenung no eng präissssenkend Wierkung op d'Loyerer hunn, zum Beispill iwwert de Wee vun dem öffentleche Bauterrain, dee jo dann zur Verfügung steet, dee jo kann d'Präisser verbëllegen, respektiv iwwert de Wee vun Acteuren vun der Économie sociale, déi och am Bausecteur zum Beispill kéinten operéieren. Firwat net zum Beispill Reparaturéquipen, Handwierkséquipen oder souguer Bauéquipen vun der Économie solidaire asetzen, natierlech zu anere Lounen Aarbechtsbedingunge wéi bis elo, mat festen Aarbechtsplazen.

Ech mengen awer, dass och nach weider Efforte vun der öffentlecher Hand musse gemaach ginn. De Programm vun den öffentleche soziale Mietwunnenge muss vill méi substantiell erhéicht ginn, wéi dat bis elo an der Planung vum Fonds de Logement virgesinn ass. D'Aarbechterkummer schwätzt vun enger néideger Vervéierfachung an deenen nächsten zéng Joer, also missten déi Wunnengen eropgoe vu bis elo 3.000 op dann 12.000.

Ech mengen och, dass an d'Gesetz vun 1937 iwwert den Aménagement du territoire misst dra stoe kommen, dass d'Projets d'aménagement och e Plan d'affectation des constructions virgesinn. Ech hunn doriwwer en Amendement agereecht, fir dass d'Gemengen do kënnen op d'Zesummesetzung vun de Bauprojeten awierken, an och zum Beispill verhënnere kënnen, dass Mietwunnenge spéider a Borausraim kënnen ëmgewandelt ginn.



#### Amendement 4

*Il est ajouté un article 23 nouveau ainsi libellé:*

*Dans la loi modifiée du 12 juin 1937 concernant l'aménagement des villes et autres agglomérations importantes, il est inséré à l'article 2, après le paragraphe c), un paragraphe d) ainsi formulé:*

*"d) un plan d'affectation des constructions".*

*(s.) Serge Urbany, François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss.*

Wann een déi bestehend Gesetzgebung géif applizéieren, déi et elo schonn zënter enger Partie vu Jore gëtt, da geséich een, dass do erstaunlech Moosssnamen dra wieren, fir géint Spekulante virzegoen. De Programm d'action logement vun der Regierung rappeléiert eng Rei vun deene Moosssnamen, déi elo scho gesetzlech méiglech sinn, ganz opportun. Zum Beispill därfer laut Artikel 39 vum Mietgesetz nëmme mat der ausdrécklecher Genehmegung vum Schäfferot Wunnengen a Bureauen ëmgewandelt ginn. Am Kommentar dozou heescht et: "Ce texte de loi est resté lettre morte, alors que c'est précisément ce phénomène de conversion des logements en bureaux, ou en locaux à usage commercial, qui a accentué la pénurie des logements, notamment sur le territoire de la Ville de Luxembourg."

D'Madame Beissel huet virdu bedauert, dass et do keng gesetzlech Mëttele gëtt. Ech mengen éischter, dass déi gesetzlech Mëttel, déi et gëtt, vläicht net genuch erkannt an applizéiert ginn.

Awer och dat ganzt Kapitel 5 vum Mietgesetz vun 1955, wat iwwertitelt ass "Mesures pour remédier à la pénurie du logement" - et ass also keng nei Saach, iwwert déi mer hei diskutéieren - gesäit d'Méiglechkeet vir, dass d'Gemeenge kënne fuerderen, dass net occupéiert Wunnengen déklariert ginn, an esouguer kënne se déi Wunnenge réquisitionnéieren, déi net occupéiert ginn. Och am Gesetz vun 1979 gëtt et eng Méiglechkeet fir de Gemengerot fir Terrainen ze expropriéieren, déi no enger Zäit vun dräi Joer net bebaut ginn, nodeem den Eigentümer dozou opgefuerdert ginn ass.

D'Méiglechkeete fir eng Réserve foncière an de Gemengen ze schafen, zesumme mam Fonds de Logement, sinn och virgesinn am Gesetz vun 1979, si gi just nëmmen net genuch applizéiert. An dann och d'Dispositionnen iwwert den Assainissement vu Wunnengen, déi och ganz contraignant sinn, an och zum Beispill fir d'Gemengen eng Obligation de relogement beinhalten.

Et bräicht een also nëmmen a gewësse Fäll déi bestehend Gesetzer ze applizéieren, Här Minister, mee erstaunlecherweis sinn zu Lëtzebuerg grad déi Dispositionnen vun de Gesetzer Lettre morte. An ech froe mech, wéi wäit den Afloss vun de Wirtschaftskreser reecht, wéi verwuerzelt zu Lëtzebuerg d'Propriétairesmentalitéit ass, fir dass esou eppes ka geschéien.

E weidert gutt Beispill fir verschidde konservativ Afloss gesi mir och an der kuerzer Virbereedungsgeschicht vu deem Projet de loi, wou jo den Droit au logement erausgeholl ginn ass aus dem Gesetz. Ech bréngen en Amendement eran, fir en erëm dran ze setzen. Ech wëll et hei net weider motivéieren, well d'Zäit mir fortleeft, a well dat jo scho vu Kollegee virdu genuch gemaach ginn ass. Zweetens schloen ech vir, dass den Observatoire de l'Habitat och erëm an d'Gesetz soll drakommen, allerdéngs mat engem wesentlechen Zousaz, dee virgesäit, dass och kollaboréiert gëtt mat dem associative Secteur, a wéi dat och hei scho kritiséiert ginn ass, dass och dodra virgesi gëtt, dass och deen Observatoire du logement konkret Propositionne ka maachen. Dat ass also och a mengen Amendement hei virgesinn.

#### Amendement 1

*L'intitulé du projet de loi est ainsi modifié:*

*"Projet de loi modifiant 1) la loi modifiée du 12 juin 1937 concernant l'aide au logement, 2) la loi du 12 juin 1937 concernant l'aménagement des villes et autres agglomérations importantes."*

*(s.) Serge Urbany, François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss.*

#### Amendement 2

*Dans l'article premier, le premier tiret est à remplacer par la disposition suivante:*

*"- le droit au logement"*

*(s.) Serge Urbany, François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss.*

#### Amendement 3

*Il est ajouté un article 22 nouveau ainsi libellé:*

*"1) Il est créé un Institut "Observatoire de l'Habitat", auquel il appartiendra de collecter et d'analyser, en collaboration avec les services étatiques et communaux, les syndicats, les acteurs associatifs dans le domaine des interventions sociales et du logement, les données influençant le marché du logement et de diffuser régulièrement des données fiables sur le fonctionnement du marché du logement et de ses composants ainsi que d'élaborer des propositions adéquates pour garantir le droit fondamental au logement. Les analyses, propositions et avis de l'observatoire seront accessibles au public.*

*2) La composition et les modalités de fonctionnement de l'observatoire et ses relations avec les services étatiques et autres ainsi que les indemnités revenant à ses membres et/ou experts appelés à collaborer aux travaux de l'observatoire sont arrêtés par règlement grand-ducal."*

*(s.) Serge Urbany, François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss.*

Zum Schluss nach e puer ganz kuerz Bemierkungen. Am Index vun de Präisser ass de Wunnenssbau krass ënnerbewäert, sou bedréit do zum Beispill de Logement nëmmen 90,6 Promill vum ganzen Index, an 39,3 Promill fir d'Loyeren. Fir ee Verglach ze maachen: D'Brout ass mat 24,4 Promill an de Kéis an d'Eeër mat 20,1 Promill doranner virgesinn. An dobäi weess een awer, dass an der Realitéit de Wunnenssbau an engem normale Stot op d'mannst 30% ausmécht vun de Käschten.

Eng Reévaluation vum Index wier also och zum Beispill eng vun de Moosssnamen, déi sech am Zesummenhang mat der Fro hei géif eiser Meenung no opdrängen.

Et fält och op, dass d'Gesetz keng Ausdehnung vun den Aides au logement virgesäit, obschonn dat awer am Programme d'action vun der Regierung virgesi war, mee awer 100 Euro pro neigebuerent Kand op ee Spuerkont setze wëll, dat ass eng Moosssnam, déi och schonn hei zurecht kritiséiert ginn ass. Mir fannen et eng onwierksam Moosssnam. Et ass am Fong geholl eng Moosssnam fir d'Banken, an ech froe mech, wann een an där Logik bleift, da wäerte mer geschwënn och de Puppelchen e Placement an déi nei Juncker-Rent ubidden, en Urecht fir spéider eng Juncker-Rent ze kréien, da wäert och do geschwënn bei de Banken ee Kont ugeluegt ginn, wou d'Puppelcher da kënnen drop bezuelen. Vläicht ka mol den Här Minister dat mat an d'Regierung huelen, dat wier och vläicht eng ganz interessant Proposition.

Ob jidde Fall, Dir hutt héieren, dass mir also den heite Projet net kënnen tel quel akzeptéieren, well e ganz vill Saachen enthält, mat deenen een net esou kann d'accord sinn. Mir hätte léiwer gesinn, et wier seriö diskutéiert ginn, da wieren déi Feeler, déi drastinn, net virkomm. Dofir wëll ech hei soen, dass ech mech wäert beim Vote enthalten.

■ **M. le Président.**- D'Wuert huet elo den Här Minister fir Wunnenssbau, den Här Fernand Boden.

■ **M. Fernand Boden, Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement.**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech hunn elo keng ganz einfach Aufgab hei, ech hunn am Prinzip 20 Minute fir ze äntweren, ech hu gesinn, et si wéi vill Amendementer, aacht oder néng Amendementer, déi komm sinn, zu deenen ech och soll Stellung huelen, an e puer Motiounen. Ech wëll also versichen, mech esou kuerz ewéi méiglech ze halen, net al-

les dat nach eng kéier ze rappeléieren, wat de Rapporteur an och aner Leit hei gesot hunn, wat se am Projet begréissen an ënnerstëtzen.

Ech wëll just hei merci soen, éischstens mol fir déi breet Ennerstëtzung, déi ech fir eng ganz Rei vu Moosssname kritt hunn, déi am Projet de loi virgesi sinn, zweetens fir déi konstruktiv a gutt Aarbecht, géif ech soen, déi an der Kommissioun gemaach gëtt, fir de Wunnenssbau ze aktivéieren, fir dem Minister, géif ech och soen, de Réck ze stäipen, a fir matzehëllefen, datt mir eppes bewegt kréien.

Ech wëll elo hei och net polemiséieren oder doriwwer debattéieren, wien de Motor ass, a wien den Drock ausübt, ob dat de Wunnensbauminister ass bei der Regierung, fir ee Plan d'Action logement ze maachen, oder ob dat d'Chamber hei ass, déi versicht, iwwer esou Debatte wéi bei der Interpellatioun, oder wéi bei deemem Projet, oder wéi bei der Aktualitéitsdebat, déi jo nach komme wäert. Mä ech mengen, wa mer gemeinsam kucken, fir Neel mat Käpp ze maachen, da wäerte mir och d'Situatioun an dem Wunnenssbau, op dem Wunnensbaumaart verbessere kënnen. Dat soll eise gemeinsamen Intérêt, eist gemeinsam Zil sinn.

Wéi gesot, ech soe virun allem och dem Norbert Hauptert merci, dee sech ganz vill Aarbecht gemaach huet, éischstens mol fir dese Rapport, esou objektiv wéi méiglech ze maachen. Et war och bei enger Enthaltung jiddferree mat dem Rapport do d'accord. Merci dem President vun der Kommissioun, deen och versicht, fir dass do ka gutt Aarbecht geleescht ginn. Merci och all deenen, déi an der Kommissioun konstruktiv matschaffen, och fir d'Orientéierungsdebatten ze preparéieren, déi jo an zwee oder dräi Méint soll kommen.

De Rapporteur huet do, ech géif soen, eng 30 Froe gestallt, déi fundamental Froe sinn, Froen, déi wäit iwwert dat erausginn, wou de Wunnensbauministère eleng zoustänneg ass. Eng ganz Rei vu Froen iwwert den Aménagement du territoire, iwwert de Plan d'aménagement, iwwer Fristen, déi kënne verbessert ginn, an iwwer steierlech Problemer ginn do ugeschwat. Och hei hunn eng ganz Rei vu Riedner en Deel vun där Problematik ugeschwat.

Ech mengen, et ass nach Diskussionsstoff genuch do, wäit iwwert dat eraus, wat bis elo gestëmmt ginn ass, an deenen zwee Gesetzer. Dëst si wichteg Gesetzer, fir de Wunnensbaumaart unzekerbelen, fir virun allem d'Offer ze vergrësseren a fir de Gemengen ze hëllefen a si ze encouragéieren, fir och hir Verantwortung um Wunnensbaumaart ze iwwerhuelen. Well ech wëll dat nach eng kéier soen, wat ech ëmmer scho gesot hunn: Mir kréien nëmmen Erfolleg, wa Stat a Gemenge mat den anere Promoteurs publics a mat de Promoteurs privés zsummeschaffen, wa se alleguerte versichen, fir um Wunnensbaumaart eppes ze bewegen an déi richteg Richtung.

Dëst Gesetz grad ewéi och dat Gesetz iwwert déi steierlech Moosssnamen, wat am Juli gestëmmt ginn ass, déi leeën eng Rei vu wichtige Akzenter, ginn eng Rei vu wichtige Méiglechkeeten, fir datt och d'Gemengen et méi licht kréien, fir hir Verantwortung am Kader vum Wunnenssbau ze iwwerhuelen, datt och aner Promoteuren et méi licht kréien an encouragéiert solle ginn, fir an de Wunnéngsbau ze investéieren datt och d'Leit eng Rei vun Erlichterunge kréien, fir méi gönschteg zu enger Wunneng ze kommen, sief dat en Eegenheem oder eng Mietwunneng. Also, wéi gesot merci fir déi Aarbecht, déi gemaach ginn ass.

Den Här Bartolomeo huet och iwwer seng Proposition de loi hei geschwat, an ech wëll dorun erënnern, datt d'Regierung eng schréfflech Stellungnahm zur Proposition de loi an der Kommissioun virgeluegt huet, datt doriwwer diskutéiert ginn ass, datt och verschidde Saachen, déi am Text vun der Proposition de loi ganz negativ geklongen hunn, op jidde Fall an den Ae vun der Regierung, datt déi och am

Gespréich e bëssen, géif ech soen, nuancéiert gi sinn. D'Texter hunn dat awer net esou hierginn, wéi dat da vläicht geduecht wär. Ech menge schonn, an der Diskussioun huet een eng Rei vu Rapprochementen gesinn an eng Rei vu Virschléi brauche jo net iwwert de gesetzleche Wee, mä kënnen iwwert de reglementaresche Wee ëmgesat ginn. Dofir, mengen ech, gëtt et do eng Rei vu Méiglechkeeten an ech hoffen, datt dat och an der Orientéierungsdebat mat wäert zur Diskussioun kommen, fir eng Rei vun Akzenten ze setzen, déi an déi Richtung ginn, déi vun deenen eenzele Riedner an och an der Proposition de loi ugedäit waren.

Ech wëll elo just op e puer Punkten agoen, déi den Här Di Bartolomeo hei ervirgestrach huet. En huet vun der Statsgarantie geschwat, datt dat e Geheimtipp wär. Ech muss soen, a senger Proposition de loi war eng Verallgemeinerung vun der Statsgarantie virgesinn bis zu 100% vum Prêt, deen een ophëlt, D'Regierung ass a bleift der Meenung, datt et wichteg ass, d'Leit ze encouragéieren an ze incitéieren, fir mat Zäit ze spueren, fir ze weisen, dass se spueren kënnen, datt d'Banken also Vertrauen hu kënnen an hir Méiglechkeeten, fir de Prêt, deen se ophuelen, erëmzebezuelen.

Eng vun deene Moosssnamen, vun där jo hei vill geschwat ginn ass, sinn déi 100 Euro, déi mer fir all Neigebuereenen, fir all Kand, wat op d'Welt kënnt, ginn. Déi 100 Euro-Moosssnam huet zwee Hannergrënn. Mir wëssen, datt mat deenen 100 Euro keen een Haus baue kann, mä et geet dorëm, éischstens emol, een neit Instrument ze schafen. D'Banke si schonn amgaangen nei Produkter vum Bauspueren ze entwéckelen. Se solle Produkter entwéckelen, wou si selwer versichen, d'Leit dozou ze incitéieren ze spueren, fir herno ze bauen, sou datt déi Suen och nëmme kënnen zu deem Zweck ofgeholl ginn, datt een also, wann ee regelméisseg gespuert huet, och vun deene Méiglechkeete vun der Spuerprime, déi haut besteet, ka profitéieren.

Dann och vun der Statsgarantie, déi iwwregens an deemem Gesetz ëm 50% an d'Luucht gehuewe gëtt. Den Haaptobjektiv vun där Moosssnam ass, fir do baussen d'Leit opmierksam ze maachen.

Mir hunn haut schonn en Instrument, wat leider Gottes net genügend bekannt vläicht ass, wat net genügend genotzt gëtt. Mir wellen eben iwwert déi 100 Euro hei, wou da sécher Publicitéit derfir gemaach gëtt, wou nei Produkter entwéckelt ginn, och déi Leit, déi haut méi wéi 0 Joer hunn, déi fënnef, sechs, zéng oder zwanzeg Joer hunn, drop hiweisen, datt et Méiglechkeete ginn, fir Spuerprimen ze kréien a fir eng Statsgarantie ze kréien.

Do ginn et jo eng Rei Konditiounen. Hei kritt net jiddferreen, deen op d'Welt kënnt direkt déi 100 Euro ausbezuelt. Hie muss e Spuerkont opmaachen. An de Reglementer steet, wat fir eng Konditiounen domat verbonne sinn. Do muss d'Famill selwer eppes op d'Spuerbuch leeën. Dat ass net immens vill. Dat sinn 10.000 Franc, fir an de Franzen nach ze rechnen. Et muss een e Spuerkont opmaachen, wou Konditiounen mat verbonne sinn. Déi kann een net mar ophiewe goen. Déi muss een eng ganz Rei vu Joren um Spuerkont stoe loosson. An der Kommissioun ass de Wonsch ausgedréckt ginn, dass een eréischt mat 18 Joer eppes vun deem Spuerkont ophiewen därf. Ech géing souguer mengen et sollt een nach méi wäit goen: Et duerf een nëmmen eppes ophiewe goen am Intérêt fir en Haus ze bauen oder sech eng Wunneng unzeschaffen.

Haut hu mer jo vill Problemer. Et si Leit, déi spueren de Konditiounen no, mee da wellen se en Auto kafen, da gi se d'Suen ophiewen an da falen se net méi ënnert d'Konditiounen, déi haut verlaangt sinn, fir kënnen déi Statsgarantie ze kréien. Duerfir kënnen se net dovou profitéieren. Et geet drëm dat Instrument do méi bekannt ze maachen an d'Konditiounen esou ze maachen, datt d'Méiglechkeet besteet, datt vill méi Leit dovunner kënne profitéieren.

Ech sinn d'accord domat, datt ee kann iwwert de reglementaresche Wee kucken, ob een net de Prozentsaz vun der Statsgarantie fir gewësse Leit, déi gewisen hunn, datt se spueren kënnen, datt se e Loyer regelméisseg bezue-

len, e bëssen ausweide kann. Ech mengen awer net, datt ee soll higoen an op 100% goen. Et ass wichteg, datt mir d'Leit incitéieren, fir ze weisen, datt se spueren kënnen. Da kréien se éischter e Prêt. En Eegenheem ass jo eppes, wat een eemol am Liewen normalerweise uschaaft a wat eng wichteg Décisioun fir jiddfer Famill ass. Duerfir muss ee kucken, fir déi Décisioun en connaissance de cause ze huelen, an ebe gewisen hunn, datt ee Kapassitéite genuch huet, fir kënnen déi Prëten, déi een ophëlt, erëmzebezuelen.

Déi zweet Saach, déi den Här Mars Di Bartolomeo hei ervirgestrach huet, ass d'Location-vente. Ech mengen, datt dat wat hie proposéiert méi contraignant ass wéi wat haut schonn am Gesetz vun 1979 steet. Wann een haut an eng subventionéiert Mietwunneng get an et ass een zéng Joer an der Wunneng, da kann ee soen elo wëll ech déi Wunneng kafen.

■ **M. Mars Di Bartolomeo (LSAP), auteur.**- Awer net an all Fall!

■ **M. Fernand Boden, Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement.**- Dach, wann dat Haus 20 Joer al ass, sécher, da kann een dat maachen. Dat ka jiddferree maachen. Dir sot elo et misst een identifizéieren, wat fir eng Wunnengen herno kënne kaaft gi vun deenen, déi dra ginn. Da muss een also vun Ufank u sech dozou am Fong geholl obligéieren, fir no zéng Joer oder weini dat Haus an déi Wunneng do ze kafen. Haut, wann Dir zéng Joer an enger subventionéierter Mietwunneng waart, da kënnt Dir beim Fong ufroen, fir Eeigentümer vun deem Haus ze ginn. Ech ka mer net virstellen, datt de Fong do dergéint ass.

■ **M. le Président.**- Den Här Di Bartolomeo freet d'Wuert.

■ **M. Mars Di Bartolomeo (LSAP), auteur.**- Här Minister, däréf ech lech eng Fro stellen? Dat, wat Dir elo explizéiert, Här Minister, dat klengt gutt, ass awer leider net esou. Ech ka mir net virstellen, datt de Fong jiddferrengem, deen zéng Joer an enger Mietwunneng wunnt, d'Geleeeënheet gëtt, fir déi Mietwunneng ze kafen. Wann hien dat nämlech géif maachen, dann hätte mer à terme iwwerhaapt keng Mietwunnenge méi zur Verfügung.

De Fong praktizéiert eng Politik, wou e probéiert, dass, wann een aus de Konditiounen vum soziale Wunnenssbau erausfält, de Loyer gehuewe gëtt, fir déi Wunneng erëm fräi ze kréie fir een, deen ënnert d'Konditiounen fält. Duerfir, déi Explikatiounen, déi Dir gitt, kléngen zwar gutt, entspreichen awer kengeswees der Realitéit.

■ **M. Fernand Boden, Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement.**- Déi entspreichen der Realitéit.

#### (Interruption)

■ **M. Mars Di Bartolomeo (LSAP), auteur.**- Här Weiler, an enger politescher Debat am Parlament dierf een engem Minister soen, dass een net mat him d'accord ass. De Statsminister wënscht sech ëmmer eng lieweg Debat. Mir liwweren hei e ganz bescheidene Beitrag, fir datt mer eng lieweg Debat hunn, an datt et wierklech eng Ausernanersetzung gëtt zwëschent deene verschiddene Partelen.

■ **M. Fernand Boden, Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement.**- Här Di Bartolomeo, mir kënnen an der Kommissioun, do ass ënner anerem och de President vum Fonds de Logement dobäi, déi dote Problematik nach eng kéier verdéiwen, mee ech menge schonn, datt de Fong bereet ass, wann een zéng Joer an enger Mietwunneng gewunnt huet a freet, ob hien net Eeigentümer kënnt vun där Wunneng ginn, datt dat, wann et méiglech ass - ech wëll dat dann aschränkend soen -, wäert geschéien. Ech mengen net, datt do vill Refuse komm sinn, mee et waren net esou vill Demanden do, fir Eeigentümer dovunner ze ginn.

■ **M. Mars Di Bartolomeo (LSAP), auteur.**- Mir wäerten duerfir suergen, datt méi Demandë kommen!



■ **M. Fernand Boden**, *Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement*.- Gutt, dat kënne mer jo dann nach virun diskutéieren.

Dann hutt Dir d'Problematik vum Mietzuschuss ugeschwat. Eisen éischten Objekt ass et, och iwwert déi Moossnamen an dësem Gesetz, de Gemengen ze hëllefen, an d'Gemengen ze encouragéieren, fir am soziale Mietwunnensbau méi aktiv ze sinn. Haut hu mer een Acteur am soziale Mietwunnensbau, praktesch nëmmen een, dat ass de Fonds de Logement. Mir wëllen eben iwwert d'Subventionen, déi vu 40% op 70%, respektiv 75% eropgehuewe ginn, d'Gemengen encouragéieren, fir vill méi sozial Mietwunnengen ze schafen. Wa mer dat fäerdeg bréngen, dann hu mer dat Zil, wat mir gären hätten, erreecht. Fir e Mietzuschuss anzeféieren, wou Dir selwer sot do gëtt en Deel ganz sécher verluer doduerch datt d'Mieten erhéicht ginn, ech mengen net, datt dat dee richtege Wee wär.

Ech hoffen, datt déi Offer, déi d'Regierung de Gemenge mécht, fir hinne finanziell staark entgéint ze kommen, fir sozial Mietwunnengen ze schafen, vun de Gemengen ugeholl gëtt. E wichtegt Element am ganze Wunnensbauprogramm ass de Fénnef- oder Méjoresprogramm vun de Logements d'ensemble. Do ass virgesinn, datt praktesch duebel sou vill där Wunnenge gebaut ginn, wéi dat virdrun de Fall war, an zwar 9.000 Stéck, wou der eng ganz Rei iwwer Réserves foncières, déi gemaach ginn, realiséiert ginn. Do sinn eng ganz Rei Mietwunnengen dobäi a Wunnengen, déi fir d'Vente bestëmmt sinn.

Ech hoffen, datt d'Gemenge sech nach weider engagéieren, datt no dësem Gesetz nach aner Amateuren kommen, vun der Säit vun de Gemengen aus, fir bei dem Programm matzemaachen, an datt mer déi Zuel vun 9.000 nach kënnen an d'Luucht hiewen.

Den Här Henckes an nach en aneren hunn hei virgeschloen, datt ee soll d'Méiglechkeete vum subventionéierte Mietwunnéngsbau fir Privatpromoteuren opmaachen. An der Kommissioun hat der doriwwer eng Diskussioun mat der SNHBM. Déi hunn lech erkläert enner wat fir enge Konditiounen een eng subventionéiert Mietwunneng duerf verlounen. Do gëtt nom Revenu gekuckt.

**(Interruption)**

Et ass gesot ginn, datt den duerchschnéttleche Loyer vun esou enger Wunneng 7.000 Frang de Mount ass. Dat geet also kaum duer fir d'Käschten, déi ufalen, ze bezuelen. Dat heescht et wär wierklech de Geck mat de Privatpromoteure gemaach, wa mer géife soen: Zu deene Konditiounen do dierft Dir och matman am soziale Mietwunnéngsbau. Et geet drëm, datt d'öfentlech Hand - dat hei ass eng sozial Aufgab - soll duerfir suergen, datt déi Leit, déi net genuch Akommes hunn, fir sech kënnen eng Mietwunneng um normale private Maart ze leeschten, d'Méiglechkeet kréien, fir eben énnert deene Konditiounen hei zu enger Mietwunneng ze kommen, déi dezent an uerdentlech ass.

Ech géif hoffen, datt do d'Gemenge méi staark dovun profitéieren, well si och eng Responsabilitéit hunn an der Schafung vu Wunnraum. Ech wëllt nach eng kéier op den Artikel 31 vum Mietgesetz hiweisen, wou kloer steet, datt d'Gemenge responsabel si fir deene Leit, déi an hirer Gemeng liewen oder schaffen, eng Wunneng ze beschafen. Dat heescht d'Gemengen hunn do eng Responsabilitéit. Mir si bereet fir finanziell hinnen esou wäit wéi méiglech entgéint ze kommen, datt si där Responsabilitéit kënne méi staark a besser gerecht ginn, wéi dat virdrun de Fall war. Dat ass e wichtegt Element an dësem Gesetz.

Dann erlaabt mer vläicht nach kuerz ze soen, datt d'Regierung - ech hunn dat bei der Interpellatioun scho gesot - d'Problematik vum Wunnensbau eescht hëlt. Mir hunn net geschlof, mir hunn eng aktiv Politik gemaach. Ech wëll just eng Zuel nach eng kéier hei ernimmen: 1990 huet de Stat ronn 1,5 Milliarde Lëtzebuerger Frangen ausginn als Aiden an de Wunnensbaus-ecteur. Haut sinn et ronn 5 Milliarden, an Euro ausgedréckt 125 Milliounen Euro. Dat ass op d'mannst eng Verdäifachung an deene leschten 10 Jo-

er. Dat beweist, datt wierklech de Stat bereet war an nach weider bereet ass, fir massiv Gelder an de Wunnensbau ze stiechen, fir datt dee Wonsch no enger Wunneng oder d'Recht op eng Wunneng, wéi hei gesot ginn ass, net en Dram bleift, mee datt deen esou wäit wéi méiglech Realitéit gëtt.

Mir hunn effektiv ëmmer eng Prioritéit geluegt op d'Eegenheemuschafung, well dat de gréisste Wonsch vun de Lëtzebuerger ass, mee mir si bereet, fir jiddfer Promoteur ob public oder privé ze encouragéieren, fir méi an de Mietwunnensbau ze investéieren. Dat Gesetz iwwert d'Fiskalitéit, wat Der gestëmmt hutt, reegt d'Privatpromoteuren un, fir an de Mietwunnensbau ze investéieren. Den Taux d'amortissement accéléré fir de Mietwunnéngsbau ass verbessert ginn a weider Méiglechkeeten hu sech opgemaach, fir zu bessere Konditiounen kënnen an de private Mietwunnensbau ze investéieren. Hei ass e puermol gesot ginn, datt d'Loyersgesetz heiansdo eng Barrière ass, fir dass d'Privatpromoteuren an de Mietwunnensbau investéieren.

Mir hu jo gesot, an doriwwer diskutéiere mer ganz sécher am Débat d'orientation, datt d'Loyersgesetz reformbedürftig ass an enger Rei vu Punkten. Een dovun steet an der Regierungserklärung. E puer anerer hu mer schonn diskutéiert. Ech sinn op, fir an där Richtung, well dat meng Kompetenz jo ass, e Projet de loi ze presentéieren. Ech wollt dat awer net elo maachen, well Dir soss nach eng kéier gesot hätt: "Dir kommt stéckweis hei mat Projeten an d'Chamber. Mir hunn net d'Méiglechkeet gehat, fir dat an engem Débat d'orientation richtig duerchzediskutéieren." An zwee bis dräi Méint hu mer deen Débat. Ech hoffen, datt mer do iwwert déi Problematik schwätzen. Ech sinn da gäre bereet, deenen Ureegungen Rechnung ze droen an der Chamber e Projet an där Hinsicht ze presentéieren.

Da wëll ech nach agoen op eng Rei vu Problemer, déi vun deenen eenzelen Diskussionsriedner hei opgeworf gi sinn. Ech soe merci fir déi Diskussiounen, déi hei gefouert gi sinn. Et sinn eng Rei vu Leit, déi hunn d'Pénurie vum Logement e bëssen a Fro gestallt. Si hu gesot et géif oft iwwerdrifwe ginn. Ech mengen, dee gréisste Problem sinn effektiv d'Baulandpräisser. Do muss ee kucken, fir d'Offer ze vergréisseren, an déi Präisser e bësse besser an de Grëff ze kréien. Dat ass d'Haaptzil vun deene villen Aktiounen, déi d'Regierung gemaach huet an nach mécht. Ech wëll nach eng kéier déi 9.000 Wunnengen ernimmen, déi sollen iwwert de Méjoresprogramm geschafe ginn, déi vill Wunnengen, déi de Stat wëllt schafen am Kader vun der Revaloriséierung vun de Friches industrielles an am Kader vun der Aménagéierung vum Kierchbiereg, wou jo 20.000 Awunner sollen hikommen.

Et gëtt eng ganz Rei vun Elementer, wou mer Incentivé wëlle schafen. Och déi steierlech Moossnamen, déi zäitlech begrenzt sinn, sollen d'Leit encouragéieren, fir elo Bauplazen a Wunnengen op de Maart ze bréngen. Mir hoffen, datt dat en Erfolleg huet. Wann net - dat huet de Statsminister jo kloer gesot -, da muss een ebe méi contraignant Mesuren ergräfen, fir beim Bauland e Präisstopp erbaizeféieren oder déi Präisentwécklung ze brem-sen.

Wat d'Ugebuet u Wunnengen ubelaangt - Dir hutt dat jo selwer hei e puermol gesot -, esou sinn an deene leschten zéng Joer ronn 30.000 Stéit hei am Land bäikomm. Mir hunn awer och an deene leschten zéng Joer ronn 30.000 Wunnenge méi geschafen. Dat heescht d'Zuel vun de Stéit, déi bäikomm sinn, an d'Zuel vun de Wunnengen, déi geschafe gi sinn, halen sech plus ou moins d'Wo. Dat heescht, et ass keng méi grouss Pénurie komm. Dat, wat mir Suerge gemaach huet, dat ass, datt, nodeem datt mir gemierkt hunn, datt d'Zuel vun de Wunnengen, déi fäerdeg ginn, an d'Luucht geet an deene leschte Joren, d'Zuel vun den Autorisations de bâtir, also vun de Bauautorisationen, erofgaangen ass an deene leschten zwee Joren, souguer staark erofgaangen ass.

Et weess een, datt dat sech e puer Joer duerno an der Zuel vun de fäerdege Wunnengen auswierkt. Do hu mer gemierkt, dass do e Problem op eis zoukënnt. Gott sei Dank, géif ech

soen, ass am éischten halwe Joer vun 2002 den Trend erëm staark ëmgedréint. 13 oder 14% méi Bauerlaabnisser sinn erausgaange wéi am nämlechten Zäitraum vum Joer virdrun. Ech hoffen, datt den Aktiounsprogramm vun der Regierung an déi Diskussiounen hei an der Chamber dozou bäigedroen hunn. Mir wäerte versichen d'Offer weider ze vergréisseren an do Efforten ze maachen.

Déi grouss Zuel vu Ménagen, déi bäikomm sinn, huet deels eng demographesch Ursaach, well d'Stéit ëmmer méi kleng ginn, mee et huet natierlech och domat ze din, datt vill Leit an eist Land erakomm sinn, well mer en immens grouss Wirtschaftswuesstum haten. Mir wëssen, datt esou e Wirtschaftswuesstum net op éiweg Zäite garantéiert ass. Et kann also ganz gutt sinn, datt déi Ängschten, déi een elo huet, datt dat géif esou weidergoen, an datt géifen ëmmer esou vill Stéit bäikommen, net berechtegt sinn, well dee Wirtschaftswuesstum ka gebremst ginn.

Dat heescht et muss een d'Entwécklung genee analyséieren. Duerfir hu mir gesot: Mir schafen am Kader vum Ministère en Observatoire du logement, deen déi Saachen do soll iwwerwaachen. Dir hutt deen éischten Numero vun deem Observatoire zougestallt kritt, dee regelméisseg Publikatiounen iwwert d'Situatioun um Wunnengsmaart soll erausginn, fir eis alleguer ze erméigleche méi en connaissance de cause eis Politik deemno ze axéieren.

Iwwert déi Prime vun 100 Euro hunn ech e puermol geschwat. Et soll en Encouragement si fir op e wichtegt Instrument, wat besteet, wat awer net genügend bekannt ass, opmierksam ze maachen an d'Leit ze incitéieren, fir an d'Richtung vum Bauspueren ze goen.

■ **Une voix**.- Här Minister, Är Zäit ass ofgelaaf.

■ **M. Fernand Boden**, *Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement*.- Jo. Ech kommen elo nach op d'Amendementen ze schwätzen an op d'Motiounen. Gutt, ech wëll déi aner Saachen iwwersprangen an direkt op d'Amendementen agoen, well Dir jo gären dozou eng Stellungnahm vun der Regierung hätt.

Am éischten Amendement gëtt gefrot, den Intitulé ze änneren. Ech mengen, do ass en Dréckfeeler geschitt. Do geet Rieds vum Gesetz iwwert d'Aide au logement. Dat ass awer net d'Gesetz vum 12. Juni 1937, mee et ass dat vum 25. Februar 1979, wat mer elo hei diskutéieren. Deen Amendement ass also ze verwerfen, well e falsch ass.

Am zweeten Amendement steet, dass d'Promotion du droit au logement erëm soll an den éischten Artikel ageschriwwe ginn. Mir hate jo d'Promotion du droit au logement dra stoen. De Statsrot huet eng Rei vu fundéierten Argumenter ginn, fir doraus d'Promotioun vum Accès au logement ze maachen. Mir sinn der Meenung, datt een deen Amendement net soll unhuelen. Et si jo hei Froen opgeworf ginn, ob een net sollt an der Verfassung d'Recht op wunnen aschreiwelen. Et ass un der Chamber, fir selwer doriwwer ze befanen, iwwert déi Resolutioun.

Et muss ee sech natierlech bewosst si wellech Konsequenzen dat huet, och fir d'Gemengen. Et soll een esou Saachen net iwwerstierzt hei décidéieren, mee et soll een dat examinéieren, d'Pour a Contré wierklech op den Dësch leeën, an da kucken, ob een dat soll maachen oder net soll maachen.

Am drëtten Amendement gëtt gefrot, fir den Observatoire de l'habitat erëm an den Text ze setzen. E stung jo dran, mee de Statsrot an anerer hu gemengt dat soll vum Ministère selwer gemaach ginn. Et soll e Service am Ministère selwer ginn. Mir hunn dat akzeptéiert. Mir schaffen do enk zesumme mat dem CEPS, deen eis Hëllefstellung leescht, fir eng besser Iwwersiicht iwwert d'Situatioun um Wunnensbaumaart ze kréien. Mir hoffen, datt dat dozou féiert, datt mir kënne regelméisseg Publikatiounen doriwwer erausginn. Deen Amendement kënne mer net akzep-

téieren. An der Kommissioun ass jo doriwwer diskutéiert ginn an dat ass ofgelehnt ginn.

Am Amendement véier gëtt gefrot, fir d'Gesetz vum 12. Juni 1937 iwwert den Aménagement des villes et autres agglomérations ze amendéieren. Deen Amendement kënne mir och net unhuelen, well deen net an dëst Gesetz erapasst, mee ech wëll lech just soen - an Dir wësst dat och -, datt den Innenminister amgaangen ass d'Gesetz vum 1937 ze reforméieren, esou datt Dir an absehbarer Zäit e Projet de réforme vum Gesetz vum 1937 hei op den Dësch wäert kréien.

Dat ass dann de Kader, fir iwwert dës Problematik ze diskutéieren. Ech hat jo an der Kommissioun proposéiert, datt ee soll mam Innenminister driwwer schwätzen en vue vun der Préparatioun vum Débat d'actualité iwwert de Logement, fir déi Problematike vun de Fristen an den Aménagéierungspläng fir déi jo den Innenminister zoustänneg ass, an der Kommissioun ze diskutéieren an am Kader vum Débat d'actualité dorobber anzegoen.

Zum Amendement fénnef huet den Här Garcia jo gesot et wär ganz schlëmm, wann een eppes, wat schonn eng Primnestrenz wär, nach géif weider ausdehnen. Hei gëtt gefrot, datt all Kand, wat manner wéi 18 Joer ass, soll dee Montant vun 100 Euro op e Compte d'épargne-logement kréien. D'Regierung ass der Meenung, datt een dat soll nei aféieren, mee datt ee soll allegueren déi, déi keng 100 Euro kréien, drop opmierksam maachen, datt en Instrument besteet, datt wann ee während dräi Joer dausend Frang de Mount, dat heescht 12.000 Frang d'Joer, gespuert huet, een da kënnt eng Bauprime kréien, déi entsprechend héich vun deene Suen ass, déi ee gespuert huet, dat Ganzt mat engem Plafong, an datt an deem Fall d'Statsgarantie och spille kann. Et geet drëm, fir d'Leit op dat Instrument opmierksam ze maachen. Mir kënnen net déi Ausdehnung op d'Kanner ënner 18 Joer unhuelen.

An deem nächsten Amendement gëtt proposéiert, fir de Gemengen nach méi entgéint ze kommen, wann an engem gréissere Lotissement, deen de Fong mécht, Garderieën, Crèchen oder e Schoulsall muss gebaut ginn. De Fong soll do jo an Zukunft 50% bäileeën. Do ginn da Verglacher gemaach mat aneren, datt se bei Schoull-klassesäll sollen 80% bäileeën.

De Fong ass net zoustänneg, fir Bähëllefen un d'Gemengen ausze-deelen. Dat gëtt no Kritäre gemaach, déi den Innenminister festgeluegt huet. De Minister huet gesot hie wär bereet, mat de Gemengen zesummen doriwwer ze diskutéieren.

■ **Une voix**.- Wéini?

■ **M. Fernand Boden**, *Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement*.- Hien ass amgaangen, fir dat ze maachen, fir allgemeng mat de Gemengen ze diskutéieren iwwert d'Obligatioun vum de Gemengen an doriwwer, wat de Stat bereet ass fir déi Obligatiounen, déi d'Gemengen hunn, finanziell ze begleeden.

Hei ass de Fong bereet, fir en Effort ze maachen, fir 50% bäizeleeën. Wann den Innenminister an deenen Diskussiounen do op 80% géif kommen, da wär et kee Problem, datt den Inneminister dat, wat iwwert déi 50%erausgoe géif, bäileeë géif.

Fir gewëssen Infrastrukture gëtt haut e Prozentsaz, dee méi héich ass wéi 50%, ausbezuel. Mir hu mam Innenminister ofgemaach - mir schwätzen och heiansdo mateneen, Här Di Bartolomeo, och wann Dir dat net esou gleeft -, datt, wann eng Gemeng en héijere Prozentsaz zegutt hätt, den Innenminister da géif dee Supplément, deen d'Gemeng zegutt hätt, bezuelen, esou datt jiddfereen op d'mannst dee Minimumsockel vu 50% géif kréien.

■ **M. Mars Di Bartolomeo** (*LSAP*), *auteur*.- Entschëllegt Här Minister, suergt just duerfir, dass net den Intérieur ausbezilt, well do dauert et ëmmer 10 bis 15 Joer, bis dass ee seng Sue kritt.

■ **M. Fernand Boden**, *Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement*.- Da kënnt den Amendement Numero siwen. Do ass am Rap-

port vun der Kommissioun laang driwwer geschwat ginn. Do geet et ëm d'-Kompositioun vum Fonds de Logement. D'Argumenter stinn am Rapport vun der Kommissioun, wuerfir dass d'Majoritéit vun der Kommissioun der Meenung war, fir dat net esou ze akzeptéieren, wéi et an dësem Amendement gefrot gëtt.

Ech wëll eng Klammer opmaachen iwwert de Fonds de Logement, well jo gesot ginn ass, et wier hei net de Moment an net d'Zäit fir iwwer en Artikel, deen haut an enger Dageszeitung war...

■ **M. Mars Di Bartolomeo** (*LSAP*), *auteur*.- Net iwwer en Artikel, mee iwwert de Rapport vun der Cour des Comptes.

■ **M. Fernand Boden**, *Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement*.- Dat ass e Problem, e Rapport vun der Cour des Comptes ass mir net bekannt. Ech muss dat ganz éierlech soen.

**(Interruptions)**

Deen ass anscheinend de Membere vun der Kommissioun vum Contrôle budgétaire zougestallt ginn. Ech hunn eng Kopie vun engem Bréif kritt am August vun engem éischte Rapport vun der Cour des Comptes un de Fonds de Logement.

Do ass vun engem Examen contradictoire Rieds gaangen. De Fonds de Logement soll äntworten. De Fonds de Logement huet dorobber geäntwert. Ech war ëmmer der Meenung elo géif do en Examen contradictoire gemaach ginn an da géif deen definitive Rapport vun der Cour des Comptes kommen. Or, ech hun elo héieren, dass iergend en Dokument an d'Chamber komm ass, e grouss Rapport vun 130 Säiten, wou Berichter iwwer x Auditen dra wäeren, an ee vun deenen x Audite wär dee vun der Cour des Comptes iwwert de Fonds. Do wäeren hir éischt Bemerkungen dran an d'Äntwerte vum Fonds wäeren do hannendrun.

Esou hat ech mer dat am Fong net virgestallt. Ech muss dat ganz éierlech soen. Bei engem Examen contradictoire si mer ëmmer gewinnt, bei der Europäescher Kommissioun, dass een dann den Äntwerte Rechnung dréit a kuckt, wat ass richtig a wat ass falsch dorunner. Ech si gäre bereet, fir an déi Commission du Contrôle budgétaire ze kommen an doriwwer Rechnung ofzeleeën.

Ech wëll just soen, dass de Fong menger Meenung no eng gutt Aarbecht mécht. De Fong huet an de leschten zéng Joer, ech mengen, iwwer 5 Milliarden Chiffre d'affaires gemaach. Am Exercice 2000, deen elo zur Diskussioun steet, mengen ech, waren et ronn 700 Milliounen Lëtzebuerger Frang. Also et ass de major Player op d'mannst am subventionéierte Wunnensbau, deen derfir suergt, dass viles geschitt an dass Leit, déi e manner héicht Akommes hunn, zu akzeptable Präisser un eng Wunneng kommen, entweder eng Eegewunneng oder eng Mietwunneng. Si maachen an dësem Beräich eng ganz gutt Aarbecht.

Ech fannen net, dass se net géife genuch kontrolléiert ginn, wéi dat esou ukléngt. De Fonds de Logement gëtt kontrolléiert vun engem Réviseur d'entreprise. Dat ass keng gesetzlech Obligatioun. All Joer mécht de Réviseur d'entreprise e Rapport. Dee war nach ëmmer positiv. Ech schécken, soubal wéi ech dee Rapport kréie vum Réviseur d'entreprise, dee Rapport mat de Konten un d'Chamberskommissioun. Da geet en un d'Cour des Comptes. De Fong huet zwou Kontrollen: eng Kontroll vum Réviseur d'entreprise, wéi eng privat Firma, an eng Kontroll vun der Cour des Comptes.

**(Interruption)**

Jo, ech wëll. Ech hunn héieren Dir hätt awer ganz am Ufank vun der Sitzung, wéi ech net hei war, driwwer geschwat.

■ **M. Jacques-Yves Henckes** (*ADR*).- Neen, neen.

■ **Une voix**.- Hien huet gesot, hie géing net drop agoen.

■ **M. Jacques-Yves Henckes** (*ADR*).- Ech hu just gesot gehat, dass do soll an der Kommissioun diskutéiert ginn. Wann Dir awer wëllt, da kënne mir d'Debatt ufänken.

**(Interruption)**



■ **M. Fernand Boden, *Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement***.- Neen, ech wëll just hei soen, dass Kontrollen do sinn, dass mir an där Commission du Contrôle budgétaire sollen doriwwer diskutéieren an aller Offenheet. Da kann een do kucken, wat do richteg a falsch ass, a wat eventuell muss anescht gemaach ginn, wann do Saache sinn, wou ee mengt et misst anescht gemaach ginn. Ech sinn och gäre bereet mat der Cour des Comptes zesummenzekommen, well ech mer erwaart hat si géifen opgrond vun där Äntwert vum Fong soen: Dat do kënne mir akzeptéieren, dat do kënne mir net akzeptéieren, esou, géife mir mengen, sollt Dir et an Zukunft maachen. Ech si, wéi gesot, gäre bereet mat der Cour des Comptes zesummenzekommen, fir ze kucken, wat hire Wonsch an dëser Hinsicht ass. Wat elo d'Kompositioun vum Fong ubelaangt, si mir der Meinung, datt dat, wat am Rapport vun der Kommission steet, soll esou gemaach ginn, an datt deen Amendement hei net soll ugehall ginn.

Da kommen ech zum Amendement Numero aacht, wou den Här Henckes jo e ganz groussen Numero gemaach huet, fir dat Wuert "étranger" ze sträichen.

#### (Interruption)

Ech wëll soe wou dat heiten hierkënn. Zënter 20 Joer stëmmt Der all Joer e Budgetartikel, wou dat hei dra steet. Wat ass de Sënn heivunner?

#### (Interruption)

Et si just Baumentrepreneure an e puer Hotelieren, déi dovunner profitéiert hunn. De Sënn heivunner ass, dass, wann déi Friemaarbechter eranhuelen, déi net direkt eng Wunneng kréien, oder Schwieregkeeten hunn eng Wunneng zu engem uerdentleche Präis ze kréien, da kënnen déi fir déi eng Wunneng bereet stellen. Da kréien déi Friemaarbechter eng Wunneng, mee dat sinn - Logisen hunn déi virdru geheesch - keng grouss luxuriéis Logementer. Si kréien do bäigehollef, dat si 40%, a bis zu engem Plafong vun 250.000 Frang.

#### (Interruption)

Et duerf een net een Artikel eleng kucken. Déi ganz Kritäre muss ee genee nokucke beim subventionéierte Wunnengsbau.

■ **M. Jacques-Yves Henckes (ADR)**.- Jo.

■ **M. Fernand Boden, *Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement***.- Souwuel d'Vente wéi de Locatif. Hei geet et ëm d'Locatioun. Do sinn eng Rei vu Kritäre festgeluegt.

■ **M. Jacques-Yves Henckes (ADR)**.- Wat fir eng Artikelen, Här Minister?

■ **M. Fernand Boden, *Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement***.- Kuckt emol d'Artikele 17, 18 an 19, déi applizéieren sech alleguer. Dat geet net wéi Dir sot fir räich Banquieren, dass déi eppes maache fir hir Employéen. Dat ass absolut net méiglech, well et muss ee schonn ënnert d'Konditiounen vum soziale Wunnengsbau falen, fir iwwerhaapt heivunner kënnen ze profitéieren. Jo, dat ass awer esou, Här Henckes. Dat ass esou.

■ **M. Jacques-Yves Henckes (ADR)**.- Ech liesen Iech et elo gläich vir.

■ **M. Fernand Boden, *Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement***.- Jo, da liest et roueg vir. Kuckt, ech kennen d'Gesetz do.

#### (Brouhaha général)

Ech wëll just soen, datt et eppes ass, wat zënter 20 Joer all Joer hei vun der Chamber als Budgetartikel decidéiert ginn ass. Mir wollten deem eng legal Basis ginn. Esou e Projet muss an de Fënnefjoresplang mat eragehall ginn. Et ginn eng Rei vu Konditiounen, déi ze erfëlle sinn. Et si Konventiounen mat de Patrone gemaach ginn. Déi Patronen dierfen nëmmen e Loyer froen, deen dem Revenu entsprécht. Dat heescht et gëllen déi nämlecht Konditiounen wéi am soziale Mietwunnengsbau.

bau. Ech denken, dass et wierklech nëmmen an aussergewöhnleche Fäll, héchstens vun Entrepreneuren, ka gemaach ginn.

■ **M. Jacques-Yves Henckes (ADR)**.- Neen.

■ **M. Fernand Boden, *Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement***.- Esou war et an der Vergaangenheet ëmmer.

■ **M. Jacques-Yves Henckes (ADR)**.- Ah jo, mee Dir hutt en neit Gesetz gemaach.

■ **M. Fernand Boden, *Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement***.- Ech soen dann hei: Wann et sech géif erausstellen, dass do iergendeen Abus géif kommen, da sinn ech deen Éischten, deen hei an d'Chamber kënnt a seet, dass mir dat doten ofännere mussen.

Et ass drëm gaangen, fir dem Patron vu Leit, déi fir d'éischt an d'Land kommen an déi mir brauchen, d'Méiglechkeet ze ginn, fir deene Leit eng bëlleeg Wunneng zur Verfügung ze stellen. Et besteet ee Plaffong vun 250.000 Frang, ech mengen net, datt een do ganz deier a luxuriéis Wunnenge kann duerfir maachen. Ech wollt dat just nach eng kéier soen.

#### (Interruptions)

■ **M. le Président**.- Loosst de Minister dach schwätzen.

■ **M. Fernand Boden, *Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement***.- Deen nächsten Artikel, wou hei e groussen Numero gemaach ginn ass, wou et drëm geet, datt d'A.s.b.l.e kënnte bis zu 75% gehollef kréien, wa si eng Konventioun mat der Regierung maachen. Dat ass eppes fir sozial agestellten A.s.b.l.en, wéi mir der haut hunn, wéi "d'Stëmm vun der d'Strooss" zum Beispill, loosse mer déi nennen, oder anerer. Et muss ee jo Konventiounen maachen.

#### (Interruption)

Dach, et steet dran, dass eng Konventioun muss gemaach ginn an do ginn d'Kritäre dra fixéiert. Et geet also drëm, fir wierklech sozial Benodeelegten ze hëllefen, datt se iwwert d'Mathëllef vun enger A.s.b.l., déi am soziale Beräich schafft, kënnen ënnert de zente Konditiounen zu enger Mietwunneng kommen. Dat ass de Sënn an den Zweck dervun. Esou wäerten d'Konditiounen och weider festgehalen ginn. Do besteet och schonn zënter 20 Joer, mengen ech, e Budgetartikel doriwwer. Mir wollten dat am Gesetz festhalen, well et net gutt ass, wann een 20 Joer laang iwwer e Budgetartikel dat mécht.

Do gëtt wierklech versicht, fir all Abusen ze évitéieren. Et muss e Règlement grand-ducal gemaach ginn, an esou Projekte ginn an de Fënnefjoresplang ageschriwwen. Ech soen och do: Wann et sollt iwwer Jurisprudence derzou kommen, datt mer do missten d'Dier méi wäit opmaache wéi mir dat wëlle maachen, dann ännere mir deen Text direkt erëm.

Dat ass net de Sënn dovun. Et geet drëm, fir wierklech sozial Schwaachen entgéint ze kommen, dass se kënnen zu enger Wunneng kommen. Bei all deene Wunnengen, déi ech genannt hunn, och bei den Entrepreneuren, geet et just drëm, dass se een, zwee oder héchstens dräi Joer dra bleiwen, an da kucken eng aner Wunneng ze kréien. Et geet drëm, fir en Iwwergang ze iwwerbrécken. Do bleift kee laang dran, well et ass qualitativ net esou, datt et ganz interessant wär, fir jorelaang dran ze bleiwen. Ech wollt dat just nach eng kéier zur Erklärung soen, well den Här Henckes trotz allem e groussen Numero dorausser gemaach huet.

■ **M. le Président**.- Här Minister, Dir misst zum Schluss kommen.

■ **M. Fernand Boden, *Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement***.- An der Motioun 1 geet et drëm, fir datt mer bis den Dezember 2002 géifen déi Augmentatiounen, déi an der Proposition de loi vum Här Di Bartolomeo virgesi waren, an engem Projet de règlement festhalen. Wann Dir déi schréfflech Stellungnahm vun der Regierung op d'Proposition de loi

vum Här Di Bartolomeo noliest, da gesitt Dir, dass hien eng Rei vu Saache proposéiert huet, déi wierklech kee Sënn maachen. Ech hunn him dat och gesot.

#### (Interruption)

Et ass och net ëmmer einfach, ech sinn domat d'accord.

Dir hutt zum Beispill proposéiert e gewësse Prozentsaz op 75% erop ze setzen, an zwar wann een Infrastruktur fir Bauplaze mécht. Am Gesetz steet och, dass d'Gemeng muss 25% bäileeë vun deem, wat de Stat bäileet. Dat heescht, da misst also d'öffentlech Hand 100% fir d'Bauplaz bäileeën. Si misst also fir null Frang verkafen. Dat ass jo net de Sënn dovun gewiescht. An enger Rei vu Fäll ass et net machbar déi Tauxen ze applizéieren, déi Dir proposéiert hutt.

#### (Interruption)

Ech hunn Iech nach eng kéier gesot, dass d'Regierung bereet ass, d'Plafong vum Akommes an d'Luucht ze hiewen, fir dass Leit mat mëttlerem Akommes kënnen an de Genoss vu subventionéiertem Wunnengsbau kommen. Si sollen net héich Primé kréien, mee virun allem sollen se éligibel gi fir dee subventionéierte Wunnengsbau vum Fonds de Logement a vun öffentleche Promoteuren.

Da kënnen se zu vill méi gënschtege Konditiounen zu engem Eegenheem kommen. Dat ass de Sënn an den Zweck vun deem, wat mir wëlle maachen. Méi Leit sollen éligibel gi fir de subventionéierte Wunnengsbau a mir wëllen net jiddferengem 50% oder 25% bäiginn. Et ass vill méi komplizéiert. Mir wëllen d'Veerdeelung vun den Aidé jo méi gerecht maachen, der Kompositioun vum Ménage méi staark Rechnung droen. Dat heescht Famillje mat Kanner kommen da besser ewech, wéi dat haut de Fall war. Dat ass net méiglech, no deem Text wéi Dir e proposéiert hat. Mir wëllen an déi Richtung do goen. Dat huet d'Regierung an hirer Regierungserklärung ugekënnegt a mir wäerten dat och maachen. Duerfir kënne mir déi Motioun net telle quelle unhuelen.

Et ass eng zweet Motioun do vun der grénger Fraktioun, déi den Här Garcia hei presentéiert huet. Et besti jo schonn eng ganz Rei Méiglechkeeten vum Stat a vun de Gemengen, fir Bauland op de Maart ze bréngen. Ech hunn eréischt dovun geschwat, wat d'Regierung wëlles huet bei de Frichen, wat d'Regierung wëlles huet um Kierchbiereg iwwer öffentlech Bauträger. D'Gemengen kréien d'Méiglechkeet duerch dëst d'Gesetz, fir an déi Richtung ze goen. Dat hei passt éischter eran an de Kader vum Débat d'actualité, wéi an de Kader vun dësem Gesetz. Ech wär bereet, dass een déi Motioun zrécksetzt, fir an der Kommission dat ze diskutéieren oder soss géif ech proposéieren, fir se ofzelehnen, well eng ganz Rei vu Méiglechkeeten haut scho bestinn. Dat brauch een net alles nach eng kéier ze examinéieren.

■ **M. le Président**.- Dir Dammen an Dir Hären, d'Diskussioun ass elo ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vun den Artikelen a stëmmen driwwer of.

#### (Interruption)

Dir hutt den Amendement dach eraginn.

■ **M. Jacques-Yves Henckes (ADR)**.- Jo, mee ech wëll en awer nach exposéieren. Ech hunn zéng Minutten Zäit.

■ **M. le Président**.- Mir diskutéieren en, wann et esou wäit ass. Et gëtt jo een nom anere virgedroen.

■ **M. Jacques-Yves Henckes (ADR)**.- Bon.

■ **M. Gast Gibéryen (ADR)**.- Här President, eise Member huet nach d'Recht, fir Parole après ministre ze froen a mir hunn nach siwe Minutten Zäit, fir ze schwätzen.

■ **M. le Président**.- Jo, mee hie géing gären zum Amendement schwätzen. Et war bis elo üblech, datt een dee Moment, wou deen Artikel kënnt, dozou geschwat huet.

■ **M. Jacques-Yves Henckes (ADR)**.- ..., fir dat an engem Coup ze maachen. Da brauch een net zweemol...

#### (Hilarité)

■ **M. Robert Mehlen (ADR)**.- Här President, de Minister huet 100% iwerzunn. Mir hunn nach 7 Minutten zegutt.

■ **M. Jacques-Yves Henckes (ADR)**.- Här President, mir versiche just nëmmen an deenen Zäiten, déi ons zur Verfügung stinn - an deene puer Minutten -, fir Stellung ze huelen, ze reagéieren op dat, wat den Här Minister gesot huet.

Här Minister, ech hunn hei eng Lecture vum Gesetz kritt. Dat steet net esou am Text, dee mir haut sollen ofstëmmen. Duerfir war ons Proposition gewiescht, Här Minister, datt wann ee wëllt als Législateur, als Chamber, eng gutt Aarbecht maachen, da muss ee prezis Texter hunn, déi dat alles virgesinn. Mir musse leider feststellen, Här Minister, datt dat, wat Dir sot, nierendwou am Text steet.

Am Text steet dran, datt en Employeur, fir elo beim Artikel 30bis ze bleiwen, ka bis zu 40% vun engem Bau finanzéiert kréien, wann e fir seng auslännesch Aarbechter oder Beamte baut. Deen eenzeg, deen also excluëiert ass, ass de Lëtzebuerger. Dat steet kloer an ditlech am Text. Déi aner Konditiounen vum Artikel 17, Här Minister, do ass selbstverständlech kee Problem, fir déi ze erfëllen. Do steet dran et mist eng Isolation thermique dra sinn. Do steet dran, se missten am Bauperimeter gebaut ginn an nach e puer aner Saachen, wou deen Deel am Logement locatif ass. Domat hu mir absolut kee Problem, fir dat nach mat a Betracht ze zéien, mee dat, wat iwwreg bleift, dat ass, datt wann de Patron wëllt fir seng lëtzebuergesch Salariaéen eppes bauen, da kritt en näischt. A wann e fir déi aner eppes wëllt bauen, do ass guer näischt vu klengen oder schlechte Wunnenge gesot ginn. Dat ass einfach sans critère festgehalen ginn.

Duerfir hunn ech geduecht, wann Dir nëmme fir déi kleng Wunnengen eppes maache wëllt, da muss een dat iwwer e Règlement grand-ducal oder soss eppes regelen, mee dat ass net geschitt. Den Text ass net gutt. Mir sinn hei verantwortungsvoll, fir eng gutt legislativ Aarbecht ze leeschten, duerfir ons Remarque. Mir kënnen, esou wéi den Text hei libelléiert ass, net d'accord sinn.

Deen zweeten Deel, dat ass dat mat den A.s.b.l.en. Här Minister. Dir hutt ons gesot do misst eng Konventioun mat deene geschafe ginn. Déi eenzeg Konventioun, déi Dir kënnt maachen, dat ass ze soen, datt se de Subsid kréien. Et steet nierendwou am Gesetz, dat mir virleien hunn, datt iergendeng Konditioun gestallt ass un d'A.s.b.l., sauf déi, eng A.s.b.l. ze sinn. Méi steet net dran. Och do, Här Minister, wann Dir mengt, datt do aner Konditiounen missten dobäi sinn, dann hätt dat missen am Gesetz nidergeschriwe ginn. Et ass awer net geschriwwen ginn.

Dat ass dat, wat ech just wollt ervirsträichen, Här Minister. D'Gesetz ass op deene Punkte fir ons net akzeptabel. Dir hutt eng Ouverture gemaach, datt Dir et héchstwahrscheinlech géingt an nächsten Zäit änneren. Et wär besser gewiescht, elo uerdentlech Aarbecht ze maachen.

■ **Des voix**.- Très bien.

■ **M. le Président**.- D'Diskussioun ass ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vun den Artikelen vum Projet de loi 4977. Mir fänken u mam Inititulé, dat ass en éischten Amendement vum Här Serge Urbany. Deen Amendement läit textuell vir. Den Här Urbany freet d'Wuert.

■ **M. Serge Urbany (déi Lénk)**.- Här President, ech zéien dësen Amendement an den Amendement 4 zréck. Ech waarden op dat neit Gesetz, wat

do soll kommen iwwert den Aménagement du territoire.

An deem heiten Amendement ass tatsächlech e materielle Feeler dran: Den Datum vum Gesetz ass falsch. Dee Feeler wier jo nach ze redresséieren, mee vu dass ech den Amendement 4 zréckzéien, huet et kee Wäert méi am Inititulé vum Gesetz, nach eng kéier dat Gesetz ze erwähne vun 1937, wat ech domadder ännere wollt.

■ **M. le Président**.- Et ass gutt.

■ **M. Serge Urbany (déi Lénk)**.- Ech halen awer drop, dass iwwert d'Amendementen 2 an 3 ofgestëmmt gëtt.

■ **M. le Président**.- Den Här Di Bartolomeo freet d'Wuert.

■ **M. Mars Di Bartolomeo (LSAP), *auteur***.- Här President, ech wollt just eppes soe wéinst der Form. Mir haten am Laf vun der Debatt gefrot, dass iwwert d'Proposition de loi ofgestëmmt géif ginn. Duerfir d'Fro un de President, wéi mir dat elo maachen? Et wär eigentlech logesch, dass fir d'éischt iwwer d'Proposition de loi géif ofgestëmmt ginn.

■ **M. le Président**.- Mir hunn de Mëtteg hei d'Gesetz diskutéiert. Mir stëmmen elo of iwwert d'Gesetz, well déi aner Prozedur, dat wär en neie System.

■ **M. Mars Di Bartolomeo (LSAP), *auteur***.- Här President, mir sinn a Presenz vun enger Proposition de loi, déi aviséiert ass.

■ **M. le Président**.- Déi Proposition de loi ass integréiert ginn an d'Gesetz. Dir konnt Är Bemierkunge maachen an d'Kollegen hu Stellung dozou geholl, mee wat elo ofgestëmmt gëtt, dat ass d'Gesetz.

■ **M. Mars Di Bartolomeo (LSAP), *auteur***.- Okay.

#### (Interruption et hilarité)

■ **M. le Président**.- Mir kommen elo zur Lecture vun den Artikelen vum Projet de loi 4977 a stëmmen doriwwer of.

#### Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)

Den Artikel 1 ass gelies.

#### Amendement 1

Zum Artikel 1 läit en Amendement vum Här Urbany vir. Deen halt Dir jo oprecht, wann ech Iech gutt verstanen hunn?

■ **M. Serge Urbany (déi Lénk)**.- D'Amendement 1 a 4 sinn zréckgezunn.

■ **Une voix**.- Den Amendement 2 gëllt och nach fir den Artikel 1.

■ **M. Serge Urbany (déi Lénk)**.- Nee, nee. Den Amendement 1 gëllt fir den Inititulé vum Gesetz. Den Amendement 2 gëllt fir den Artikel 1 vum Gesetz an doriwwer soll ofgestëmmt ginn. Ech froen e Vote électronique, well dat mer awer ganz wichteg schéngt. Et geet hei ëm den Droit au logement.

#### Amendement 2

■ **M. le Président**.- Mir stëmmen iwwert den Amendement 2 of, deen zum Artikel 1 abruecht ginn ass.

#### Vote

Déi fir den Amendement 2 si stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthalen sech.

Den Amendement 2 ass verworfen mat 45 Nee-Stëmmen, 6 Jo-Stëmmen an enger Abstenitioun.

*Ont voté oui: MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener (par M. François Bausch);*

*M. Serge Urbany.*

*Ont voté non: MM. Willy Bour, Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferry Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;*



Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu (par M. Claude Meisch), MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. John Schummer), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;

M. Jean Asselborn (par M. Ben Fayot), Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err et M. Ben Fayot;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

S'est abstenu: M. Jean Colombera.

Den Artikel 1 ass an där Form ugeholl, wéi e vun der Kommissioun virgeluegt gouf.

D'Artikelen 2 bis 4 si gelies an ugeholl.

Den Artikel 5 ass gelies.

Amendement 5

Zum Artikel 5 hu mir en Amendement vum Här Di Bartolomeo virleien.

Mir stëmmen dann elo of iwwert den Amendement vum Här Mars Di Bartolomeo, deen ech lech net brauch virzeliesen, well Dir hutt en alleguer schréfflech virleien. En ass explizéiert ginn, de Minister huet dozou Stellung geholl, sou dass mir direkt iwwert den Amendement 5 zum Artikel 5 vum Här Mars Di Bartolomeo kënnen ofstëmmen.

Vote

Déi fir den Amendement 5 sinn, stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder enthale sech.

(Interruptions)

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP), auteur.- Eis Leit si bei der Basis.

(Hilarité)

M. le Président.- Den Amendement 5 ass ofgelehnt mat 47 Nee-Stëmmen a 5 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: M. Jean Asselborn (par Mme Mady Delvaux-Stehres), Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err et M. Ben Fayot.

Ont voté non: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu (par M. Marco Schroell), MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Jeannot Belling), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;

MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener (par M. François Bausch);

M. Serge Urbany.

Den Artikel 5 ass an där Teneur ugeholl esou wéi vun der Kommissioun proposéiert.

D'Artikele 6 bis 11 si gelies an ugeholl.

Amendement 6

Zum Artikel 12 hu mir en Amendement vum Här Mars Di Bartolomeo. Den Amendement 6 erkläert ginn an den Här Minister huet Stellung dozou geholl, sou dass mir direkt kënnen zum Vote vum Amendement zum Artikel 12 iwwergoen.

Vote

Déi fir den Amendement sinn, stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder enthale sech.

Den Amendement 6 ass verworff mat 34 Nee-Stëmmen an 19 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: MM. Jean Asselborn (par Mme Mady Delvaux-Stehres), Alex Bodry (par M. Ben Fayot), Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err et M. Ben Fayot;

MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener (par M. François Bausch);

M. Serge Urbany.

Ont voté non: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu (par M. Claude Meisch), MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Jeannot Belling), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach.

Den Artikel 12 ass an där Teneur ugeholl wéi vun der Kommissioun virgeschloen.

D'Artikelen 13 bis 17 si gelies an ugeholl.

Amendement 8

Zum Artikel 18 hu mir en Amendement vum Här Henckes. Den Amendement läit lech schréfflech vir. En ass explizéiert ginn an de Minister huet Stellung dozou geholl.

Den Här Ben Fayot freet d'Wuert.

M. Ben Fayot (LSAP).- Här President, ech wollt d'Abstentioun vun eiser Fraktioun zu deem Amendement kuerz erklären.

Mir hunn d'Explikatioune vum Här Minister gehéiert. Mir sinn awer der Meenung - a mir wëssen, wat an der Vergaangenheet war -, dass e Gesetzesartikel a sech schlësseg muss sinn. De Sënn muss kloer sinn. Onser Meenung no gëtt den Text dat net erëm, wat den Här Minister wollt, duerfir kënnen mir dësen Amendement zum Deel mat droen. Mir fannen awer - étant donné d'Vergaangenheet vun deem Ganzen-, dass eng aner Formulatioun hätt misste gesicht ginn. Mir kënnen awer net mat deem Amendement honnertprozenteg d'accord sinn, och no deenen Explikatiounen, déi den Här Henckes hei ginn huet.

Den Artikel 18 ass gelies.

M. le Président.- Mir stëmmen elo of iwwert den Amendement 8 vum Här Henckes zum Artikel 18.

Vote

Déi fir den Amendement 8 sinn, stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder enthale sech.

Den Amendement 8 vum Här Henckes ass verworff mat 35 Nee-Stëmmen, 7 Jo-Stëmmen an 9 Abstentiounen.

Ont voté oui: MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Ont voté non: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu (par M. Gusty Graas), MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par Mme Simone Beissel), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;

M. Serge Urbany.

Se sont abstenus: M. Alex Bodry (par M. Mars Di Bartolomeo), Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err et M. Ben Fayot;

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira et Jean Huss.

Domat ass den Artikel 18 ugeholl an där Fassung wéi e vun der Kommissioun virgeschloeginn ass.

D'Artikelen 19 bis 20 si gelies an ugeholl.

Den Artikel 21 ass gelies.

Amendement 7

Zum Artikel 21 kënnt den Amendement 7, dee vum Här Mars Di Bartolomeo abuecht ginn ass. Deen Amendement ass explizéiert ginn an de Minister huet dozou Stellung geholl. Mir kënnen direkt zur Ofstëmmung iwwergoen.

Vote

Déi dofir fir den Amendement 7 sinn, stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder enthale sech.

Den Amendement ass verworff mat 33 Nee-Stëmmen an 19 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: M. Jean Asselborn (par M. Ben Fayot), Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot et Lucien Lux (par M. Mars Di Bartolomeo);

MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener (par M. Robert Garcia);

M. Serge Urbany.

Ont voté non: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu (par M. Claude Meisch), MM. Gusty Graas, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach.

Domat ass den Artikel 21 ugeholl an där Fassung wéi e vun der Kommissioun virgeschloeginn ass.

M. Serge Urbany (déi Lénk).- Ech hunn nach en Amendement ofginn.

M. le Président.- Jo, dee kënnt elo. Eent nom anert. Elo hate mir den Artikel 21 an elo komme mir zu Ärem Amendement zum Artikel 22.

Den Artikel 22 ass gelies.

Amendement 3

En Amendement 3 vum Här Serge Urbany zum Artikel 22 läit vir. Dir hutt e schréfflech virun lech leien, sou dass mir direkt kënnen driwwer ofstëmmen.

Vote

Déi fir den Amendement 3 sinn, stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder enthale sech.

Den Amendement vum Här Urbany ass verworff mat 40 Nee-Stëmmen an 12 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: M. Jean Asselborn (par M. Ben Fayot), Mme Mady Delvaux-Stehres, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot et Lucien Lux (par Mme Mady Delvaux-Stehres);

M. Jean Colombera;

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener (par M. François Bausch);

M. Serge Urbany.

Ont voté non: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu (par M. Claude Meisch), MM. Gusty Graas,

Paul Helminger (par M. Gusty Graas), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach.

Domat ass den Artikel 22 ugeholl an där Fassung wéi e vun der Kommissioun virgeschloeginn ass.

Dir Dammen an Dir Hären, da kéime mir elo zum Vote iwwert d'Gesetz a senger Gesamtheit.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi fir de Projet de loi 4977 sinn, stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder enthale sech.

De Gesetzesprojet 4977 ass ugeholl mat 41 Jo-Stëmmen, 7 Nee-Stëmmen a 6 Abstentiounen.

Ont voté oui: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu (par M. Claude Meisch), MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Théo Stendebach), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;

M. Jean Asselborn (par M. Ben Fayot), Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Mars Di Bartolomeo) et Jeannot Krecké (par Mme Mady Delvaux-Stehres);

Ont voté non: MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

Se sont abstenus: MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener (par M. François Bausch);

M. Serge Urbany.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote?

(Assentiment)

Et ass esou décidéiert.

Motion 1

Da kéime mer elo zu de Motiounen, fir d'éischt d'Motioun 1 vum Här Di Bartolomeo. Ech huelen un, dass Dir domat d'accord sidd, wa mer par main levée ofstëmmen, Här Di Bartolomeo?

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP), auteur.- Wann Dir dofir sidd, da kënnen mer par main levée ofstëmmen.

Vote

M. le Président.- Mir gesinn dat elo.

(Hilarité)

Vote

Wie fir d'Motioun 1 vum Här Di Bartolomeo ass, ass gebieden d'Hand an d'Luucht ze hiewen.

Wien ass dogéint?

Wien enthält sech?

Et besteet keen Zweifel, d'Mehrheet ass dogéint. D'Motioun 1 ass ofgelehnt.

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP), auteur.- Et ass eng licht Majoritéit.

Motion 2

M. le Président.- Da komme mer zur Motioun 2 vum Här Robert Garcia, deen e Vote électronique verlaangt.

Vote

Déi fir d'Motioun 2 sinn, stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder enthale sech.

D'Motioun 2 ass verworff mat 34 Nee-Stëmmen, 12 Jo-Stëmmen a 7 Abstentiounen.

Ont voté oui: Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Mars Di Bartolomeo) et Mme Lydia Mutsch (par Mme Mady Delvaux-Stehres);

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener (par M. Robert Garcia);

M. Serge Urbany.

Ont voté non: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu (par M. Claude Meisch), MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Xavier Bettel), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach.

Se sont abstenus: MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Résolution 1

Da komme mer zu de Resolutiounen. Déi éischt Resolutioun ass vum Här Di Bartolomeo abuecht ginn. Mir stëmmen of iwwert d'Resolutioun 1.



www.avenir-europe.lu  
de Lëtzebuerger Site  
iwwert den EU-Konvent



Vote

Wie fir déi Resolutioun ass, ass gebieden d'Hand an d'Luucht ze hiewen.

■ M. Mars Di Bartolomeo (LSAP), *auteur* .- Här President, bei där doter Resolutioun wär ech frou, wann et zu engem Vote électronique géif kommen.

■ M. Lucien Weiler (CSV).- Da gesäit een awer um Vote, datt net méi vill Sozialisten hei sinn. Dat ass de Problem.

■ M. Ben Fayot (LSAP).- Här President, ech wëll lech soen, datt d'Procuratioun net ëmmer kënnt. Mir haten elo schonn zweemol d'Procuratioun iwwerhaapt net.

■ M. Ie Président.- Oh!

■ M. Lucien Weiler (CSV).- Dat ass d'sozialistesche Fraktioun no den nächste Wahlen.

(Hilarité)

■ M. Ie Président.- Et war awer ni en Zweifel iwwert d'Mehrheet, esou dass et net esou schlëmm ass.

(Interruption)

■ M. Mars Di Bartolomeo (LSAP), *auteur* .- Fir d'Mënscherecht wäerts Du jo awer stëmmen.

■ M. Ie Président.- Mir stëmmen elo of iwwert d'Resolutioun 1 vum Här Mars Di Bartolomeo.

Vote

Déi fir d'Resolutioun 1 sinn, stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder enthalen sech.

D'Resolutioun vum Här Di Bartolomeo ass verworfen mat 34 Nee-Stëmmen an 19 Jo-Stëmmen.

*Ont voté oui: Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jeannot Krecké (par Mme Mady Delvaux-Stehres) et Lucien Lux (par M. Mars Di Bartolomeo);*

*MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener (par M. François Bausch);*

*M. Serge Urbany.*

*Ont voté non: MM. Willy Bourj, Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu (par M. Jean-Paul Ripinger), MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. John Schummer), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Ripinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach.*

Résolution 2

Da kéime mir elo zur Resolutioun 2 vum Här Henckes.

Vote

Déi fir d'Resolutioun 2 sinn, stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder enthalen sech.

D'Resolutioun 2 ass verworfen mat 35 Nee-Stëmmen, 7 Jo-Stëmmen an 9 Abstentiounen.

*Ont voté oui: MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.*

*Ont voté non: MM. Willy Bourj, Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu (par M. Claude Meisch), MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Jeannot Belling), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Ripinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;*

*M. Serge Urbany.*

*Se sont abstenus: Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err et M. Ben Fayot;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener (par M. Robert Garcia).*

Dir Dammen an Dir Hären, domat wäre mir um Enn vun eiser Sitzung vun haut ukomm. Déi nächst Sitzung ass den nächsten Dënschdeg a fänkt um dräi Auer un.

D'Sitzung ass opgehuewen.

**(Fin de la séance publique à 19.56 heures)**

Sommaire des séances publiques

Clôture de la session ordinaire 2001-2002 et ouverture de la session ordinaire 2002-2003	page 1
Confirmation de la composition du Bureau	page 1
Election du Secrétaire général de la Chambre des Députés	page 1
Composition des commissions parlementaires réglementaires, permanentes et spéciales	page 1
Composition des délégations parlementaires luxembourgeoises auprès des assemblées parlementaires internationales	page 1
Discours de M. Jean Spautz, Président de la Chambre des Députés	pages 1-2
Hommage à la mémoire de M. Alain Schaack, ancien Député	page 2
Communications	pages 2-3
Ordre du jour	pages 3-4
Dépôt d'un projet de loi	page 4
Question urgente 1847 de M. Jos Scheuer relative à la pollution bactérienne de l'eau potable	page 4
Projet de loi 4784 relative aux activités privées de gardiennage et de surveillance	pages 4-9
Communications	page 10
Projet de loi 4871 portant création d'un second établissement d'enseignement secondaire technique à Esch-sur-Alzette	pages 10-13
Projet de loi 4978 autorisant le Gouvernement à subventionner un huitième programme quinquennal d'équipement sportif et modifiant l'article 1er de la loi du 24 décembre 1997 concernant le septième programme quinquennal d'équipement sportif	pages 13-18
Ordre du jour	page 19
Dépôt de deux propositions de révision de la Constitution	page 19
Question urgente 1852 relative aux activités terroristes sur notre territoire national	pages 19-20
Motion de M. Jean Asselborn sur la situation en Irak	pages 20-23
Projet de loi 4977 modifiant la loi modifiée du 25 février 1979 concernant l'aide au logement	
et	
Proposition de loi 4908 portant modification de la loi modifiée du 25 février 1979 concernant l'aide au logement	pages 23-36



Chambre  
des Députés  
L U X E M B O U R G

d'Chamber live  
**Chamber TV**  
och an der Rediffusioun  
all Sëtzungsdag  
vun 19:00 Auer un

d'Chamber online op  
**www.chd.lu**  
mat de Rubriken

- Composition & Organisation
- Séances publiques & Commissions
- Hôtel de la Chambre
- Portail documentaire
- Web TV live